Conseil communal

Séance publique du 29 septembre 2008

Durée de la séance: *14.30 à 17.20 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Albert Muller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Welter Gilbert, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	/

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos :

1. Personnel: nomination d'un éducateur diplômé (m/f) à tâche complète et à durée déterminée pour les besoins des Maisons Relais de Lamadelaine et Rodange - décision.
2. Enseignement
   - 2.1. Démission volontaire d'une institutrice de l'enseignement primaire - décision.
   - 2.2. Démission volontaire d'un chargé de cours.
   - 2.3. Nomination de sept instituteurs (m/f) dans l'enseignement primaire - erreur matérielle - décision.
3. Enseignement musical
   - 3.1. Nomination d'un chargé de cours (m/f) pour la percussion et le drumset - décision.
   - 3.2. Nomination d'un chargé de cours (m/f) pour la contrebasse à cordes - décision.
   - 3.3. Nomination d'un chargé de cours (m/f) pour le piano - décision.

Séance secrète :

4. Indigénat: demandes en obtention de la nationalité luxembourgeoise - avis.

Séance publique :

5. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
6. Administration générale
   - 6.1. Adhésion au mouvement « Mayors for Peace » - décision.
   - 6.2. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.
   - 6.3. Budget de l'exercice 2008: service ordinaire, première modification des recettes et des dépenses - décision
   - 6.4. Recensement fiscal annuel - indemnisation supplémentaire des agents-recenseurs pour le recensement des chiens - décision.
7. Propriétés: emprises à Rodange, rue du Clopp:
   - 7.1. Cession par AREA PROMOTIONS IMMOBILIERES de Lamadelaine.
   - 7.2. Cession par M. et Mme David EVERARD-BENJEDIA de Rodange.
   - 7.3. Cession par M. et Mme Claudiano TRAVESSA-BATATA de Rodange.
   - 7.4. Cession à M. Isidoro ANTUNES et Mme Ernestina CERQUEIRA LEITAO de Pétange.
   - 7.5. Echange avec MM. Franco GARGANESE et Frédéric DORI de Rodange

   - décisions de principe.

8. Enseignement: contrat de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
9. Urbanisation
   - 9.1. Plan d'aménagement particulier EDICO S.A. de Mondercange - construction d'un ensemble résidentiel à Pétange, rue des Ateliers, lieu-dit « Oberst Daessent » - approbation d'un avenant à la convention signée avec le promoteur.
   - 9.2. Plan d'aménagement particulier RODANGE LOTISSEMENT S.A. de Sandweiler - réalisation d'un lotissement à Rodange, lieux-dits « A la Croix Saint-Pierre », « Aux Vieilles Parts », « A la Wissi », « A Heisdriesch » et « Au chemin de Brouck » - approbations provisoires.
10. Environnement: nouvelle convention « Klimabündnis Lëtzebuerg» - approbation.
11. Transports et communications: règlement temporaire de la circulation routière - confirmation.
12. Vie associative
    - 12.1. Octroi de subsides à des associations - décision complémentaire.
    - 12.2. « Latino Dancers » de Pétange - nouveaux statuts - admission sur la liste des associations à subventionner - décision.
    - 12.3. « Jeet Kune Do » - changement du siège social.
    - 12.4. « Land Rover Club Lëtzebuerg asbl » - changement du siège social.
13. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

Les points 1 à 4 de l'ordre du jour ont été traités en séance secrète, respectivement en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

Mlle Jennifer Kreins, de Pétange, est nommée au poste d'éducateur diplômé (m/f) à tâche complète et à durée déterminée pour les besoins des Maisons Relais de Lamadelaine et Rodange.

La démission volontaire est accordée à *Sœur Thérèse Mangen*, institutrice de l'enseignement primaire avec effet du 1er octobre.

M. Jeff Herr est nommé chargé de cours pour une classe de percussion / drumset (degrés inférieur et moyen).

Mme Téodora Krüger est nommée chargée de cours pour une classe de contrebasse à cordes pour l'année scolaire 2008/2009 (degrés inférieur et moyen).

M. Jerry Dahm est nommé chargé de cours d'une classe de piano (degrés inférieur et moyen).

5.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer hätten och nach dräi Kommunikatiounen ze maachen. Zwou dovunner wäert ech maachen, déi drëtt mécht den Här Breyer.

Der hutt et alleguer gemierkt, datt vum 1. September un de Schantjen an der Péitenger Schwämm ugaangen ass. Et ass e ganz grousse Schantjen, deen, dovunner si mer bal iwwerzeegt, déi eng oder aner Iwwerraschung verstoppt. Déi éischt Iwwerraschung koum schonn elo no 14 Deeg Aarbecht. Wéi mer de Basseng auslafe gelooss hunn, hu mer d'Kontroll gemaach vun de Bassenge selwer. Do war virgesi fir liicht Korrekturen, liicht Opbesserungen ze maache vun de Plättercher am Basseng. D'Situatioun ass awer wesentlech méi schlëmm wéi mer eis dat virgestallt hunn. Dat heescht, et fënnt een e ganze Koup Plazen, wou d'Plättercher sech ganz einfach lassgeléist hunn. Eisen Architekt huet eis gesot a proposéiert, dee ganze Basseng nei ze maachen. Dat heescht, nei Plättercher ze leeën an och nei ze isoléieren. Dat kéint sécherlech gutt doe bei deem Schantjen. Dat heescht awer sécherlech op däer aner Säit, datt Méikäschten op eis duerkommen. Den Architekt ass amgaangen, dat elo auszerechnen. Mer wäerten – méi wéi sécher – dem Gemengerot an de Budgetsdebatte proposéieren, en zousätzleche Kredit fir dës Aarbechten ze stëmmen. Aarbechten déi, wa mer se elo net maachen, eis an dräi oder véier Joer virun d'Décisioun stellen, datt mer se dann dee Moment definitiv musse maachen. Dofir menge mer, et wier schonn ubruecht fir dat et elo ze maache wa mer schonn 4 oder 4,5 Milliounen an déi Schwämm investéiere fir se nees fit ze maachen.

D'Gréissenuerdnung vun deenen Aarbechten ass nach net definitiv désignéiert, mee mer schwätze vu ronn 300.000 Euro. Dat wäerte mer dann an nächster Zäit hei am Gemengerot ënnerbreet kréien, an da muss e seng Entscheedung treffen.

Ech wollt awer de Gemengerot elo schonn informéieren, net datt dobaussen eppes gezielt gëtt an de Gemengerot weess net Bescheed. Dofir hunn ech eech déi Informatioun, déi mer d'lescht Woch kruten, haut weiderginn. Mee déi lescht Entscheedung gëtt net geholl ier am Gemengerot gréng Luucht dofir gi gouf.

Norbert Pierre (LSAP):

Kann een net an d'A faasse fir de Basseng am Inox ze maachen ? Kéint een do net emol en Devis ufroen ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Do schwätze mer vun 1 bis 1,5 Milliounen Euro. Wann ech vergläiche mat deem, wat mer elo zu Rodange hunn, dann ass dat wesentlech méi deier. Den Architekt huet och gesot, an de sougenannte Schoulschwämmen – well hei schwätze mer jo vun enger Schoulschwämm, déi haaptsächlech fir d'Bedierfnesser vun de Schoule gebraucht gëtt – sinn a priori Plättercher. Mer kënnen dat nach eng Kéier analyséieren, mee ech mengen, datt mer vu ganz aner Präisser schwätzen. Mee mer kucken dat awer nach a mer ginn eech och zu däer Variant Bescheed.

Albert Muller (LSAP):

Bei de Plättercher mussen d'Jointen ëmmer nees erneiert ginn. Dat ass och d'Ursaach firwat mer zu Rodange Inox geholl.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer kucken dat, a bis da wäerten d'Techniker dat och analyséieren. Mee ech fäerten, datt dat e groussen Deel méi deier gëtt.

Lily Gansen (LSAP):

Ech wollt just froen, wéi laang der mengt, datt dee Schantjen dauert.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dem Schäfferot säi Wonsch ass, datt fir d'Rentrée 2009/2010 d'Schwämm nees funktionell ass.

Lily Gansen (LSAP):

Dat heescht, datt et dat anert Joer am Fréijoer nach e Schantjen ass.

Roland Breyer, Schäffen:

Awer nëmmen d'Schwämm.

Lily Gansen (LSAP):

Ah, net d'Sportshal ? Deen anere Block kann ee gebrauchen ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Jo, dee kann ee gebrauchen.

Da géife mer zu der zweeter Informatioun iwwergoen. Der wësst, datt mer nieft der Sportshal zu Rodange e synthetesche Fussballsterrain geplangt haten, deen am Oktober oder November ugefaange sollt ginn. Mer hunn och d'Soumissioun gemaach. An der Soumissioun war e Problem opgedaucht. Dat wat den Architekt ausgeschriwwen hat war net dat, wat mer eis eigentlech gewënscht haten. Opgronn vun deem, wat en ausgeschriwwen hat, ass duerno nach eng zousätzlech Ausschreiwung gemaach ginn, respektiv Leit gefrot ginn, ob se nach eng Propositioun kéinte maache fir deen Terrain, dee mer eis gewënscht haten. Dat ass och do gemaach ginn. Elo hu mer vun der Commission de surveillance gesot krut, datt dat net conforme wier zum Soumissiounsgesetz.

A fir all Problemer aus dem Wee ze goe wäerte mer dann elo nach eng Kéier ausschreiwe mussen. Dat kascht eis nach eng Kéier zwee Méint Zäit well déi ganz Prozedur esou laang dauert. Mee mer sinn awer der Meenung, datt et besser ass wa mer dat direkt maachen. Doropshin huet de Schäfferot déi Soumissioun, déi als éischt gemaach gouf, annuléiert. A mer maachen och elo direkt déi nei Soumissioun, esou bal d'Décisioun vum Schäfferot, déi al ze annuléieren, vum Inneministère ugeholl gouf. An da wäerte mer se richteg maachen an och deen Terrain kréien, dee mer eis gewënscht hunn. Dat anert wier e Risiko gewiescht wa mer engem den Zouschlag ginn hätten. Dann hätt vläicht en anere reklaméiert a mer hätte riskéiert nach vill méi Zäit ze verléieren. An et kéint dann nach méi deier ginn. Dofir hu mer entscheet, op dëse Wee ze goen. Mer bedaueren dat well mer hätte gären am November ugefaangen. Dat ass awer nun emol esou. A mer wëllen eis léiwer un den Avis vun der Kommissioun halen, an da si mer och sécher, datt mer deen Terrain kréien, dee mer wëllen.

Roland Breyer, Schäffen:

Dann nach eng Informatioun zum Schwaarzewee. Mer haten eng Informatiounsversammlung mat de Leit hate fir se opzeklären, datt am Kader vum „Plan local de la sécurité" de Schwaarzewee géif beliicht an domat méi sécher gemaach ginn. Dat ass och zum Deel geschitt. D'Luuchte stinn do a fonctionnéieren och. An de leschte Belag sollt Enn September oder Ufank Oktober dropkommen. Do si mer awer am August befaasst gi mat enger Demande vu Sudgaz, déi gären de Bouclage géife maache vun deene Stroossen, déi un de Schwaarzewee grenze well se e Problem hunn un hirem Netz. De Bouclage bréngt mat sech, datt do nees e Gruef gemaach gëtt. Wann e Gruef do ass, da muss een sech iwwerleeën, ob een net selwer do matmaache soll, well de Bouclage vum Waasser géif eis och zegutt komme well mer jo uewe Problemer hu mat der Waasserqualitéit. Well Sudgaz souwisou matmécht hu mär och gesot, mer géifen do matmaachen. An elo huet et sech och nach erausgestallt, datt d'Cegedel och nach wëll deelweis Bouclage maachen. Am Kader vum nächste Budget wäerte mer dann e Budgetsartikel maachen. D'Aarbechte ginn elo ee Moment ënnerbonnen. D'Elektrescht läit do a fonctionnéiert och, et ass och e graffe Belag dropgemaach gi fir sécher ze stellen, datt mer iwwer de Wanter kommen. An da wäerte mer am Februar / Mäerz ufänken, ënner der Regie vu Sudgaz, déi do de Gruef maachen, eist Waasser mat dran ze leeën. Virum „congé collectif" miisste mer dann de Schwaarzewee erëm an der Rei hunn.

Mer hunn och elo all Mënsch gesot, datt, wann elo schonn e Gruef do ass, da soll och dovunner profitéiert gi fir déi eegen Infrastrukturen ze erneieren. Do uewen hate mer jo och Problemer mam Waasser. Et war ëmmer Kräsi dran. Déi Leitunge ginn ni duerchgespullt. Mer wollten et um Ufank och net maache well et dann e grousse Schantje géif ginn. Mee elo gi mer da gezwongen, awer e bësse mat an déi Richtung ze goen.

6.1.

Administration générale.

Adhésion au mouvement « Mayors for Peace » - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer sinn haut sécherlech zu engem Zäitpunkt, wou sech an der Welt ëmmer méi Gedanke gemaach gëtt iwwer déi nuklear Oprüstung. Besonnesch wann een esou Länner ewéi den Iran, Nordkorea, Pakistan kuckt a sech Gedanke mécht, wat op deem do Gebitt geschitt. Do hu mer eis als Schäfferot geduecht dem Gemengerot virzeschloen, däer Konventioun vum Net-Oprüste vun den nukleare Waffe bäizetrieden. Ech wëll soen, datt am September 2008 am ganzen 42 nei Stied bäigetruede sinn an datt et an der Tëschenzäit 2.410 Stied sinn aus 131 Länner. Mer géife proposéieren, och als Gemeng Péiteng do bäizetrieden. Mer wësse wuel, datt mer do net d'Welt erneieren, mee mer wëlle wéinstens däer Konventioun d'Solidaritéit zoukomme loossen an eisen Obolus derbäileeë fir datt mer zu méi vernünftege Léisungen an der Welt kommen.

Roger Klein (LSAP):

Ass dat do just eng Deklaratioun, déi mer maachen, oder ass dat och verbonne mat enger Cotisatioun, déi mer bezuelen ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass just eng Deklaratioun, déi mer maachen. Esou wäit ech weess, ass do keng Cotisatioun an deem Kontext ze bezuelen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Bon, dat ass natierlech eng ganz gutt Saach, an ech hunn och e bëssen nogesicht iwwer „Mayors for Peace", wat dat alles ass a wellech Stied do Member sinn. A beim Punkt „Cost" steet, datt et wierklech fräi ass an eis näischt kascht. Wat et eis awer kéint kaschten - an dat hunn ech och an hirem Programm gelies -, dat ass, datt et net duergeet fir do bäizetrieden. Mee bei „Mayors for Peace" kënnt och eng Newsletter eraus an se proposéieren och Aktiounen, déi ee mat Schoulkanner ka maachen. Aktiounen, déi ee kann a senger Gemeng maache fir d'Leit drop hinzeweise firwat een do derbäi ass. An do géif ech dann och eisem Schäfferot un d'Häerz leeën, déi Konventioun net nëmmen ze ënnerschreiwe fir derbäi ze sinn, mee fir och esou Aktiounen ze maachen. Déi Aktiounen, sief dat Ausstellungen oder wat soss och ëmmer, kritt een och zur Verfügung gestallt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech soe Merci. Et schéngt mer eng Selbstverständlechkeet ze si wann ee

bei esou Aktioune matmécht, a mer wäerten dat och an Zukunft maachen.

Accord à l'unanimité.

6.2.

Administration générale.

Titres de recettes: déclarations diverses au montant total de 2.274.759,27 euros – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Do hutt der an ärem „aide-mémoire" d'Recetten aus deene leschte Wochen a Méint. Dat si Recette vun 2.274.759,27 Euro, wou ee gesäit – dat war jo och eng Konditioun firwat mer hu missen de Projet Eechelsbaach esou séier stëmmen -, datt mer e Subsid krute fir de Bau vum Reeniwwerlafbecken op der Porte Lamadelaine iwwer 1,3 Milliounen Euro. Dee Subsid war jo gekoppelt un d'Obligatioun, datt mer d'Eechelsbaach géifen nei maachen. Also déi Trennung tëscht dem Ofwaasser an der Baach. A well ee Projet jo um Instanzewee ass, sinn d'Suen och deblockéiert ginn.

Derbäi kënnt dann op der Positioun 12 d'Recette iwwer 626.543,59 Euro. Dat ass eng Recette, déi mer vum Stat kréie vu véier Joer Indemnitéiten, déi mer bezuelt hunn un den Educatiounsministère wéinst de Paien. Dat sinn Avancen, déi gi berechent. An nodeems déi berechent si gëtt en Dekont gemaach. Do hu mer pro Joer ronn 150.000 Euro als Gemeng Péiteng zevill bezuelt, an déi kréie mer elo beieneen zeréckbezuelt, esou datt mer bis 2006 elo bäi sinn. Et ass also just nach 2007, wou mer um Niveau vun den Avance stinn. An natierlech och 2008, wou mer och schonn eis Avance bezuelt hunn.

Guy Brecht (LSAP):

Ech hu just eng Fro zur Positioun 31 „Vente de vieux matériaux". Dat ass zimlech héich. Ass dat just vu Saachen, déi mer um Recycling-Center haten oder war do nach eppes aneschters derbäi ? Well ech fannen déi Zomm zimlech héich am Verglach mat deene Méint virdrun.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also dat misst theoretesch am Dossier geleeën hunn. Ech weess dat och net méi auswenneg, wat dat war.

Guy Brecht (LSAP):

Sinn et eventuell eis Autoen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et kéint sinn, datt et d'Reprise vun den Autoe sinn. Mee mer kënnen dat awer nokucken. Jo, et sinn d'Autoen, kréien ech hei vum Sekretär gesot.

Lily Gansen (LSAP):

Den Här Buergermeeschter huet meng eng Fro scho beäntwert zu den 626.543,59 Euro. Da wollt ech nach just froe firwat bei der Recette vun der Schwämm zu Rodange dee selwechte Posten esou dacks ënnerenee steet. Kann dat net op engem Poste stoen oder ass dat vläicht pro Mount ? Kuckt, et ass jo awer genee d'selwecht. Just d'Automate sinn anescht.

Gilbert Welter, Schäffen:

Dat sinn zwee verschidde Méint. Et gëtt ëmmer pro Mount ofgeschloss. Dat eent ass de Mount Juli, an dat anert ass de Mount August.

Lily Gansen (LSAP):

Da schreift dat w.e.g. derbäi, well da weess ee genee firwat dee selwechte Posten a verschidden Etappen do steet.

Camille Bosseler (CSV):

Zum Punkt 34. Ech bedaueren, datt déi Indemnitéite vun der Krankekeess net erofginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Här Bosseler, et ass schonn erof-gaangen. An der wäert gesinn, datt mer am Januar oder Februar näischt méi kréien.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Neen, et kann an et muss een och hei soen, datt mer e puer Leit hunn, déi schwéier krank sinn. An dat bedéngt natierlech, datt déi Zomm och an d'Luucht geet.

Approbation à l'unanimité.

6.3.

Administration générale.

Budget de l'exercice 2008 : service ordinaire, 1re modification des recettes et des dépenses – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der gesitt an ärem Dossier mat all deene Changementer, déi an deenen nächsten dräi Méint musse gemaach gi fir déi néideg Fongen ze hu fir kënnen all déi Rechnungen ze bezuelen, déi ufalen. Déi 139.916 Euro sinn d'Avancen fir de „remboursement partiel" vun den Traitementer un de Stat fir eis Schoulmeeschter, wou mer dann och méi hu misse fir d'Joer 2007 bezuelen. Dat gëtt op 2008 gebucht. Mee et kann natierlech sinn datt, wann et wéi an de Joere virdru geet, mer dat, wat mer elo méi musse bezuelen och nees an zwee dräi Joer zeréckkréie wann den Dekont gemaach ginn ass.

Mer stellen awer och fest – an dat ass eng vun de substanziellen Héichungen, déi mer an deem Dossier hunn -, datt um Niveau vum Bensin, Ueleg an esou weider vun de Gefierer 55.800 Euro méi ausgi goufen. Dat ass den Artikel 6055. Jiddereen huet gemierkt, datt de Bensin méi deier ginn ass, an zwar substanziell méi deier. Dat ass sécherlech eng vun den Ursaache firwat déi Zomm eropgaangen ass. Mer hunn awer, opgronn vun der Demande, déi mer krute vun deem Service fir dat eropzesetzen, eng Analys gemaach a festgestallt, datt en Deel vun dëser Héichung bedéngt ass duerch eng Hausse um Niveau vun eisem Garage. Well wa mer Ueleg a Material kafen an eis Leit am Garage un den Autoe schaffen, dat gëtt dat och ënner dësem Artikel gebucht. Ënner anerem sinn all eis Autoen och mat Feierlächer, Warndräiecken, Sécherheetsjaketten ausgestatt ginn, esou wéi dat neit Reglement am „Code de la Route" dat och virgesäit. An doduerch ass och dee Betrag méi héich wéi an deenen anere Joeren. Dat ass jo eng Ausgab, déi duerno wahrscheinlech net méi erëmkënnt, oder net méi an deem Mooss.

Ervirzesträichen ass och, datt mer am Artikel 3.0350.6111 fir den 'Service de sauvetage – travaux de maintien et de nettoyage et réparations du bâtiment' 10.000 Euro méi drastellen. Dat war och eppes, wat net virgesi war. Et ass esou, datt eis Protection civile nei Apparate krut, an zwar eng Wäschmaschinn an och en Trockner. Dat si professionell Apparater. A fir datt déi zwee matenee kënne lafen, ass et noutwenneg en neien Anschluss vun der Cegedel dohinner ze kréien. An deen ass schrecklech deier, esou datt mer déi 10.000 Euro mussen nostëmmen. Dëst Joer leie mer dann net bei 6.000 Euro – esou wéi dat Usus war – fir den Ënnnerhalt vun deem Gebai, mee bei 16.000 Euro. Déi Informatioun hu mer am Februar/Mäerz krut, mee mer hunn awer de September ofgewaart fir kënnen déi „modification budgétaire" ze maachen an déi Aarbechten an Ugrëff ze huelen.

Am Schoultransport hu mer och e Surplus. Dat ass bedéngt doduerch, datt de Bus, deen eigentlech d'Kanner an d'Schoul an heem gefouert huet, och zoustänneg war fir d'Schoulkanner an d'Schwämm respektiv an d'Sportshal ze féieren. Eis Kanner, haaptsächlech déi vu Rolleng, si relativ spéit ukomm well se dacks hu misse waarde bis de Bus säin Tour gemaach hat an op Rolleng

komm ass an dann och mat Verspéidung do fortgefuer ass. Mer hunn am Interesse vun engem bessere Fonctionnéiere vun deene Sports-coursen entscheet, e weidere Bus an Optrag ze gi fir dat méi optimal ze organiséieren. Dat huet natierlech och säi Präis. Dat kascht 17.000 Euro d'Joer weider. Mer sinn awer der Meenung, datt dat noutwenneg ass fir datt d'Kanner awer méiglechst laang vun deene Sportscourse profitéieren an net méi laang am Busse setzen oder waarde mussen.

Dat wieren déi Haaptsaachen, dat anert si relativ kleng Modifikatiounen, déi duerch kleng Ännerungen oder kleng Zommen, déi bezuelt goufen, noutwenneg sinn. Wichteg ass och ze erklären – an dat ass besonnesch duerch déi 600.000 Euro, déi mer konnten als extra Recette verbuchen – datt d'Resultat oder d'Differenz positiv ass. An zwar 352.458 Euro.

Camille Bosseler (CSV):

Fir wat fir e Projet steet de Punkt „part Etat dans travaux du Sicona"?

Gilbert Welter, Schäffen:

Dat ass déi Tranche, déi mer ëmmer zeréckkréie vun der TVA. Mär kréien d'TVA rembourséiert. Mär sinn eng vun deenen eenzege Gemengen, wou dat nach de Fall ass. Ech mengen, et sinn der nach zwou am ganze Land. Dat war iergendwann emol ordonnéiert ginn, datt d'TVA, déi gerechent gëtt, un eis zeréckbezuelt gëtt. Op eise Kont. Mer versichen awer an engem nächste Schäfferot et esou ze maachen, datt déi ganz TVA mat bei der Sicona agerechent gëtt, an dann hu mer déi Sue schonn do stoe fir wa mer dat Nächst investéieren.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech gesinn, datt den „coût des repas" an d'Luucht gaangen ass. Hu mer eng aner Firma geholl an eise Kantinen?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Jo, mer hunn eng aner Firma geholl. Mee mär hu gesot, datt mer gären hätten, datt de Menu vun de Kanner e bësse méi valoriséiert gëtt. Well et ass jo awer och vum Stat virgeschriwwen, datt se esou vill Mol an der Woch Fleesch kréien, esou vill Mol Deegwueren, esou vill Mol Uebst. Et ass natierlech alles vill méi deier ginn, an dofir hu mer d'Käschte fir eng Molzecht vis-à-vis vun deem, wat déi aner generell Käschte sinn, gehuewen.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech wollt d'Fro am Fong geholl an deem Sënn stellen, datt verschidde Leit mech gefrot hunn ob mer eng nei Firma hu well d'Iesse wier laang net méi esou gutt. Dofir iwwerrascht et mech, datt och nach de Präis méi héich gouf.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Do ass och schonn derno gekuckt ginn an et sinn och scho Bréiwer eraus-gaangen. Do waren och schonn direkt um Ufank Gespréicher. Et war effektiv esou, datt Reklamatiounen erakoume well e groussen Ënnerscheed war tëscht der Firma, déi mer zwee Joer laang haten, an der Firma, déi eben elo huet missen den Zousproch kréien. Do huet sech awer scho Villes gebessert.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat een nach kann hannendrun hänken ass dat hei. De Stat wäert sech bei dëser Ausgab mat 50% bedeelegen. Doduerch wäerten dann och d'Recette vum Stat eropgoe well dat eng Berechnung ass, déi an engem Budget ganz rudementar ka gemaach ginn an net am Detail. Mer hunn dofir geduecht, datt et riskéiert wier fir 7.000 Euro bei Méikäschte vun 14.000 anzesetzen. Mee et misst een am Fong dovunner ausgoen, datt de Stat eis d'Halschent dovunner gëtt well jo déi eenzel Leit net méi bezuele wa se an déi Kantin do kommen. Mee déi extra Recette vum Stat ass awer elo nach net an de Recette verankert.

Romain Rosenfeld (CSV):

Esou wäit ech héieren hu gëtt do nëmmen nach gewiermt an net méi gekacht.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et gëtt zu Rolleng gekacht. Natierlech, dat gëtt op Rodange gefouert fir déi Rodanger Kanner. An do gëtt et emol opgewiermt. Do hu mer effektiv eng Kichen, wou gewësse Saache selwer kënne gemaach ginn. Awer net an deem Mooss. Well mer mussen awer och ëmmer bedenken, datt mer zu Rodange 105 Kanner an der Maison Relais hunn. An do hu mer net déi professionell Kiche fir fir 105 Kanner kënnen ze kachen. Mee zu Rolleng gëtt fir Rolleng a Rodange zesumme gekacht.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech ka mer schlecht virstellen, datt zu Rolleng eng Kichen ass, wou ee ka fir déi Quantitéit Kanner kachen an och fir den „repas sur roues". Dat ass net dra fir all Mënsch, deen eppes vu Kache versteet.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Déi aner Firma huet dat och esou gemaach. Et gëtt awer do gekacht.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et muss een zwar soen, datt, wéi déi Rollenger Kantin gemaach gouf, dat fir 300 Leit definéiert war. Deemools war scho vu vir era gesot ginn, datt et géif duergoe fir den „repas sur roues" an och fir déi Rollenger Kanner. An et géif och duergoe fir déi Rodanger Kanner ze kachen. Wann dat net de Fall soll sinn – a mer si jo elo amgaangen drun ze plange fir datt och eng Maison Relais op Péiteng kënnt -, da musse mer wierklech dee ganze System am Kader vun der Maison Relais nach eng Kéier nei definéieren. An da musse mer deem Rechnung droen zu Péiteng. Ech mengen, et wier elo un der Zäit fir dat Ganzt ze analyséiere well mer zu Péiteng amgaange sinn ze plangen. Wann där sot, datt do Schwieregkeete sinn an et sech sollt erausstellen, datt dat esou ass – där hutt jo Kenntnisser, déi mär hei net hunn -, da musse mer sécherlech kucken, datt mer um Niveau vu Péiteng eng Léisung fannen. Kloer war awer vun Ufank un, datt zu Rodange dat net virgesi war.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et war net virgesinn. Et ass effektiv esou, datt do Iesse gewiermt gëtt, mee et gëtt zu Rolleng gekacht. A bis elo sinn nach keng Reklamatioune komm, datt net méi do gekacht soll ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass elo de Fakt. Ech denken, mer sollen effektiv am Kader vum Projet vun der Maison Relais vu Péiteng dat Thema hei uschwätzen an déi noutwenneg Konklusiounen zéien. An da kucke mer, wat mer maache fir dee Problem ze léisen.

John Polfer (CSV):

Ech hu just eng Feststellung ze maachen. Déi Erhéijungen, déi hei virleien, dat ass dat, wat mer all Dag an eisem Portmonni spieren. Ob dat ass wa mer bei d'Pompel fueren, wa mer bei de Bäcker oder de Metzler ginn oder en Handwierker komme loossen. Déi Käschten do ginn net laanscht d'Gemeng.

Norbert Pierre (LSAP):

Der hat elo virdru gesot, datt beim Equipement vun eise Gefierer d'Jacketten an Dräiecker kaf goufen, wat ech och begréisse well et jo awer muss sinn. Ech wollt just froen, ob op eise Camionen an Déngschtween digital Fahrtenschreiber drop sinn, esou wéi d'Douane se haut verlaangt. An dat, fir datt mer och konform sinn zu deem, wat haut verlaangt gëtt.

Roland Breyer, Schäffen:

All déi Gefierer, déi iwwer d'Grenz fueren, déi musse jo extra ausgerüst sinn, an déi sinn et och. An all déi aner sinn ausgerüst fir hei am Land ze fueren. Do si mer konform.

Et ginn natierlech och europäesch Direktiven. A wann een iwwer eng Grenz geet, da ginn et nees aner Virschrëften. An da musse mer nees aner Tackoe virgesinn, mee do hu mer se net alleguer dofir équipéiert. Well do hu mer och gesot, datt mer dat vermeiden, an am Prinzip gi mer jo net an d'Belsch an an de Frankräich ausser mat deem engen oder anere Gefier.

Carlo Gira (CSV):

Jo, ech wëll just ee Saz soen zu deem, wat de Romain Rosenfeld gesot huet. Ech géif och dem Schäfferot un d'Häerz leeë fir d'Qualitéit vun deem Iessen ze kontrolléieren, wat zu Rolleng erausgeet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll ganz kloer soen, datt dat ee vun deene ganz grousse Problemer ass, dee mer hunn als Gemengen, als ëffentlech Déngschter. Mer schreiwen zwar Critèren drop wat d'Qualitéit betrëfft, mee mer mussen deem Bëllegsten et ginn. Dat heescht, mer hunn net ëmmer Interessen drun, dat ëmmer esou ze maachen, mee mer sinn duerch d'Gesetz dru gebonnen. An dat bedéngt natierlech, datt esou Problemer kommen. Ech weess, datt d'Madame Conter an d'Servicer am Moment amgaange sinn, dat ze verbesseren. Mee dat sinn déi grouss Problemer, wou mär dermat ze kämpfen hunn an de Privatmann net.

Carlo Gira (CSV):

Der hutt jo eng Ausschreiwung, an esou wäit meng Informatioune ginn, halen se sech emol net dorunner.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mer si jo amgaangen, dat riicht ze béien. Do sinn och scho Bréiwer erausgaangen, an et sinn och nach Entrevuë geplangt an nächster Zäit. Et ass scho méi wéi ee Bréif un déi Firma erausgaangen. A wa se sech natierlech net deementspriechend behuelen, da kënne mer se net halen.

Accord avec 9 voix (CSV, DP, Déi Gréng) et 6 abstentions (LSAP)

Guy Brecht (LSAP):

D'Erklärung ass ganz einfach. Well mer eis beim Budget enthalen hunn, enthale mer eis och hei.

6.4.

Administration générale.

Recensement fiscal annuel: indemnisation supplémentaire des agent-recenseurs pour le recensement des chiens – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst, datt mer regelméisseg all Joer e „Recensement fiscal" maachen. Do ginn déi „agent-recenseurs" entschiedegt en fonction vun den Daten, déi mer do ophiewen, an anersäits awer och vun eis als Gemeng. Et ass och elo esou, datt mer d'Demande krut hunn fir am Kader vun deem neien Hondsgesetz déi Formularen opzehiewen, déi mer bis elo net opgehuewen hunn. Dat ass eng Demande, déi komm ass. Déi musse mer elo assuméieren. Dofir proposéiert de Schäfferot iech, all „agent-recenseur" zousätzlech 0,3 Euro ze gi fir all Hond, wou een eng Deklaratioun muss ausfëllen. E muss jo do ee Formular méi ausfëllen. Dat ass also direkt dee finanziellen Impakt, dee mer hunn, am Kader vun deem neien Hondsgesetz.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hu keng Beanstandung, mee vläicht en Tuyau am Kader vun däer Steier. Et soll een och emol soen, datt et keng Steier ass. Et heescht jo och net „impôt sur le chien" mee „taxe sur le chien", also eng Taxe, déi d'Leit bezuelen. Mécht de Schäfferot sech och Gedanken am Zesummenhang mat dem „Règlement général de police" ? Dat huet zwar net direkt mat dëser Fro ze doen, mee mer kréie jo elo en neit Muppegesetz. Well déi lescht Revisioun war 1992, esou wäit ech meng kann erënneren. A mer kréie jo elo an alle Sparten nei Virschrëfte bäi. Soll een dat net nees eng Kéier ganz nokucken, wou een och deene Saachen do géif Rechnung droen. Et ass net gutt, datt, wa Publikatiounen erauskommen an een sech op d'Gesetz berifft, do dann eng aner Ausso steet. Ech begréissen all Publikatioun, et sollen der nach vill méi gemaach ginn, esou datt een ëmmer nees op eppes opmierksam mécht ewéi wat d'Verbrennen hanner dem Haus ugeet zum Beispill.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der hutt Recht, a mer hunn och déi Iwwerleeungen am Schäfferot gemaach. Scho virun der Vakanz hu mer scho Gespréicher gefouert mat dem Här Lampers, dem Distrikts-commissaire, deen sech och bereet erkläert huet fir hei eng Hand mat unzepaken. Eis Servicer sinn am Moment amgaang ze kucken, wou nei Police-Reglementer a wat fir Gemenge gestëmmt goufen viru kuerzer Zäit. Zum Beispill Déifferdeng huet virun net allze laanger Zäit en neit Reglement gemaach, e puer Géintiwwerstellunge gemaach a gekuckt, wat fir Punkten dran a wat fir Punkten eraus komme sollen. A mer wëllen iech och sécherlech an den nächste Méint – dat ass awer eng Aarbecht, déi laang dauert an an dëser Budgetszäit méi schwéier ze assuréieren ass – oder ufanks 2009 e Reglement an deem Kontext am Gemengerot presentéieren. Der hutt Recht, eist Reglement muss iwwerschafft gi well Saachen dra stinn, déi net méi dra gehéieren. Et sinn awer och Saachen déi mussen dra kommen a mer wäerten dat och maachen.

Jeannot Linden (LSAP):

Dat misst jo iergendwéi vu Juriste gemaach ginn, esou datt een duerno sécher ass, datt dat klappt.

Accord à l'unanimité.

7.1.

Propriétés.

Cession d'une emprise sise à Rodange, lieu-dit « rue du Clopp » par la société AREA PROMOTIONS IMMOBILIERES de Lamadelaine à l'administration communale de Pétange – décision de principe.

La cession se fait gratuitement et l'emprise d'une contenance de 50 centiares sera intégrée dans le réseau de la voirie publique.

Accord à l'unanimité. M. Muller, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.2.

Propriétés.

Cession d'une emprise sise à Rodange, lieu-dit « rue du Clopp » par M. et Mme David EVERARD-BENJEDIA de Rodange à l'administration communale de Pétange – décision de principe.

La cession se fait gratuitement et l'emprise d'une contenance de 11 centiares sera intégrée dans le réseau de la voirie publique.

Accord à l'unanimité. M. Muller, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.3.

Propriétés.

Cession d'une emprise sise à Rodange, lieu-dit « rue du Clopp » par M. et Mme Claudiano TRAVESSA-BATATA de Rodange à l'administration communale de Pétange – décision de principe.

La cession se fait gratuitement et l'emprise d'une contenance de 12 centiares sera intégrée dans le réseau de la voirie publique.

Accord à l'unanimité. M. Muller, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.4.

Propriétés.

Cession d'une place sise à Rodange, lieu-dit « rue du Clopp » par l'administration communale de Pétange à M. Isidoro ANTUNES et Mme Ernestina CERQUEIRA LEITAO de Pétange – décision de principe.

La cession de la place d'une contenance de 2 centiares se fait gratuitement.

Accord à l'unanimité.

7.5.

Propriétés.

Echange d'une emprise (10 centiares) et d'une contre-emprise (19 centiares) sise à Rodange, lieu-dit « rue du Clopp » entre MM. Marco Franco GARGANESE et Frédéric DORI, de Rodange, et la commune de Pétange – décision de principe.

L'échange se fait sans soulte et l'emprise sera intégrée dans le réseau de la voirie publique.

Accord à l'unanimité.

8.

Enseignement.

Contrat de travail avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

An ärem Dossier hutt der aacht Kontrakter vu Leit, déi ersetze ginn, virleien. Do hutt der och schonn de Luc Martiny an d'Marie-Thérèse Mangen stoen, déi am September net ugetruede sinn, an déi och definitiv fir de Rescht vum Schouljoer vun der Madame Estelle Dalscheid an dem Här Marc Quirin ersat ginn. De Rescht si Krankmeldongen. Do sinn awer och d'Musekschoul an d'Maison Relais derbäi, wann et esou e Fall sollt ginn.

Ratification à l'unanimité.

9.1.

Urbanisation.

Plan d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Pétange, rue des Ateliers, au lieu-dit « Oberst Daessent », présenté par la société EDICO S.A. de Mondercange pour la construction d'un ensemble résidentiel - approbation d'un avenant à la convention du 12 mai 2006.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

De Punkt 9 ass opgedeelt an d'Punkten 9.1. an 9.2. Do geet et ëm den Avenant zu enger Konventioun, déi mer gemaach hu mat der 'Société Edico SA' vu Monnerech an Zesummenhang mat dem Bau vun enger Residenz um lieu-dit 'Oberst Daessent' – fir eis besser ze verstoen ënner der rue des Ateliers – zu Péiteng. Ech erënneren drun, datt mer den 14. Juli de PAP definitiv adoptéiert hunn hei am Gemengerot, datt mer en och den 20. Juli 2006 approuvéiert vum Inneminister erëmkruten, an datt mer do am Kader vun dësem Projet den 12. Mee 2006 schonn eng „convention sommaire" gemaach hunn. Firwat? Ma well mer deemools nach déi technesch Detailer net alleguer haten, wat déi Firma misst maachen. A mer haten och nach keng Zomme virleien.

Dat läit awer elo vir. An dofir hutt der op de Säiten 98 bis 103 vun ärem Dossier den Avenant zu däer Konventioun vum 12. Mee 2006 virleien. Do wëll ech och nach op déi eng oder aner Saach agoen.

Engersäits hu mer als éischt d'Strooss definéiert, wou si sech mussen dru bedeelegen. Si mussen déi Strooss, déi erof bei d'Ateliere féiert, méi breet maachen. Op der Säit 2 vun der Konventioun ass och definéiert, wéi déi Strooss muss ausgesinn. Zweetens hu mer eis och wat d'Trëttoiren ugeet festgeluecht. Dat heescht, et muss en Trëttoir vun 1,5 m Breet vum Promoteur gemaach ginn. An dat vun der rue de Niederkorn bis op d'Limite vun der Propriétéit vun der CFL. Mer hunn eis och iwwer d'Strooseluuchten ausgeschwat. Et mussen op d'mannst fënnef Stéck entstoen. Se sollen esou ausgesinn ewéi déi an der rue Jacques Chauvin an an der rue Oberst Daessent. Dat heescht, mer hätte gären, datt dee ganzen Eck do eenheetlech wier an datt mer och net zevill – wa mer se spéiderhin emol eng Kéier missten ersetzen – Zorte vu Luuchten hei an eiser Gemeng hätten. Dofir hu mer eis op déi Strooseluuchte fixéiert, déi och schonn an deem Eck bestinn. Mer hunn eis iwwer d'Uplanzungen ausgeschwat. Och do muss e Plang opgestallt ginn an Zesummenaarbecht mat dem kommunale Park-Service well schluss-endlech wäerte mär se herno iwwerhuelen an och erhalen. An dofir ass et wichteg, datt eise Gäertnesch-betrib säin Aval zu deem gëtt, wat do vu Grénganlage gemaach ginn.

Dann hu mer eis och iwwer d'Kanalisatioun, d'Uschlëss, d'Waasser-versuergung, ausgeschwat. Op der Säit 3 gesidd der, wéi dat technesch muss ausgesinn. An och do hale mer drop, datt eis Servicer am Virfeld consultéiert ginn an datt dat esou gemaach gëtt, wéi eis Servicer dat virschreiwen.

Mer hunn eis och festgeluecht – an dat ass wichteg, well mer un d'Gemeng Käerjeng grenzen -, datt si eng Autorisatioun vun der Käerjenger Gemeng mussen hunn ier d'Aarbechte lassginn. Net datt mer do an e Konflikt geroden. A mer hunn och eng „garantie bancaire" gefrot. Déi ass elo ausgerechent ginn op 89.725,10 Euro. An déi musse mer kréien ier et ugeet.

Dat waren déi grouss a graff Punkten aus dëser Konventioun. Ech géif iech froen, dëse Punkten zouzestëmme fir datt mer mat deem Projet do kënnen ufänken an der rue des Ateliers.

Carlo Gira (CSV):

Ech wollt just op déi „garantie bancaire" vun 89.725,10 Euro ze schwätze kommen. Wann déi Aarbechten dann elo méi deier ginn, dann iwwerhëlt dee jo awer déi Käschten, déi do entstinn? Well et ass jo net esou, datt, wann ee privat baut, och nach Käschten un d'Gemeng falen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat hei ass am Fong esou, datt hien d'Aarbechten als Promoteur mécht. Déi „garantie bancaire" kënne mär huelen, wann hien déi Aarbechten, déi e soll maachen, net mécht. Da kënne mär se maachen. Mee de Promoteur mécht d'Aarbecht. D'Bankgarantie ass nëmme fir dee Fall geduecht, wou hien se aus iergend engem Grond net mécht. Wann dat natierlech géif antrieden, an et wiere 95.000 Euro – loosse mer emol einfach unhuelen, d'Firma géif faillite goen, vu wat ech net ausginn – mee mer hätten

nëmmen 85.000 Euro, da misste mär de Rescht bezuelen. Mee a priori geet dat doten no eise Berechnungen duer fir dës Aarbechten esou duerchzezéien ewéi mär eis dat virstellen.

Camille Bosseler (CSV):

Ech wëll nach eng Kéier op d'Kanalisatioun hiweisen. Ech mengen, ech hat schonn eng Kéier reklaméiert, datt, wéi et deemools esou vill gereent huet, d'Waasser zimlech séier komm ass an datt d'Botzerei ënnen op der Strooss, déi de Kanal vun uewen erofkritt, d'Waasser duerno am Keller stoen hat. Et ass jo duerno gekuckt ginn, ass gesot ginn. Mee wann dat hei elo gebaut gëtt an un de Kanal vun der CFL ugeschloss gëtt, gëtt et dann net méi uerg well den Drock dann och méi staark gëtt ?

Roland Breyer, Schäffen:

Ech géif mengen, et géif net méi schlëmm ginn. Dee Problem vum Réckstau am ganzen ieweschten Deel vun der Prënzebierg Strooss an der Nidderkuerer Strooss huet haaptsächlech domat ze doen, datt mer den Uschloss nach net gemaach hu mat dem Kollekter. De Fonçage gëtt elo gemaach wa mer mat der avenue de la Gare ufänken a wa mer an d'rue du Chemin de Fer kommen. Ech rechnen, datt mer doriwwer um Enn vum nächste Joer schwätzen. Da gëtt dee Fonçage gemaach an da kënnt Loft, da geet den Drock lass. De Moment staut sech alles un. A wann dann nach eppes derbäi kënnt, da sicht et sech natierlech deen einfachste Wee. Wa mer awer do dee Fonçage fäerdeg hunn, da gëtt et vill besser an deem ieweschte Quartier.

Approbation avec 14 voix (CSV, DP et LSAP) et 1 abstention (Déi Gréng).

9.2.1.

Urbanisation.

Plan d'aménagement particulier Nord 1 concernant des fonds sis à Rodange, aux lieux-dits « A la Croix St Pierre », « Aux Vieilles Parts », « A la Wissi », « A Heisdriesch» et « Au Chemin de Brouck », section C de la commune de Pétange, présenté par la société « Rodange Lotissement S.A. » de Sandweiler - approbation provisoire.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dëse Punkt ass wahrscheinlech dee gréisste Punkt op der Dagesuerdnung. Dat ass de PAP vun deem neie Lotissement, dat tëscht dem Brouckerwee an dem Lotissement 'Croix St. Pierre' soll kommen. Ech wëll nach eng Kéier op den Historique zeréckgoen. Mer haten am Joer 2007 eng ganz Rei Consultatiounen. Net nëmmen informell Reuniounen um Niveau vum Gemengerot, wou dëse Projet eis jo schonn deelweis virgestallt gouf. Mer haten och d'Leit an enger Informatiounsversammlung an d'Bild gesat, esou wéi dat am Gesetz virgesinn ass. Do waren och ganz vill Leit koum, déi sech dofir interesséiert hunn, wat do soll entstoen. Doropshin hat de Schäfferot den „plan directeur" hei actéiert, esou wéi der e bal op dem Plang gesidd, deen hei hanner eis hänkt.

Mer hunn awer, nodeems mer d'Avisë vun der „Commission de l'aménagement" vum Inneministère krut haten, Ännerunge virgeholl. Ännerungen, op déi ech nach wëll punktuell agoen an déi mer virgeholl hunn am Kader vun eisem „plan directeur", awer och am Kader vun deene véier PAPen, déi haut zur Ofstëmmung virleien. Dat Ganzt ass den 19. September an senger reviséierter Form vum Schäfferot arrêtéiert ginn, esou wéi en elo hei aushänkt. Wichteg ass ze soen, datt do sollen a fënnef Phasë maximal 300 Wunnengen entstoen. Dobäi stinn déi éischt véier Phasen haut zur Diskussioun, well déi PAPe virleien. Dee fënnefte PAP kënnt méi spéit. Dat ass deen ieweschten Deel, deen un de Brouckerwee an den Ufank vum Clopp stéisst. Als Schäfferot schloe mer dem Gemengerot vir, véier Derogatiounen zu eisem Bautereglement unzehuelen. Dat ass engersäits déi flaach Diech, anerersäits ass et de Bau vu Gebaier an enger Zort „Obstblütengarten" laanscht déi gréng Sträif. Dat ass eigentlech net an eisem Bautereglement virgesinn. An och déi maximal Dimensioun vun engem Block vu Gebaier grad esou wéi och d'„marge de reculement" op der Säit vun de Stroossen.

Firwat proposéiere mer dat eigentlech am Géigendeel zu der Bautekommissioun? Well si ass net däer Meenung an hält just dru fest, datt d'Bautereglement agehale gëtt. Mär hunn dat hei als Schäfferot proposéiert unzehuele well mer hei e grousse Projet hunn. Et geet net ëm en eenzelt Gebai, wat iergendwéi an enger Strooss steet, mee et ass e Projet vun enger grousser Envergure. An do si mer einfach der Meenung, datt mer eng modern Architektur gëlle solle loossen. Dat soll jo homogen am ganze Quartier sinn, esou datt dat och ze vertrieden ass.

Wat hu mer geännert? Mer hu verschidde Saachen opgronn vun dem Avis an de Remarque vum Inneminister geännert. Mer hunn och eng Rei Saachen ugeholl, dat heescht d'Remarque vum Schäfferot, awer och déi vun der Bautekommissioun. Hei wëll ech déi wichtegst dovunner ervirsträichen. Dat eent ass, datt d'Lotissement an e puer Phase soll realiséiert ginn. Et sinn der jo eigentlech fënnef virgesinn. Dat Ganzt soll sech iwwer eng Period vun aacht bis 12 Joer zéien, esou datt et net zevill séier geet fir eis Infrastrukturen, fir déi net ze strapazéieren. Dozou gehéieren ënner anerem d'Schoulinfrastrukturen. Dofir ass och festgehale ginn – an dat ass och eng vun den Ännerungen, déi opgronn vun engem Avis vum Inneministère gemaach gouf -, datt d'PAPen Nord 2 a Sud 1 als éischt solle realiséiert ginn.

Wichteg ass et och – an dat hu mer gesot -, datt d'Haaptstrooss duerch d'Lotissement, déi vun der rue des Vieilles Parts a vun der rue du Clopp, als éischt muss realiséiert ginn. An dat fir d'Bierger aus der rue des Vieilles Parts net zevill ze iwwerlaaschten. An och fir vun Ufank un zwee Ausgäng an dësem Lotissementsprojet ze hunn.

Dann hu mer och ganz kloer gesot, datt den Zougank an d'rue du Clopp esou muss ugeluecht ginn, datt och an Zukunft ee mat engem Rollstull, mat enger Kutsch oder engem Vëlo ka vun der rue du Clopp an d'rue du Lavoir erakommen. An dat, ouni datt een do muss Trape goen.

Mer hunn och – an dat ass eng vun den Diskussiounen, déi mer nach ganz zum Schluss gefouert hunn – gesot, datt d'Foussgängerverbindung tëscht der 'Croix St. Pierre' an dem Brouckerwee an deenen éischte véier Phasë realiséiert muss ginn. Sief et, datt et deelweis iwwer privaten Terrain geet. Well de Moment läit dee Wee op engem Terrain, deen eréischt an engem fënnefte PAP ass. Mee dat fanne mer net gutt. Et muss ee kënne vun Ufank un, esou bal wéi dee Lotissement besteet, vun der 'Croix St. Pierre' an de Brouckerwee kommen. Dat heescht, do mussen am Kader vun deem Projet Saache gemaach ginn. An dat gëtt och beim véierte Punkt festgehalen. An och eis Pompjeeën a Sekuriste mussen do erafuere kënnen.

Dann hu mer gesot, datt garantéiert misst ginn, datt déi 25% vun Ufank un – also no den éischte véier PAPen – cédéiert ginn. Et kann net sinn, datt déi Cessioun gemaach gëtt wa mer dee fënnefte PAP stëmmen. Hei hale mer drop, datt déi 25% fir déi éischt véier Deeler op alle Fall assuréiert sinn. Sief et och, datt déi aner 25% vun deem leschte PAP kommen.

Mer halen och drop, datt d'Zuel vun de Wunnenge sech op maximal 300 begrenzt. Dat war jo och an de Virgespréicher schonn opkomm fir datt dat net zevill séier géif wuessen. A mer hu gesot – an dat war och en Avis vum Inneministère -, datt besonnesch déi Residenzen, déi hanner dem Chemin de Brouck leien, méi kleng musse gemaach ginn. Do ware jo eigentlech Residenze virgesinn, déi net wesentlech méi grouss sinn ewéi d'Eefamilljen-haiser, déi an der rue des Vieilles Parts stinn. Mer hunn elo gesot, datt do nach eng Unitéit soll erofgesat ginn. Et ware sechs Unitéiten do virgesinn, mee mer hu gesot, se sollten do nëmme fënnef Stéck virgesinn.

Mer hunn och gesot, datt mer net averstane sinn, datt Garagen an der „marge de reculement" installéiert ginn. Mer hunn dat ëmmer nees gesot an awer elo festgestallt, datt dat nach op e puer Plazen um Plang virgesinn ass. Mer wëllen awer ganz kloer hei festhalen, datt an der „marge de reculement" keng Konstruktioun vun baussechte Garagen autoriséiert sinn.

Mer hunn och gesot – an ech mengen, dat ass bei esou engem Lotissement noutwenneg -, datt och eng Spillplaz misst an dee Park mat integréiert ginn, hanner déi Partie, déi eis als Gemeng zousteet a wou mer spéider eventuell kënnen eng Crèche oder eng Maison relais installéieren. Dat ass matten an deem Deel, dee mer fir eis reservéiert hunn a wou mer eng ëffentlech Struktur kënnen installéieren.

Zu gudder Lescht wëll ech nach en zéngte Punkt ervirhiewen, an dat ass den „accès carrossable", deen a Richtung Brouckerwee obligatoresch gemaach gëtt. Mer hunn an den Avis vum Inneministère geschriwwe krut, datt si mengen, zwou Entréeën oder Sortieë géifen net duergoen, an et misst een nach eng supplementar maachen. Si hunn zwar - an et ass och eng Kommissioun, déi dat geschriwwen huet -, éischter plädéiert fir en Zougank a Richtung Lonkecher Strooss ze maachen. Mee do si mer der Meenung, datt dat vläicht net esou gutt ass well d'Lonkecher Strooss ass eng „route nationale", wou et net esou einfach ass, eraus an eran ze fueren. Mär plädéieren éischter fir virzegesinn, datt an der fënnefter Phas nach misst en Zougank gemaach ginn, deen haaptsächlech deen ieweschten Deel betrëfft. Mer gesinn et éischter als besser u fir de Verkéier an de Brouckerwee auszeschëdden, well déi Strooss awer net esou befuer gëtt wéi d'Lonkecher Strooss. Et weess een och net, ob eisen Transportministère averstane gewiescht wier fir op kuerzer Distanz zwee Zougäng – ee vum Brouckerwee a gläich hannendrun dee vun dësem Lotissement – ze hunn. Déi fënneft Phase gëtt och nëmmen da realiséiert wann deen Zougank uewen erméiglecht gëtt.

Dëse Projet, wa mer en elo haut stëmmen, gëtt dem Public 30 Deeg fir Remarquen ënnerbreet, also ausgehaangen.

Ech wollt awer nach ganz kuerz op eng oder déi aner Remarque agoen, déi d'Kommissiounen eis ënnerbreet hunn. Dat éischt ass d'Verkéierskommissioun. Si gëtt eng ganz Rei vun Avisen eran, déi sécherlech ze verstoe sinn, an zwar wéi de Verkéier ze regele wier an dësem Lotissement. Dat wollte mer zwar net am Kader vun dësem PAP maachen. Mee mer sinn awer sécher, datt mer do nach an den nächste Wochen a Méint mat der Kommissioun an dem Gemengerot zesummen e Reglement maachen, wou ee sech da kann 20- oder 30-Zone virstellen. Awer ëmmer a Konformitéit mat deem, wat den Transportministère eis virschreift, well hei steet zum Beispill mer sollten „Einbahn"-Stroossen an 30-Zonen maachen. Op däer aner Säit wësse mer awer, datt den Transportministère net waarm ass a mengt, datt et bei enger 30-Zone misst an zwou Richtunge goen. Bon, do hu mer nach an deenen nächsten zwee oder dräi Joer Zäit fir eis doriwwer Gedanken ze maachen.

Da kënnt et och nach, datt se soen, datt et och sécherlech Beschwéierlechkeete gi fir d'Awunner vun der rue des Vieilles Parts. Do ginn ech hinne komplett Recht. Mee mer wëssen awer och, datt all grousse Projet fir déi Leit, déi ronderëm wunnen, beschwéierlech ass. Mer mussen elo kucken, an dat ass eng Obligatioun, déi mär als Gemeng hunn, fir déi néideg Dispositiounen ze huele fir datt, wann dee ganz grousse Schantjen ugeet, deen esou gemaach gëtt, datt d'Leit esou wéineg wéi méiglech gestéiert ginn. Datt se gestéiert ginn, dat bleift net aus, well de Moment ass déi Strooss jo nach eng Sakgaass. Mee wann do emol Camionen derduerch fueren, dann ass dat sécherlech eng Stéierung fir déi Leit. Wa mer awer anerersäits wëllen, datt Leit méi gënschtege Wunnraum oder iwwerhaapt Wunnraum kréien, da mussen och Haiser an Appartementer gebaut ginn, well soss kréie mer déi Präisser ni erof.

Ech wollt nach op e ganz wichtege Punkt agoen, näämlech d'Kläre vun deem Waasser, wat aus deem Lotissement kënnt. Mer wëssen – an dat huet och d'Ëmweltkommissioun geschriwwen -, datt mer duerch eng Direktiv vun 2060CE gezwonge sinn eis dorëm ze këmmeren. Fir de Moment ass Rodange-Fonderie nach net un d'Kläranlag ugebonnen. Dat huet awer säi Grond, a jiddereen heibanne weess, firwat dat esou ass. Dat sollt am Kader vum Grand Bis geschéien. Do si mer an der Commodo/Incommodo-Prozedur amgaangen. Déi Prozedur dauert, esou wéi dat hei zu Lëtzebuerg normal ass, ganz laang. Mer sinn awer lues mee sécher um Enn vun dësem Tunnel ukomm. Mer sollen elo nach eng Kéier vun der Ëmweltkommissioun gesot kréien, wat fir Moossname mer mussen huele fir deen Terrain ze berengegen. Dorop waarde mer nach. Wann dat definitiv gekläert ass, da kënne mer eigentlech – endlech – mat deem Projet ufänken. Mer sinn der Meenung, datt mer et fäerdegbréngen, parallel d'Uschléisse vun der Fonderie un d'Kläranlag an d'Realisatioun vun dësem Lotissement, wat jo och net vun haut op mar gemaach gëtt, well esou e Projet jo awer seng Zäit brauch, ze maachen. Sollte mer awer an dem Grand Bis – par hasard – nees eng Kéier net virukommen duerch Oploe vum Stat am Kader vun dësem Projet, dann hu mer awer elo zënter kuerzer Zäit vun eisem „bureau d'études" a vun eisem techneschen Service déi aner Säit eng Propositioun gemaach krut, wéi mer kënne Rodange-Fonderie an och dëst Lotissement un d'Kläranlag uschléissen ouni datt dee Projet Grand Bis realiséiert gëtt.

Mer sinn awer nach ëmmer voll Hoffnung a schaffen och dorunner, datt dee Grand Bis realiséiert gëtt an och déi Uschlëss vu Rodange-Fonderie no dem Prinzip gemaach gi wéi e schonn eng Kéier festgehale gouf. Sollt dat net de Fall sinn, dann hu mer eng aner Léisung virleien, déi et eis erlaabt, däer Obligatioun vun der europäescher Direktiv gerecht ze ginn.

Dat waren eigentlech meng Erläuterungen zu dësem grousse Projet. Et ass sécher e Projet, deen eng Auswierkung op eis ganz Gemeng huet. Et ass e Projet, dee fir eis och wichteg ass. Wéi gesot, mer schwätzen ëmmer dovunner, datt eis jonk Bierger kënnen an der Gemeng Péiteng bleiwen, och hei kënnen en Haus oder eng Wunneng kafen. Dat hei ass d'Viraussetzung fir och eise jonke Bierger déi Méiglechkeeten ze ginn. An ech géif soen – mat allem Hin an Hier -, datt dat hei e Projet ass, deen interessant ass wann en eng Kéier fäerdeg ass.

Carlo Gira (CSV):

Ech hunn e puer Bemierkungen dozou ze maachen. Et ass eng logesch Saach, datt ee fuerdert, datt fir d'éischt

emol d'Zoufahrten gemaach ginn ier een iwwerhaapt mat Aarbechten do kann ufänken an datt dat garantéiert ass. Grad esou logesch schéngt et fir mech, datt fir déi eenzel Phasen déi Cessioune gemaach gi vun 25%. Well soss bleift dat leien an da fäerten ech, datt déi lescht Phas net méi realiséiert gëtt.

D'Entscheedung vum Schäfferot fir déi Bléck nach eng Kéier ze reduzéieren an se deenen Haiser, déi schonn an de Vieilles Parts bestinn, unzepassen, ass eng gutt Saach. Et muss een sech net ëmmer un dat halen, wat am Bautereglement steet. Besonnesch net, wann een eng Verbesserung ka kréien, well da kënnt dat der Liewensqualitéit vun de Leit zegutt obwuel och vun der Regierungssäit propagéiert gëtt fir esou bauintensiv ze bauen ewéi méiglech fir datt mer vill Leit op Lëtzebuerg kréien. Mee ech mengen, déi Leit, déi mer heihinner wëlle kréien – a wann et och nach eis eege Leit solle sinn -, déi sollen dann awer och an agréabele Konditioune kënne wunnen.

Den Uschloss vun der Kanalisatioun huet de Buergermeeschter jo och schonn ugeschwat. Ech mengen, dat hei ass jo dann awer e weidert Argument fir bei deenen néidege Ministèren oder Institutiounen Drock ze maache fir datt dat och realiséiert gëtt. Well der europäescher Direktiv no musse mer dat jo maachen, a mer komme jo ëmmer méi no bei 2009 an ech mengen, d'Zäit géif awer dränge fir dat ze maachen.

Ech wëll och nach kuerz op d'Recommandatioune vun der Ëmweltkommissioun agoen. Do ass et och vläicht elo nach verfréit fir et als Konditioun ze maachen – ech froe mech, ob een dat iwwerhaapt kann als Bedingung stellen -, mee et soll no Energiemoossname gekuckt gi well et jo méiglech ass fir platt Diech ze maachen an ze begréngen. Och déi Saach fir erneierbar Energien do anzesetzen ass eng gutt Saach, mee ech mengen net, datt een dem Promoteur dat kann als Oplo ginn.

Dann hunn ech nach just eng Fro. Am „plan directeur", dee jo am Fong geholl net direkt zur Diskussioun steet, ass laanscht déi fënneft Phas nach esou eng donkelgréng Sträif. Firwat ass net dra virgesinn, wat domat soll geschéien?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Fir op är lescht Fro ze äntwerten. Déi donkelgréng Sträif läit op engem Terrain, deen am PAP dran ass, mee deen dem Promoteur nach net gehéiert. An en ass genee do, wou mer gesot hunn, datt de Wee géif lafen. Dee Vëloswee, deen aus der Croix St. Pierre bis an de Brouckerwee geet, géif do ee Moment ënnerbrach ginn an e kéim dann net méi virun. Mär mengen, dat wier net richteg. An dofir hu mer och an eis Konditioune gesat – a mer proposéieren och dem Gemengerot fir dat esou ze iwwerhuelen -, datt et an Zukunft do misst e Wee ginn. Et sinn och Diskussiounen amgaangen, an et sinn och Leit, déi net wëlle verkafen. An dat ass e Projet, deen an den nächste Joeren nach net realiséiert gëtt aus deenen Iwwerleeungen eraus. Mee mer musse jo awer dee ganze Projet virstellen. Mer kënne jo net duerno e PAP stëmmen, deen déi aner Terrainë géif hypothekéieren a wou een net méi kéint hikommen. Dofir ass den „plan directeur" gemaach. Fir datt ee gesäit, wou et higeet. Mee an däer éischter Phas wäert sech dee ganzen Deel do net realiséiere well verschidde Besëtzer do net wëlle verkafen.

Roger Klein (LSAP):

Här Buergermeeschter, där hutt gesot, datt dee Projet déi eng oder aner Beschwéierlechkeet fir d'Leit ronderëm mat sech bréngt. Ech mengen, dat ass kloer. Dat ass bei all Bauprojet de Fall, mee et ass och fir eis alleguer hei um Dësch e Grond fir ze soen, et duerf guer näischt méi hei geschéie well eben eng Nofro do ass. A mer wëssen, datt en Drock do ass wat d'Präisser vum Bauland ugeet. A mer mussen als Gemeng einfach e Beitrag leeschte fir datt déi Konditiounen och entstinn, datt kann an eiser Gemeng weiderhi gebaut ginn. Ëmsou méi, wéi dat do jo och e Gebitt ass, wat duerchaus an den Amenagementsplang passt well et net eng Erweiderung vun engem Wunngebitt ass, mee et ass eigentlech eng Verdichtung well jo ronderëm op den Terrainen, vun deene mer elo schwätzen, schonn eng Bebauung ass.

Ech wollt just wëssen an och ze bedenke ginn, datt all gréissere Bauprojet – an do ass jo een – Auswierkungen op eis ëffentlech Ariichtungen huet. An och wann dat do e Bauprojet ass, dee sech vläicht iwwer 10, 12 oder méi Joeren hinzitt, da wësse mer awer aus Erfahrung och, wéi laang et dauert – onofhängeg vun eisem Wëllen – wa mär als Gemeng eppes plangen am ëffentleche Beräich. An ech ka mer virstellen, datt, wann do 300 Familllje bäikommen iwwer eng Period vun 15 Joer, datt do och eng ganz Rei vun Infrastrukturen ze kleng sinn. Bon, ech ka mer virstellen, datt eis Kierchen déi Leit nach ophuele kënnen, mee bei eise Schoulen, eise Garderien an „Tagesstätten", do gëtt et scho méi problematesch. Dofir meng Fro: ass schonn eng Etude gemaach iwwer d'Auswierkungen op esou Institutiounen ? Wann net, wier et net sënnvoll, datt een dat géing maachen ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Effektiv, dee Projet hei ass och ee vun deenen, déi sécher eng Auswierkung huet op déi Etuden, déi Zeyen a Baumann amgaang sinn ze maachen am Kader vum PAG. An do sinn och elo Berechnungen amgaang gemaach ze ginn an déi wäerte mer ufanks 2009 sécher dem Gemengerot virstellen, well mer musse jo och fir de PAG am Laf vun den nächsten zwee Joer Entscheedungen treffen. Et gëtt also berechent, wat fir Auswierkungen all déi Projeten, déi den Ableck um Dësch leien, op d'Schoulinfrastrukturen an op d'Maison relais hunn. Hei zu Péiteng wäert och nach fréier oder spéider e gréissere Projet kommen. Mer wëssen, datt d'Maison relais en Dossier ass, wou mer nach an de Kannerschung stinn a wou mer amgaang sinn, verschidde Beméiungen ze maachen. Am Budget 2008 hate mer jo schonn e klenge Kredit stoe fir eis éischt Gedanken ze maache fir hei zu Péiteng eng ze schafen. Domat kréiche mer déi Rodanger Maison relais entlaascht well jo ganz vill Péitenger nach op Rodange ginn. Dee Projet wäerte mer iech sécherlech bis Enn vum Joer virstellen. Do wäerte mer iwwer e Plang ofstëmmen a mer hoffen, datt mer do déi néideg Ënnerstëtzung vun de Ministère kréie fir do unzekommen. Domat ass sécherlech nach net alles gemaach, well wa mer déi Infrastruktur hei zu Péiteng bauen, da wäerte mer fir all sechst Kand hei an eiser Gemeng eng Plaz an der Maison relais hunn. Dat heescht, datt mer nach mussen an deenen nächste Joere plangen. Doduerch ass jo och an deem do Lotissement eng Plaz virgesi fir esou Infrastrukturen. Dat kann eng Maison relais sinn, dat kann och eng Crèche sinn, déi do installéiert ka ginn.

Wat d'Schoulen ugeet, do muss ech soen, datt mer zu Rodange grouss Efforte gemaach hunn. Zënter 2000 hu mer d'Fonderie-Schoul an d'Päsch-Schoul vergréissert a mer sinn amgaang d'Neiwiss-Schoul ze vergréisseren. Do kréie mer eng Reserve dat anert Joer am September vun deem engen oder anere Klassesall. Dat ass sécher net alles. Mer wëssen och, datt, wann dësen an och déi aner Projete realiséiert ginn, mer eis Gedanke musse maachen, wou mer nach Schoulinfrastrukture kënne schafen. Do sinn déi eng oder aner Diskussiounen amgaange mat Privatleit ob mer Terraine kënne kréien. Et kann ee sech

och virstellen – a mer hu jo och nach bei der Fonderie-Schoul Terraine leien – fir do nach ze vergréisseren. Mee dat sinn Diskussiounen, déi ech éischter an dräi oder véier Joer gesinn. Ech géif mengen, datt zu Rodange, wann déi éischt Haiser bewunnt sinn, mer déi Kanner kënnen ophuelen. Mee wann dann a 15 Joer dat ganzt Lotissement gemaach ass, da ginn déi Infrastukturen, déi mer elo hunn, net duer. Mee bis dohi musse mer eis Gedanke maache wéi mer se weider entwéckele wäerten.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hu gelauschtert, wéi ech héieren un, datt et 20 oder 30 Kilometer an der Stonn wieren. Do leeën se sech jo awer op eppes fest. Entweder 20 oder 30, oder kënnen se keng Entscheedung am Ministère huele fir ze wëssen, mat wéi enger Geschwëndegkeet een do fiert ? Deen aus der Verkéierskommissioun huet dat esou dohinner geschriwwe well en och net méi wosst.

Roland Breyer, Schäffen:

D'Geschicht vun 20 ass an der Mautsch. Dat ass jo dann déi Geschicht vum „shared space". Do sinn se amgaang drun ze denken, a vum 1. Januar u wëllen se dat och virschloen. Dofir ass gesot ginn 20 an 30. Déi 20 géif sech och just op gëeegente Plaze maache loossen. Also net an de Stroossen. Dat ass einfach do, wou de Verkéier sech mat der Plaz vermëscht. De Rescht an de Stroosse misst awer 30 Stonnekilometer sinn.

Jeannot Linden (LSAP):

Mer hu jo gesot, datt déi Baufirma d'Strooss fir d'éischt misst derduerch maachen. Déi leeë jo och de Kanal mat, deen dann an d'rue des Vieilles Parts geet. Do ass jo den Uschloss. Dat gi jo awer Quantitéiten, wann et reent. Dat muss een sech jo virstellen, wat do erofleeft wa mer emol e Schluet kréien, esou wéi mer der déi lescht Zäit haten.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass jo virgesinn, datt en Trennsystem do soll entstoen. D'Iwwerflächewaasser soll jo aneschters gehandelt ginn ewéi dat anert. Et kann een d'Hänn net virun d'A maachen. De Moment loosse mer nach alles an d'Kor fléissen. A wann elo och nach e Kanal derbäi kënnt, dann ass nach net vill geschitt. Mee mer sinn als Gemeng natierlech déck déck interesséiert, datt et do virugeet an datt déi Situatioun einfach berengegt gëtt, esou datt mer ganz Rodange, déi ganz Fonderie un d'Kläranlag ugeschloss kréien. Well 2010/2011 kréie mer Strofen op de Bockel, an da kréie mer keng Subventioune méi vum Stat. Den Ableck kréie mer nach 90% Subventiounen, esou datt et an eisem Intressi ass fir do ganz séier eng propper Situatioun ze schafe fir dee ganzen Deel. Dat Lotissement dréit natierlech zur Envergure bäi, dat muss anescht berechent ginn. Wéi de Buergermeeschter schonn ugedeit huet sinn och scho Liichtblécker do wéi wa mer kéinte relativ séier Kloertext schwätze wou déi Pompelstatioun soll hikommen, well mer musse jo dat hydraulesch eroppompelen. Also, do schéngt e Liichtbléck ënnerwee ze sinn. Mee well de Grand Bis schonn esou laang mautscht, ech weess net, wéini mer ugefaangen hunn doriwwer ze schwätzen. Duerno ware mer um Agora-Terrain op der Fonderie, wou och nees eng Diskussioun amgaange war, datt mer do och nees zesummekommen. Wann et net anescht ass, da froe mer eis Kollegen aus der Belsch ob mer net mam Kollekter doriwwer kënne fueren. Spaass op d'Säit, mee et muss ee geschwënn esou iwwerleeën. Mer sinn interesséiert, datt dat séier virugeet.

Jeannot Linden (LSAP):

Meng Fro sollt dohinner goen, datt, wa mer e Kanal vun engem Meter Duerchmiesser leeën, da kënnt jo do eng gewalteg Quantitéit Waasser, dat dann an d'rue des Vieilles Parts dréckt. Läit dann do e Meter oder net, dat weess ech jo net. Gëtt do vläicht e „bassin de rétention" gebaut fir déi Quantitéiten opzefänken an da méi lues virunzeleeden ?

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass en „bassin de rétention" virgesinn am Lotissement. E muss esou konzipéiert ginn, datt een och kann driwwer fueren. Dat zweet ass, datt et och eng Obligatioun ass, datt de Promoteur déi noutwenneg Etude muss maache fir sech un de Kanal unzeschléissen a wat dat mat sech bréngt. Mer hu jo ëmmer d'Obligatioun esou gemaach, datt, wann de Promoteur sech uschléisst, en och de Käschtepunkt muss droen. D'Gemeng kann net responsabel gemaach ginn. Mär kënnen awer net dem Promoteur d'Pompelstatioun op de Bockel leeën. Mär kënne just kucke bis mer un déi Pompelstatioun kommen a wat fir Moossnamen hie muss maachen. An do steet ganz kloer, datt de Promoteur muss Erklärunge ginn, wéi en dat wëll maachen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Mer hate jo scho masseg Reuniounen doriwwer, sief dat offizieller oder inoffizieller, an deene mer iwwer dee ganze Projet diskutéiert hunn. Et steet fest, mer schléissen eng Baulück, wat den Här Klein schonn ugekënnegt huet. D'Bauterraine ronderëm si verbaut, mär schléisse just de Bauterrain of. Mee mer schléissen déi Baulück mat engem neien Duerf. Ech mengen, 300 Familljen, dat ass quasi en neit Duerf. Dofir ass et scho gutt, datt mer dat op 300 konnten drécke wat d'Unitéiten ugeet. Wou ech nach e grousse Problem gesinn a wou mer och elo scho méi laang driwwer diskutéiert hunn, dat ass haaptsächlech d'Iwwerfläche-waasser, well déi grouss Fläch wéi se elo besteet ass Fiichtgebitt. Do leeft a steet vill Waasser. Dat gesäit een och ëmmer nees bei den Iwwerschwemmungen ënne bei den Haiser an der Lonkecher Strooss. Do muss een einfach kucken, datt mer dat no alle Regele vun der Konscht an de Grëff kréien, well mer mussen eis bewosst sinn, datt mer do masseg Terraine versigelen obwuel mer do eenzel Gréngflächen dran hunn. Oder wéi dat och esou schéin heescht, well mer dee grénge Rimm derduerch hunn. De Promoteur muss do zesumme mat der Gemeng kucken, datt dat esou gutt wéi méiglech kann iwwer d'Bühn goe wat d'Waasser an de Kanal ugeet.

Hei dann nach eng aner Recommandatioun vun eiser Ëmweltkommissioun. An eisen An ass et méiglech, a mer haten e gréissert Dokument un de Schäfferot ginn, wou all Partei gefrot gouf fir e Schreiwes ofzeginn, an an deem mer erkläert hu fir dem Promoteur déi Oploen ze maache fir Energie spuerend Haiser am Kader vun eisem Klimabündnis-Engagement ze bauen. Haaptsächlech Nidderegenergiehaiser. Wat natierlech och an eisem Pabeier erauskoum ass, datt et absolut sënnvoll wier fir vun esou enger Geleeënheet ze profitéieren an eng Kogeneratioun virzegesinn. An ech denken, datt mer dat nach ëmmer kéinten dem Promoteur mat op de Wee ginn an net déi eenzegaarteg Chance an deem Sënn verpassen. Well dat ass jo e klengt Duerf a mer kéinte vill méi draus maachen wéi mer dat de Moment maachen. An dofir géif ech nach eng Kéier dem Schäfferot mat op de Wee gi fir nach eng Kéier mam Promoteur ze kucken a fir deen esou wäit wéi méiglech drop hinzeweise fir Niddereg-energiehaiser ze bauen oder all Méigleches ze maache fir Energie ze spueren. Zum Deel och d'Installatioun vun enger Kogeneratioun mat op de Wee ze ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Laut deem, wat de Promoteur eis gesot huet, géif dat sécherlech an déi Richtung goe fir Nidderegenergiehaiser ze bauen. Et ass och vu Massivhaiser

geschwat ginn. Ech mengen, mer sollten dat nach eng Kéier am Kader vun enger Konventioun aktéieren. Et kann net sinn – an do ginn ech iech Recht -, datt mer esou baue wéi dat virun 30 oder 40 Joer gemaach ginn ass. Ob et elo duergeet fir eng Kogeneratiounsanlag ze bauen, da musse si berechnen, mee mer wäerten hinnen dat do nach eng Kéier un d'Häerz leeë fir datt si déi Saachen analyséieren an och kucken, wéi kann am ëmweltfrëndlechste gebaut ginn.

Guy Brecht (LSAP):

Wat ech wollt soen, dat ass scho bei der Interventioun vum Här Klein beäntwert ginn. Mat deem neie Schoulraum, dee mer do brauchen, musse mer eis matzäite Gedanke maachen, well dat ginn der vill.

Wat ech awer nach wollt soen, wat d'Liewensqualitéit vun deene Leit ronderëm ugeet. Do muss een awer bedenken, datt an der rue des Vieilles Parts 12 Joer laang schwéier Gefierer op- an offueren. Fir mech wier et méi sënnvoll gewiescht, wa mer en Zougank op d'Lonkecher Strooss hätten. Dat ass meng perséinlech Meenung.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wa mer hei vun 12 Joer schwätzen, dann ass dat dee ganzen „plan directeur", dat sinn also déi fënnef Phasen. Ech kéint mer ganz gutt virstellen, datt mer elo an engem éischten Deel déi éischt véier Phase maachen, wat 60% - mengen ech – vun deene ganzen Aarbechten duerstellt. Do hu mer awer scho vun Ufank un zwou Sortien : d'rue du Clopp an d'rue des Vieilles Parts, a wou mer och dem Promoteur d'Oploe ginn, datt en net nëmmen zur ënneschter Säit erausfiert, wat vläicht méi op der Hand géif leien. Mee mer kéinte jo eis Instruktioune ginn, datt en och uewe misst erausfueren. An dann, wann dee fënneften Deel realiséiert gëtt – wat awer nach 40% ausmécht -, da gëtt jo och eng Entrée vum Brouckerwee aus gemaach. A wa mer déi Entrée maachen, do kënnte mer och als Oplo ginn, datt d'Aarbechten da vun do aus gemaach ginn an net méi duerch d'Vieilles Parts. Esou datt een net dovunner sollt ausgoen, datt alles, wat realiséiert gëtt, iwwer d'Vieilles Parts geet. Do muss ee mam Promoteur zesumme kucken, wéi een dat an Etappe ka maachen, a wou ee vläicht déi lescht Etapp ganz vun uewen erof ka maachen. Mee et ass sécherlech net einfach.

Norbert Pierre (LSAP):

Mer hunn déi Saachen, déi doranner respektéiert ginn, dat ass d'Jonctioun vun der Croix St. Pierre mat dem Brouckerwee. Fir mech wier et awer och wichteg gewiescht – mee dat kënnt jo eréischt fir d'lescht drun -, datt ee vun der rue des Vielles Parts och en Zougank hätt an d'Croix St. Pierre eriwwer. Dat heescht, duerch e Foussgängerwee oder esou. An zwar, wou ee riicht kann do eriwwer goen. Ass do eppes virgesinn oder net?

Roland Breyer, Schäffen:

E geet iwwer de Parking.

Norbert Pierre (LSAP):

Et wier ob alle Fall ze begréissen, wann et esou eng Jonctioun géif ginn. Well et kann ee jo net déi zwou Citéë ganz vuneneen trennen. Et ass gutt, datt se net mat den Autoe vun enger an déi aner fuere kënnen, mee et muss awer méiglech sinn, als Foussgänger, Vëlosfuerer oder mat der Kannerkutsch säin Tour do ze dréinen.

Ech géif och nach um Här Becker seng Ausso uknäppen. Kënn een net de Promoteur fir déi Kogeneratiounsanlag motivéieren? Well fir 300 Unitéiten ass et eppes, wat wierklech sënnvoll wier. An der Stad maachen se dat fir aner Unitéiten. Do kéint een d'Chance jo awer notze fir esou eppes dohinner ze bauen. An ech mengen, do géife jo och vill CO2-Emissioune gespuert ginn am Interesse vun allen neien Awunner do. Bon, d'Kogeneratioun hänkt natierlech vum Promoteur of, ob en dat wëllt oder net, ob en dat a sengem Projet finanziell kann ofdecken oder net.

Et ass natierlech och ugeklonge fir Passivhaiser oder Nidderegenergiehaiser ze bauen, déi den heitege Critèren entspriechen. Haut muss ee jo och e Plang eraginn, deen deenen néidege Critèren entsprécht. Dat freet jo den Ëmweltministère, well soss kritt een se jo net méi autoriséiert. Dat ass jo och scho gutt, datt d'Gesetz dat schonn zum Deel virgesäit.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer wäerten als Schäfferot de Promoteur op déi zwou Saachen uschwätzen. Mer haten dat effektiv schonn am Virfeld ugeschwat. Do sinn eis gewësse mëndlech Zousoe gemaach ginn. Mee wann et elo méi konkret gëtt, da wäerte mer dat do nach eng Kéier diskutéieren, a mer wäerten de Wonsch vum Gemengerot, datt op deem Niveau méi futuristesch an net zevill wéi virun 30 Joer geduecht gëtt, zum Ausdrock bréngen an dofir suergen, datt deem och Rechnung gedroe gëtt. Mer stëmmen also haut déi véier PAPen, an da géifen déi fir 30 Deeg ausgehaange ginn.

Approbation à l'unanimité.

9.2.2.

Urbanisation.

Plan d'aménagement particulier Nord 2 concernant des fonds sis à Rodange, aux lieux-dits « A la Croix St Pierre », « Aux Vieilles Parts », « A la Wissi », « A Heisdriesch» et « Au Chemin de Brouck », section C de la commune de Pétange, présenté par la société « Rodange Lotissement S.A. » de Sandweiler - approbation provisoire.

Approbation à l'unanimité.

9.2.3.

Urbanisation.

Plan d'aménagement particulier Nord 3 concernant des fonds sis à Rodange, aux lieux-dits « A la Croix St Pierre », « Aux Vieilles Parts », « A la Wissi », « A Heisdriesch» et « Au Chemin de Brouck », section C de la commune de Pétange, présenté par la société « Rodange Lotissement S.A. » de Sandweiler - approbation provisoire.

Approbation à l'unanimité.

9.2.4.

Urbanisation.

Plan d'aménagement particulier Sud 1 concernant des fonds sis à Rodange, aux lieux-dits « A la Croix St Pierre », « Aux Vieilles Parts », « A la Wissi », « A Heisdriesch» et « Au Chemin de Brouck », section C de la commune de Pétange, présenté par la société « Rodange Lotissement S.A. » de Sandweiler - approbation provisoire.

Approbation à l'unanimité.

10.

Environnement.

Nouvelle convention du « Klimabündnis Luxembourg » - approbation.

Gilbert Welter, Schäffen:

D'Péitenger Gemeng war eng vun deenen éischte Gemengen, déi d'Konventioun vum « Klimabündnis Lëtzebuerg » den 1. Abrëll 1996 mat der « Action Solidarité Tiers Monde » an dem « Mouvement écologique » ënner-

schriwwen huet. 12 Joer duerno sinn aus deenen 7 éischte Gemengen der 34 ginn, déi dem «Klimabündnis» bäigetruede sinn. An der Vollversammlung vum November 2007 gouf décidéiert fir en Aarbechtsgrupp ze schafen, fir iwwer d'Zukunftsstrukturen an d'Aarbechtsmethode vum «Klimabündnis» ze debattéieren. Dësen Aarbechtsgrupp huet dann och an der Versammlung vum 9. Juni 2008 eng nei Konventioun mat engem interne Reglement virgeluegt, dat vun alle Vertrieder an däer Réunioun ugeholl gouf.

Déi nei Konventioun hutt der an dem Aide-mémoire virleien. Si erlaabt eis eng besser Organisatioun vum «Klimabündnis ». Déi 3 Organer, d' « séance plénière », d'Coordinatiounscellule an d'national Coordinatioun, garantéieren de Gemengen e kloere Kader vun Zesummenaarbecht. Den Text iwwer déi grouss Prinzipie vun « Klimabündnis Lëtzebuerg » changéiert net. Ech denken un de Kampf géint de Klimachangement oder den Hëllefen duerch e Partenariat an deenen aarme Länner. Par contre ass de Rechtstext duerch déi rezent Evolutiounen adaptéiert ginn. De Schäfferot huet déi nei Konventioun den 19. September 2008 ënnerschriwwen, a mer froen de Gemengerot elo fir och seng Zoustëmmung ze kréien.

Carlo Gira (CSV):

Ech wollt just eng Bemierkung maachen, an da kommen ech nach eng Kéier op dee Punkt vu virdrun zeréck. Et ass scho vun e puer Säite gesot ginn, datt, wa mer wëllen Neel mat Käpp maachen, mer versiche musse fir an deene Lotissementer déi mer plangen déi Aktiounen ëmzesetzen, fir datt mer och déi Ziler kënnen erreechen déi am Klimabündnis virgesi sinn.

Approbation à l'unanimité.

11.

Transports et communications.

Règlement d'urgence de la circulation routière à Pétange et à Lamadelaine, relatif au fonctionnement du nouveau lycée avec sa gare routière, et affectant la circulation dans les rues Robert Krieps, N5D et l'accès à ce lycée – confirmation.

Roland Breyer, Schäffen:

Hei geet et ëm d'Verkéiersluuchten, déi beim Lycée opgeriicht gi sinn. De Lycée ass de 15. September opgaangen, an dofir huet miissten e Reglement geholl gi fir datt den Trafic do konnt lafen. Et si jo e puer Luuchten dohinner gestallt ginn, an dat op der Intersectioun vum Lycée an der Nationalstrooss 5 D, an och an der rue Robert Krieps, wou et eriwwergeet beim Centre d'intervention fir d'Gare routière unzebannen.

D'Luuchte sinn 'en place' a mer sollen dat Reglement elo hei guttheeschen. Dir konnt och op der Plaz gesinn, datt et relativ gutt leeft. Et musse vläicht nach e puer Ajustementer gemaach ginn, mä et huet awer eppes miissten do ënnerholl ginn. Mir hunn déi grouss Gare routière do, an déi muss iergendwéi prioritär behandelt ginn, well soss dee ganzen Trafic blockéiert gëtt. Mir hunn et mat eisem Centre d'intervention kombinéiert, fir datt déi sech och kënnen do drun hänken, an datt si och kënne vun deene Luuchte profitéieren.

Wa se op RN5D eriwwerkommen, da blockéieren se natierlech den Trafic am Rond-point. Deemno zu watfir Momenter dat ass, ass dat net evident. Et muss ee kucken, watfir Ajustementer do nach kënne gemaach ginn. Mä mir hunn déi Obligatioun vum Stat operluegt kritt. De Stat hätt gären déi Luuchten dohinner gehat. Et war net eise Wonsch. Ech gesinn och keen anere Wee wéi et kéint besser fonctionnéieren. Mir hunn e bëssen eng komesch Situatioun do. Et kann een nëmmen elo emol observéieren a kucken, op een nach e Feinschlëff ka maachen.

Fir de Moment wollte mer de Gemengerot emol froe fir d'Reglement an dëser Form guttzeheeschen. D'Luuchte stinn do, a mer kréien se och net méi ewech. Mir hunn esouguer dierften un de Käschte participéieren, dat war och eng Konditioun, déi mer operluegt kritt hunn, a mer mussen elo kucken, datt mer eens ginn.

Mir wëllen awer och – an dat ass vläicht en Hiwäis, well mer hunn nach ëmmer déi komesch Dénominatioune vu verschiddene Stroossen an et gëtt een dronke wann ee verschidde Reglementer liest – verschidde Stroossen a Stroossendeeler nei benennen, fir datt ee sech besser ka virstelle wou dat ass. Mir wollten am Kader vun deem neie « règlement général de la circulation » – dat mer viraussiichtlech am November dem Gemengerot wäerte virleeën – kucke fir deenen Abschnitter och en aneren Numm ze ginn. Zum Beispill kéint een dann deen Deel vun der Bréck erof op de Rond-point « rue du Lycée » nennen. Dat wier méi kloer wéi RN5 D oder RN5 E.

Wa mer all déi Plazen a Stroossendeeler nei benennen, da gëtt et méi kloer fir d'Reglementer ze liesen a sech och dran erëmzefannen.

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass eng gutt Iddi fir deene Stroossen aner Nimm ze ginn. Mä ginn d'Ponts et Chaussées mat drun. Well si hunn hir Bezeechnung international op de Pläng stoen. Ech hat mer d'Méi emol eng Kéier gemaach, an hunn erausgeschriwwen, wou zum Beispill all déi 'chemins repris' sinn, a bis wouhinner wat geet. Esou ass zum Beispill d'Tëtelbiergstrooss e 'chemin repris', an dat wëssen déi Allermannst.

Ech hu mech och e bësse geiergert iwwert déi Luuchte beim Lycée, mä et ass eis eben operluegt gi vum Stat. D'Situatioun ass awer onglécklech wann ee mueres fréi oder um 5 Auer mëttes do laanscht fiert. Do ass de Stau scho virprogramméiert.

Wéi gesot, et gouf eis vum Stat operluegt, an et ass schwéier eppes aneschters ze maachen.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass awer net esou, datt mer deen Dossier elo einfach acceptéieren. Mir musse mat der Situatioun liewen, och mat deem Trafic deen do ass. Mir sinn awer permanent am gaange mat Bréiwer un den Transportministère an un d'Travaux publics ze schreiwen, well mer och d'Sécurisatioun fir d'Foussgänger am Quartier gären hätten. Well déi ass guer net optimal. Mir hunn zwar elo hei iwwerall Foussgängersträifen, mä dat ass awer guer net optimal. Well wann ee wëll eriwwer goe bei de Futtballterrain, dann ass ee guer net ofgeséchert, a mer mussen onbedéngt op esou Situatiounen opmierksam maachen. An do si scho Bréiwer gemaach ginn, a mer wäerten an nächster Zukunft Entrevuen hunn. Et muss eppes aneschters vum Stat aus op deem Rond-point 'Porte de Lamadelaine' geschéie wéi dat, wat fir de Moment do ass.

Norbert Pierre (LSAP):

Den Här Linden huet en Deel vu menger Fro schonns ugeschwat, dat heescht de Réckstau bis op d'Bréck erop an esou weider.

Ech ginn awer och ze bedenken, datt déi Luuchten net alleng déi Situatioun mat sech bréngen. Well den Trafic vun eise franséische Kollegen, asw., huet sech scho verlagert an d'rue des Prés, esou datt déi scho guer net méi do erof fueren. An dat bréngt mat sech, datt se duerch Péiteng fueren, an datt et zu Péiteng zeréckstaut bis hannert d'Aral-Statioun.

Da wollt ech och nach soen, datt mer soss e Foussgängerwee haten, do wou elo de Lycée gebaut ginn ass. Gëtt dee Foussgängerwee erëm hirgestallt? Well fir de Moment besteet deen net méi.

Roland Breyer, Schäffen:

De Wee gëtt nees aménagéiert esoubal de Chantier ofgeschloss ass.

Et sinn nach e puer Saachen ënnerwee. Et gëtt am Moment op verschiddenen Niveaue geschafft. Et gëtt am Moment vun der Gemeng Péiteng geschafft, mä et gëtt awer och vun der Association transfrontalière geschafft, déi och do Drock ausüben. Et ass eng Etude gemaach ginn, an et ass festgestallt ginn, datt dee ganze Contournement, dee mer jo haut 'Avenue de l'Europe' nennen, einfach saturéiert ass, an datt et och, baulech gesinn, kee Sënn mécht fir do auszebauen. Well déi Ouvrage ginn esou deier, oder et besteet keng Méiglechkeet fir auszebauen, esou datt een nëmme ka securiséieren an d'Mobilité douce nëmme ka privilegéieren.

Bei der Mobilité douce war mäi Kolleg Gilbert Welter déi lescht Woch nach mat de Kollegen aus der Belsch a Frankräich zesummen, an do gëtt versicht, fir eng Vernetzung vun de Vëlosweeër ze maachen, esou datt ee mam Vëlo och kéint bis an de Lycée fueren. Op der lëtzebuerger Säit sinn déi Méiglechkeete praktesch do. Op der belscher Säit muss nach e bëssen ausgebaut ginn, an d'Fransousen hunn nach ganz vill ze maachen.

Mir hunn och nach eng Entrevue ausganks Joer mat den 'décideurs politiques nationaux' a 'régionaux', fir ze kucke wéi et soll mat deem ganzen Transport virugoen. Well spéitstens wa Belval operationell ass, gëtt gefaart, datt nach méi Leit kommen, an datt näischt do ass. A wa se heihinner kommen, da spiere mir et jo als éischt. An dofir musse mer kucken, datt mer ganz séier reagéieren. Bei eis ass eng Léisung op deem dote Rond-point méiglech oder denkbar, fir datt den Transit ënnerierdeg duerch en Tunnel weiderleeft, an datt nëmmen 'en surface' de Résidentiell eraus kënnt. Dat wier fir eis déi optimalste Léisung, well dann hätte mer och méi Sécherheet uewen. Mir hunn de Moment um Contournement 31.800 Autoen den Dag. Mir hunn der an der Haaptstrooss bal 20.000. A mer hunn 8.000 Schwéiertransporter um Contournement. An da soll ee sech emol en Szenario virstellen – deen een net sollt eropbeschwieren – datt eng Kéier eppes mat engem Bus mat Kanner géif geschéien. Och fir d'Eischt-Hëllefséquippen ass et katastrofal fir dann op d'Plaz ze kommen. An dofir muss einfach eng Léisung fonnt ginn.

Vun de Regierungsparteien ass jo geschwënn d'Journée parlementaire hei zu Péiteng, an de Buergermeeschter huet sech engagéiert fir do ze intervenéieren an haaptsächlech op déi heite Problematik opmierksam ze maachen.

Carlo Gira (CSV):

Här Breyer, Dir hutt mer e bëssen dat ewechgeholl, wat ech eigentlech wollt soen. Ech wollt och op déi Situatioun hiweisen, déi problematesch fir de Foussgänger ass, an déi haaptsächlech aus dem Quartier Péiteng-Norden hierkommen. Et besteet zwar e Wee fir sécher bei de Lycée ze kommen, andeems een iwwert déi blo Bréck eriwwergeet, an dann duerch de Zoning an duerch Ënnerführung bei de Lycée geet. Et ass awer eng Utopie, datt d'Leit dee Wee huelen. Mir hunn och de Futtballterrain an d'Weieren, an et ass och problematesch fir wéinst dem Trafic sécher dohinner ze kommen.

Ech wëll awer och nach soen, datt, wann een et den Automobilisten et ze einfach mécht, et ëmmer méi Autoe ginn. An et ass vläicht op däer Plaz wierklech ze recommandéieren, datt esouvill Leit wéi méiglech mat de Bussen a mat den Zich sollen an de Lycée kommen, an net mat den Autoen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

An deem Zesummenhang wollt ech just nach drop hiweisen, datt mer mat de Ministèren am gaange sinn ze schaffen. Esou soll bei d'Rodanger Gare e Park&Ride fir 600 Plaze kommen. Mir hu virun engem Joer schonns eisen Avis favorable dozou ginn. Deen Dossier wäert nach an der Maach sinn, mä mer hoffen, datt dee realiséiert gëtt. Dat gëtt nees erëm d'Méiglechkeet, datt 600 Grenzgänger do kënnen den Auto stoe loossen an eis Parkingen zu Péiteng, Rodange a Rolleng entlaaschten, an zu Rodange schonn op den ëffentlechen Transport ëmklammen. Och dat wier wichteg, datt et realiséiert gëtt, an datt dee Park&Ride géif vun der Collectrice aus desservéiert ginn, an datt déi Automobilisten net méi duerch eis Uertschafte fuere mussen.

Mir wëssen awer och, datt – wann all Dag 140.000 Grenzgänger op Lëtzebuerg schaffe kommen – déi Uertschafte ronderëm d'Grenzen iwwerfuerdert sinn. A wann dann och nach de Schwéiertransport dobäi kënnt, da gëtt dat sécherlech net méi einfach. Mer mussen do um Ball bleiwen, a mer wäerten eis net ginn, bis eng Verbesserung op deem dote Gebitt komm ass.

Jeannot Linden (LSAP):

Mir ware jo och am gaangen ze kucke fir déi Verbindungen ze maachen, déi direkt solle vu Lonkesch an d'Stad goen. Well domatter géifen och eng ganz Partie Leit nët méi duerch eis Gemeng fueren. Et miisst ee kucken, wann d'Eisebunnslinn elo duebbel-gleiseg ass, op do net eng Méiglechkeet besteet.

Roland Breyer, Schäffen:

Deen neie Buergermeeschter vu Lonkesch setzt sech komplett dofir an, datt dat soll geschéien. Well et ass jo Onsënn, datt een zu Lonkesch an den Auto klëmmt, da bis op Rodange fiert an do den Zuch hëlt. Firwat net direkt zu Lonkesch op d'Gare goen an den Zuch huelen ?

Guy Brecht (LSAP):

Ech hunn nach eng kuerz Fro un den Här Breyer. Ech hunn de mueren am Duerf zu Rodange gesinn, datt Verbuetsschëlter do sti fir d'Period vum 2. bis de 7. Oktober 2008. Sinn do d'Parkinge gespaart ?

Roland Breyer, Schäffen:

Et ka sinn, datt dat wéinst der Rodanger Kiermes ass. Ech muss dat awer am Service technique nofroen.

Norbert Pierre (LSAP):

Wann ee vu Rodange oder Rolleng kënnt, dann huet ee keng aner Méiglechkeet wéi déi duerch Péiteng ze fueren oder eriwwer op de Contournement ze fueren.

Mir hunn awer nach de Wee, dee laanscht d'Eucosider geet. Dee Wee kéint och eng Entlaaschtung fir Péiteng selwer mat sech bréngen, wann een iwwer dee Wee direkt a Richtung Nidderkuer kéint fueren. Ass dat eise Wee, oder wiem gehéiert deen?

Roland Breyer, Schäffen:

Dee Wee gehéiert eis net. De Wee läit zum gréissten Deel op der 'assiette' vun der Eisebunn. Mir hunn eis awer scho Gedanke gemaach am Kader vum neie PAG, fir do net onbedéngt e Contournement-Sud ze kréien, mä trotzdeem eng Verbindung do ze kréien. Well dee Wee ass wichteg, mä et ass net esou einfach ze klären. Mir hate scho Kontakter mat der Eisebunn. Et war gemengt ginn, datt dee ganzen Triage iwwerflësseg wier, mä dee geet elo awer erëm anscheinend ganz wichteg gehandhaabt. Ass et nëmmen

eng Taktik vun der Eisebunn, oder ass et wierklech esou? Do muss een emol ofwaarde wat sech do nach bewegt.

Approbation à l'unanimité.

12.1.

Vie associative.

Octroi de subsides à des associations – décision complémentaire.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei wieren 2 Décisiounen ze huelen. Déi eng ergëtt sech aus der Décisiounen, déi mer hei geholl hate fir 'Luxembourg sans OGM' bäizetrieden. Do ass en aussergewéinleche Subsid vun 250 Euro fir d'Joer 2008 dobäizesetzen. Dee Subsid hate mer de 25. Juli 2008 net gestëmmt.

Den zweete Punkt ass, datt mer eng Demande vum Photo-Club Péiteng virleien hunn, deen d'lescht Joer säin 20. Concours international de photos pour la jeunesse hat. De Club gëtt ëmmer beim Defizit en Décompte eran, an de Schäfferot proposéiert dem Gemengerot fir – wéi schonn déi lescht Joeren – mat 200 Euro un deene Fraise vun deem internationale Concours deelzehuelen.

Accord à l'unanimité. Mme Gansen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

12.2.

Vie associative.

« Latino Dancers » de Pétange : nouveaux statuts – admission sur la liste des associations à subventionner – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Latino-Dancers vu Péiteng hunn hir nei Statuten eraginn, an hu gefrot, ob se kënnen op d'Lëscht vun de subsidiéierte Veräiner opgeholl ginn. Well mer zanter enger gewëssen Zäit keen Danzclub 'proprement dit' an eiser Gemeng hunn, proposéiere mer als Schäfferot, fir dësem Club e Subside fixe fir 2008 an der Héicht vun 75 Euro ze ginn.

Carlo Gira (CSV):

Sinn déi Danzveräiner, déi bestanen hunn, effektiv opgeléist ginn ? Net datt et eng Kéier Diskussioune mat de Subside gëtt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir haten een Danzveräin, an deen ass opgeléist ginn. Dat war deen, wou den Här Mergen ëmmer dra war. Dat waren d'Danzfrënn Rodange / Lamadelaine, an dee Veräin ass opgeléist ginn. Dat heescht, mir si conforme zu eisem Reglement wa mer den Latino-Dancers e Subsid ginn.

Accord à l'unanimité. Mme Gansen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

12.3.

Vie associative.

« Jeet Kune Do » - changement du siège social.

Il en est pris acte.

12.4.

Vie associative.

« Land Rover Club Lëtzebuerg asbl » - changement du siège social.

Il en est pris acte.

13.

Questions des conseillers communaux.

Jeannot Linden (LSAP):

An der Gemengerotssëtzung vum 11. Juli hat ech eng Fro gestallt betreffend den Zoustand vum Verkéiersspigel um Eck 'rue du Clopp / rue du Chemin de Brouck' zu Rodange. Ech hunn ënner anerem matgedeelt kritt, et géing eng Rupture de stock bei der Liwwerfirma bestoen. De Spigel géing awer den 24. Juli installéiert ginn, hunn ech vum Schäfferot geäntwert kritt. Ech si mech gëschter nach emol iwwerzeege gaangen, ob d'Aarbechten ausgeféiert wieren. Leider muss ech soen 'Neen', et ass nach kee Spigel ubruecht ginn. Wéini ginn déi Aarbechten dann elo ausgeféiert?

Roland Breyer, Schäffen:

Deen Dag, wou der Äer Fro eragereecht hutt, war de Spigel effektiv nach net do. Mëttlerweil ass en awer nees opgehaange ginn. Well de Spigel war schonn eng Kéier do. E war den 17. Juli war e schonn opgehaange ginn, dat heescht 4 Deeg virun deem Datum, deen ech Iech versprach hat. Den 21. Juli war en awer schonn erëm futti, a mer hunn en op en Neits miissten ofmontéieren. Ufanks August hu mer deen Zweeten dohinnergehaangen, an 3 Deeg duerno war och dee schonn nees futti. Dat heescht, dee Spigel, deen elo haut do hänkt, ass deen Drëtten säitdeem Dir hei am Gemengerot intervenéiert hat.

Doduerch datt dee Chantier op däer Plaz ass, ass et och méi enk, an d'Camionen huelen de Spigel mat ewech. Mä, wéi gesot, fir de Moment ass nees e Spigel do.

Jeannot Linden (LSAP):

Betrëfft déi kleng Grénganlagen an der rue des Alteliers zu Péiteng :

D'Anlagen, déi jo engersäits zur Verschéinerung an anerersäits zur Vitessereduzéierung an der Strooss bäidroe sollten, sinn am Mount Mee ewech gemaach ginn, an d'Plaze si schéi propper mat Tarmac der Strooss ugepasst ginn. Elo, ausganks August, uganks September, ginn nei Anlagen – an de Moossen e bësse méi kleng – aménagéiert. Aus wellecher Ursaach sinn déi Anlagen ewech gemaach ginn, d'Plaze mat Tarmac zougemaach ginn, a ginn elo nees nei ugeluegt. Déi bestoend Plazen hätten, technesch gesinn, jo och méi kleng dimensionéiert kënne ginn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech si mat mengem Auto nach ëmmer gutt derlaanscht komm. Wou déi Grénganlagen an déi Bacë virun 20, 25 Joer gebaut si ginn, sinn déi iwwer 3,5 Meter an d'Strooss gebaut ginn. Dee Moment war de Verkéier an däer Strooss, déi effektiv ganz schmuel ass, nach net esou grouss wéi haut. Haut sinn an all Haus mindestens 2 bis 3 Autoen, an déi stinn effektiv dobaussen. Dofir ass décidéiert gi fir déi Bacë méi kleng ze maachen. Si hätten och direkt sollte méi kleng gemaach ginn. Ënnen an der Strooss ass jo och ee Bac ganz verschwonnen an déi ganz Breet vun der Strooss ass mat Pavé ausgeluegt ginn. E Bac war direkt suppriméiert ginn, an dee gouf ewechgeholl ouni nozefroen. Bei deem anere Bac war de Chantier relativ laang, a mer hunn nogefrot a gesot, datt mer gären hätten, datt dat Ganzt erëm eenegermoossen an deen Zoustand zeréckgesat gëtt wéi et virdru war. Et war just méi kleng, fir datt eis Servicer an d'Autoen an der Strooss kënnen normal zirkuléieren. Et ass du gekuckt ginn, wéi dat Ganzt soll gebaut ginn. Si wollten eng speziell Zort Stäng dohinner leeën, wou mir awer der Meenung waren, datt dat net miisst sinn, an datt normale Steen géif duergoen fir dat ze bauen. Do koum de grousse Congé, an eis Steemetzer waren net 'sur place'.

Dunn huet et geheescht, datt se nom Congé géife gebaut ginn, an et gouf och mat den Aarbechten ugefaangen. Wou du sollt de Finissage sollt gemaach

ginn, war net genuch Tarmac do. Am September waren d'Aarbechten dunn endlech fäerdeg ofgeschloss, den Tarmac war do, de Bac ass gebaut, an zanter 4 Deeg beplanzt. De Bac ass elo an deenen Dimensiounen, fir datt eis Servicer, wéi zum Beispill de Müllwon, d'Schnéischëpp, asw. kënnen ouni Problem laanscht kommen. Well mir haten effektiv de Problem, datt am Wanter de Raumdéngscht net bis uewen an d'Strooss komm ass, well d'Autoe béidsäiteg stationéiert waren. Well d'Autoe stoungen 'en face' vun deene ganze Plantatiounen.

Séance publique du 27 octobre 2008

Durée de la séance: *9.00 à 10.45 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Albert Muller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Welter Gilbert, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	/

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos

1. Enseignement musical
   - 1.1. Classement de deux chargés (m/f) de cours - décisions.
   - 1.2. Nomination de deux chargés de cours (m/f) comme employé communal - décisions.
2. Prévisions sociales: engagement d'un apprenti supplémentaire (m/f) dans le métier de l'employé de bureau - décision.

Séance secrète

3. Indigénat: demandes en obtention de la nationalité luxembourgeoise - avis.

Séance publique

4. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
5. Administration générale
   - 5.1. Conseil communal: commission des relations publiques, communications et des cérémonies - démission et nomination.
   - 5.2. Conseil communal: commission scolaire - nomination.
   - 5.3. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.
6. Ordre public: prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion de certaines fêtes ou festivités en 2009 - décision.
7. Propriétés: acquisition, de la part de la société Accord Immobilière S.A., de Lamadelaine et de M. Jean Nicolas Schaul, de Pétange, d'une place avec trois garages à Rodange, rue de la Piscine - décision de principe.
8. Enseignement
   - 8.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
   - 8.2. Organisation d'après-midis de loisirs « Vakanzaktioun » en 2009 - décision de principe.
9. Enseignement musical: organisation scolaire pour l'année 2008/2009 - décision.
10. Urbanisation: projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Rodange, rue Charlotte/rue Adolphe, présenté par la société TRAGELUX S.A. de Mamer pour la construction d'un immeuble résidentiel et d'une maison unifamiliale - approbation définitive.
11. Sylviculture: plan de gestion des forêts pour l'exercice 2009 - approbation.
12. Dépenses diverses: octroi de cadeaux de service - décision.
13. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

Les points 1 à 3 de l'ordre du jour ont été traités en séance secrète.

4.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech si frou, datt mer op dëser Plaz Geleeënheet kréie fir kuerz op den 10. Anniversaire vun der Association transfrontalière vum PED anzegoen. Dir hutt virun lech e CD an eng Brochure leien, déi d'Actiounen erëmspigele vun deene leschten 10 Joer, déi haaptsächlech am Groussraum vun der Association transfrontalière gemaach si ginn.

Firwat maache mer dat elo op dëser Plaz? Ma well mer am Sikor, dem Syndicat vum Kordall – wou ech selwer President sinn, an de Gilbert Welter Member vum Verwaltungsrot ass – gesot hunn, datt mer vun der Geleeënheet wëlle profitéiere fir ze soe wat op deem Gebitt gemaach ginn ass. Et ass vläicht diskret geschafft ginn, mä et ass awer trotzdeem e ganze Koup gemaach ginn. Et ass och net déi eenzeg Aktioun déi de Sikor mécht, mä de Sikor ass Member vun der Association transfrontalière vum PED zanter der Grënnung. An do sinn e puer Aktioune gemaach ginn, déi ech eng Kéier wollt kuerz an Erënnerung ruffen.

Et si fir d'éischt emol 'analyses territoriales' iwwer déi 10 Joer gemaach ginn. Do ass haaptsächlech gekuckt gi wéi d'Mobilitéit ass, a wéi den Habitat ass a wouhinner d'Leit schaffe ginn. Et ass do ganz kloer, datt se méi a Richtung Lëtzebuerg kommen, mä et sinn awer och Stréimunge festgestallt ginn, déi an déi aner Richtung ginn. Et ass och gekuckt ginn, wouhinner d'Leit wunne ginn. Do leien elo viabel Donnéeën an Analysë fir. Et ass elo gekuckt ginn, wéi een déi grouss Regioun, mat deene grousse Stied – wou Péiteng och dozou gehéiert – un de 'réseau des hauts débits' vum Internet kann uschléissen. Do ginn et verschidde Réseauen déi queesch duerch Europa lafen, an déi net hei an der Regioun ennen. An do ass et nëmmen eng Affaire vun heiansdo e puer honnert Meter fir déi mateneen ze connectéieren. Dat ass awer ganz wichteg, wann ee gréisser Industrien oder gréisser Entreprise wëll heihinner kréien. All déi Saache sinn op deem Gebitt gemaach ginn.

Um Gebitt vum Environnement ass gekuckt ginn, wat alles an deem Groussraum hei vu 'risques environnementaux' virläit. Do sinn e ganze Koup Betriber, déi jo awer trotzdeem mat geféierlechen oder mat sensibele Produkter hantéieren. Et ass en Inventaire dovunner gemaach ginn, an et ass e 'plan d'urgence' opgestallt gi fir de Fall, wou emol eppes géif geschéien, a fir datt ee weess wéi een am beschte ka reagéieren.

Och ass an der Diskussioun, fir e 'Contrat de la rivière de la Chiers' ze maachen. Et soll een d'Kor net nëmme propper gesinn, mä et soll een se och erhalen a se als Naturschutzgebitt considéréieren.

D'Avenue de l'Europe, datt ass u sech dee grousse Contournement, dee vu Käerjeng aus bis op Mont-St-Martin geet. Do si sech och Gedanken driwwer gemaach ginn an dësem Gremium, a mer sinn eis no laangen Debatten eens gi fir dat dann 'avenue de l'Europe' ze nennen. Et war och net esou einfach fir sech iwwer d'Numerotatioun vun der Axe eens ze ginn. Well bis elo hat kee Mënsch eng Nummer, dat heescht, et waren elauter anonym Firmaen do. Fir de Moment si mer eis eens, datt elo numerotéiert gëtt, chronesch a coordinéiert, an do wäert och elo eng offiziell Aweiung geschéie mat deene Panneauen 'Avenue de l'Europe' déi da gesat ginn. Domatter kréien alleguer déi Firmaen, déi um PED implantéiert sinn, emol eng Kéier e Gesiicht an een Numm. Well bis elo hu se nëmmen eng Boîte postale gehat.

Dann ass och d'Harmonisatioun vun de Vitessen an der Diskussioun. Et ass festgestallt ginn, datt op deem klenge Parcours dräi verschidde Vitessen existéieren, an zwar 50, 70 an 90. Do miisst ee sech och eng Kéier an der Groussregioun eens ginn, wéi een do wëlles huet ze fueren. Et ass och gekuckt gi fir eng Vernetzung vun de 'réseaux cyclables' ze maachen, fir datt een emol ka mam Vëlo bis op Athus oder Lonkesch fueren. Déi Saache sinn och ënnerwee.

Et ass och gekuckt gi wéi een déi ganz Avenue ka méi sécher maachen. Et ass eng Etude gemaach ginn, déi haaptsächlech vum Sikor finanzéiert ginn ass, a wou erausgestallt ginn ass, datt an deem Kontext vun der Saturatioun vun deem Contournement näischt ze maache wier, oder datt de finanziellen Opwand esou grouss ass, datt een en net kann ausbauen. Et mussen Alternativen a Léisunge gesicht ginn, dat heescht eng Connectioun tëscht de franséischen, belschen a lëtzebuerger Autobunnen.

Et kann deen d'Avenue de l'Europe net ausbauen, mä et kann een se nëmme méi sécher maachen. An et kann ee kucken, datt d'mobilité douce nach méi favoriséiert gëtt. Dat si Conclusiounen déi elo do sinn, an et si Reflexiounen déi elo sollen um politeschen Niveau weiderdiskutéiert ginn.

Dann ass de 'sentiment d'appartenance' gekuckt ginn, fir eraus ze fannen, wéi 'pratiques transfrontalières' sinn, wou d'Leit zum Beispill an de Kino ginn, wou se akafe ginn, asw. . Et ass gekuckt gi wéi een dat besser ka coordinéieren oder nach méi attraktiv ka gestallten.

Um Niveau 'Economie' huet och all Land seng eegen Industriezon. Si hunn awer bis elo ni zesumme geschafft, a sech emol guer net consultéiert. Dat ass schlecht, an dofir soll och eng Interactioun geschéie fir datt dee ganzen 'développement économique' vun der Groussregioun ënner enger an der selwechter Philosophie soll lafen. An do solle verschidde 'clubs d'entreprises', déi schonn an der Belsch an a Frankräich bestinn, connectéiert ginn. Dat heescht op lëtzebuerger Säit soll och esou e Genre 'club d'entreprises' geschafe ginn, a wou d'Chefs d'entreprises sech solle regelméisseg gesinn, och mat deene belschen a franséische Partner, fir datt da kënne gemeinsam Aktiounen entstoen. An do huet de Sikor och eng Fiche Interreg eraginn, wou se deelweis en 'animateur économique' wëlle finanzéieren, deen déi ganz Coordinatioun kéint maachen.

Beim 'réseau d'accueil' ass ganz am Ufank vun enger 'crèche transfrontalière' geschwat ginn. Et gesäit awer elo aus, an och de Péitenger Gemengerot huet jo schonn eng Délibératioun geholl, datt mir bei enger Crèche averstane si fir e gewëssene Prozentsaz vun eise Plazen opzemaache fir Kanner aus dem Transfrontalier. Ëmgedréint soll dat och zu St-Léger an och zu Lonkesch geschéien. Do ass och eng Interconnectioun, déi vun Interreg a vun den europäesche Fonge soll subventionéiert ginn.

Dann hu mer nach e leschte Projet 'Pédagogie', dee mat 3 Lycéeën zesumme soll stattfannen. Do si verschidden Aktioune schonn ugelaf, an do ass dee Péitenger Lycée den 'opérateur pilote', an zesumme mat engem Lycée vu Lonkesch a vun

Ibbeng soll en 'espace audiovisuel' entstoen. Do huelen da Schüler aus deenen 3 Etablissementer, ënnert der Regie an der Coordinatioun vun engem Chargé de cours, deen extra vum Ministère de l'éducation nationale fräigestallt gëtt, u Course am Audiovisuellen deel. An et ass geduecht fir datt duerch eng Formatioun och eng Produktioun soll entstoen, a vläicht kann ee kuerzfristeg vun enger lokaler oder regionaler Tëleeschaîne dreemen, déi een esou kann opbauen, wéi zum Beispill zu Esch den Uelzecht-Kanal.

Och bei 'Espace éducatif' ass geduecht, fir datt do Epreuven an deenen eenzelne Lycéeë gemaach gi fir méi d'Connaissance de l'Europe a vum Eck hei ze kréien. Och am 'Espace périscolaire' sollen Aktivitéiten entstoen, wou Échangen tëscht deenen eenzelne Lycéeë sollen entstoen.

Dir gesitt, datt an deenen 10 Joer awer vill gemaach ginn ass. An der Associatioun transfrontalière sinn 25 Gemenge vertrueden, inklusiv dem Sikor. Am Sikor si fir de Moment Péiteng, Käerjeng an Déifferdang. Suessem steet virun der Dir fir opgeholl ze ginn. Mir wäerten a kuerzer Zäit déi Adhésioun diskutéieren. An dat sinn iwwer 125.000 Leit, déi an däer Agglomératioun zesumme liewen, an et ass wichteg, datt déi sech an der Groussregioun positionéieren.

Als Ofschloss wëll ech nach soen, datt mer - an dat ass och de Wonsch vun der Association transfrontalière - an Zukunft regelméisseg un d'Ëffentlechkeet gi fir déi Aktioune virzestellen. Fir de Moment sinn et méi Gedanken, Analysen a Reflexioune gewiescht. D'Aktioune sinn elo am gaangen ze wuessen, an déi wäert der an nächster Zukunft och ëmmer méi spieren.

Jeannot Linden (LSAP):

D'Avenue de l'Europe geet jo zu Käerjeng am Rond-point fort. Mä bis wou genee geet se ?

Roland Breyer, Schäffen:

Si geet bis op Lonkesch, do wou een an d'Agglomératioun erakënnt. Bis dohinner ass se elo gezeechent a bis dohinner si mer eis och mat der Numerotatioun eens. Et war net esou einfach, well net jiddereen déi selwecht Chronologie vun der Numerotatioun huet. An dee leschte Knackpunkt war elo d'Panneauen. Well dat ass Europa: an 3 verschidde Länner hu mer dräi verschidden Dimensiounen, a si mussen de Länner no an engem bestëmmte Wénkel zur Strooss gesat ginn, asw. . A wou mer dee Problem bis geléist haten, huet sech d'Fro gestallt, wien dann elo soll d'Panneauë bezuelen. Et sollen der 6 dohinner kommen, an et hat kee méi Suen. Do huet de Sikor awer gesot, datt hien déi Sue géif virstrecken.

Guy Brecht (LSAP):

Ech wollt nach just eng Matdeelung maachen. Et huet zwar näischt mam PED ze dinn, mä ech wollt just Bescheed soen, datt mer eng Entrevue de leschten Donneschdeg mam Här Paschtouer hei zu Péiteng haten, vu datt de Cäciliendag an de Bärbelendag zu Rodange e bëssen a Gefor waren. Mir sinn awer elo zum Schluss komm, an den Här Paschtouer huet dat och esou acceptéiert, datt zu Rodange den 23. November den Cäciliendag stattfënnt, an de 7. Dezember de Bärbelendag mat Mass zu Rodange ass. Ech wollt och an deem Kontext deene Rollenger nach eng Kéier Merci soen, datt se eis esougutt entgéint komm sinn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech wollt den Här Buergermeeschter froen, ob hien eis als Gemengerot kéint Informatioune ginn iwwer d'Initiativ wou hie mat dobäi war a mat 3 anere Buergermeeschteren Initiator am Kader vum Congé politique war fir mam Inneminister ze verhandelen ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

An der éischter Phas war et elo net eng Verhandlung mam Inneminister. Et waren eigentlech viru Joere scho Gespréicher mam Inneminister, an duerno huet de Syvicol jo eng Positioun geholl. Et muss een och soen, datt grad déi 4 Parteien, déi do um Dësch souzen, et déi 4 Parteie sinn déi sech scho geäussert haten zum Congé politique, an datt eigentlech e Konsens um Dësch louch tëscht dem Inneministère an dem Syvicol. Laut dem Syvicol hätt dat miissten am Juli duerch de Regierungsrot goen. Dat ass awer net geschitt, well eng Diskussioun um Niveau vun deenen anere Projeten, déi mat sollten am Regierungsrot diskutéiert ginn, bestanen huet. Engersäits war et d'Cartographie iwwer méiglech Fusiounen, déi am Gespréich ware mam Syvicol, a wou sech och op eng Cartographie gëeenegt gouf, déi eventuell kéint eng Diskussiounsbasis si wann et drëm geet fir haaptsächlech am Osten an am Norde vum Land Gemengen ze fusionéieren. Anerersäits waren et awer och déi 'communautés urbaines' déi zur Diskussioun stoungen, a wou sech och deen een oder anere Gemengerot negativ geäussert huet. Mir hei zu Péiteng hunn dat awer net gemaach, well ech der Meenung sinn, datt dat net d'Aufgab vun enger eenzelner Gemeng wier fir Positioun ze ergräifen, mä et éischter d'Aufgab wier vum Syvicol fir zu esou engem Projet de loi Positioun ze huelen.

De Syvicol huet och eng Positioun ergraff, an huet e puer Amendementer zu dësem Gesetzesprojet eragereecht. Esou wéi ech och vum Inneminister selwer weess, ass et esou, datt deenen Amendementer och an deem Projet de loi Rechnung gedroe goufen.

Esou wéi den Inneminister och gesot huet, sinn an dëser Woch nach Gespréicher mat deenen eenzelne Fraktiounen, an et gesäit esou aus, wéi wann den 31. Oktober déi 'communautés urbaines', mat der Cartographie an dem Congé politique am Regierungsrot diskutéiert ginn.

Déi Aktioun, déi mer gemaach haten als 4 Buergermeeschter, war fir nach eng Kéier drop opmierksam ze maachen, well de Stéchdatum vum 1. Januar ëmmer méi no kënnt, datt et awer elo un der Zäit wier fir Positioun ze ergräifen. Ech sinn der Meenung, datt een eng Kéier muss eng Décisioun huelen. Ech hu léiwer et seet een, datt et 'Nee' ass, wéi datt een ëmmer erëm seet et géif kommen, an et kënnt awer net. De Moment war elo do, a mer hu gesot, datt mer elo eng Décisioun an deem dote Beräich gären hätten. Well jiddereen, deen schonn am Schäfferot souz, deen huet gemierkt, datt et net ze maachen ass fir eng Péitenger Gemeng mat 18 Stonnen ze féieren. Dat ass beim beschte Wëllen net dran. A wann een et awer versicht, da geet et engersäits op Käschte vun der Qualitéit an anerersäits op Käschte vun der interner Organisatioun a vun de Projeten. An dat hunn ech och kloer an der Versammlung gesot. Een, deen haut verhënnert, datt et zu enger Opstockung vun engem Congé politique kënnt, dee mécht sech mat verantwortlech, datt hei an der Péitenger Gemeng Dossiere verschleeft ginn. Jidderee weess, datt - esou wéi an engem Ministère d'Stäerkt vum Ministère ofhänkt vun engem Minister - et an der Gemeng esou ass, datt d'Stäerkt vum Fonctionnement vun enger Gemeng vum Schäfferot, respektiv vum Gemengerot ofhänkt. Sécherlech sinn d'Beamten do fir eis ze hëllefen dat ëmzesetzen, mä wann de politesche Wëllen an déi politesch Zäit net do ass fir d'Konzept auszeschaffen a sech mat den Dossieren auserneen ze setzen, da kann déi beschten Administratioun hannendrun näischt maachen. An dofir brauche mer Zäit fir kënne mat eise Fonctionnairen déi Dossieren ze preparéieren, an och fir emol ze intervenéieren. Well mer

wëssen alleguerten, datt et méi Gewiicht huet, wann de Buergermeeschter oder e Member vum Schäfferot bei engem Ministère intervenéiert wéi wann de Fonctionnaire dat selwer mécht. Domatter wëll ech net d'Qualitéit vum Beamte schmähleren, mä mer wëssen, datt et méi Gewiicht huet, wann de Buergermeeschter sech hannendrun hänkt. A wann ee méi Zäit huet, dann huet een och méi Zäit fir sech mat de Projeten auserneen ze setzen. Well mir maachen hei Projete vun 20 Milliounen Euro am Joer, an do muss ee sech och als Politiker domatter kënnen ausernee setzen a sech Gedanke maache kënnen. An ech stelle fest, datt déi Zäit, déi ech dofir als Gemengeresponsabele kann huelen, net méi duer geet fir dee Volumen, déi Importenz vun deene Projeten, déi ufalen. Well mat deenen alldeeglechen Aarbechten, déi ausstinn, ass ee schonn esou ausgelaascht, datt ee sech mat deene grousse Projeten, wou et drop ukënnt, a wou ee politesch Akzenter setzt, net genuch kann ausernee setzen.

A fir eng Gemeng wéi Péiteng, déi jo och finanziell net esougutt do steet, - mir kënnen eis net vergläiche mat enger Gemeng wéi Nidderaanven oder Betzder, déi wesentlech méi Gelder hunn, a wou et vläicht och net op all Euro ukënnt - musse mir hei all Euro dréinen, mir musse wësse wou mer d'Suen asetzen a mer musse Prioritéite setzen. An da brauch een Zäit fir dat ze maachen.

An doduerch war den Appel, an dat war eigentlech als Appel och geduecht, wou mer de leschte Mëttwoch nach eng Kéier gesot hunn, datt eppes an däer Saach muss geschéien an endlech eng Décisioun soll geholl ginn. Et ass laang genuch driwwer geschwat ginn, an elo wier et un der Zäit fir ze handelen. Dat war eigentlech de But vun däer Versammlung. An och de Syvicol huet Akzenter gesat, huet nach eng Kéier intervenéiert, huet nach eng Kéier e Bréif geschriwwen. An dat huet de Jean-Pierre Klein eis als President vum Syvicol nach eng Kéier confirméiert.

A mer hoffen, datt elo duerch déi 'Erëm-Initiativ' dann dat endlech elo realiséiert gëtt wou mer eis eigentlech alleguerten eens sinn. Ech hu seelen een héieren, deen eigentlech gesot huet, datt 18 Stonne fir e Buergermeeschter vu Péiteng géifen duergoen. Wa mer eis also eens sinn, datt dat net duergeet, dat miisst och dat anert elo hannendru kommen an ëmgesat ginn.

Lily Gansen (LSAP):

Ech wëll just zum Här Buergermeeschter soen, datt et och fir déi aner Gemenge muss gëllen. Well och déi aner Buergermeeschteren hunn déi selwecht Problemer.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass jo gestaffelt. Ech muss och hei ganz kloer soen, an ech wëll elo kengem ze no trëppelen, datt den Aarbechtsopwand vun engem Buergermeeschter ganz wesentlech vu der Awunnerzuel ofhänkt. Wa mer elo d'Gemeng Péiteng géifen huelen, an d'Gemeng an 3 opdeelen, dat heescht all Uertschaft gëtt eng eege Gemeng, dann hätte mer 3 Buergermeeschtere mat engem Congé politique vun am Ganzen 42 Stonnen. Fir de Moment hu mer ee Buergermeeschter mat 18 Stonnen. Ass dat raisonnabel?

Lily Gansen (LSAP):

Dir wësst, datt ech mam Prinzip ouni Zweiwel averstane sinn. Ech soe just, datt och op déi aner Buergermeeschter soll gelauschtert ginn. Well déi kloen och.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir sinn eis och eens, datt bei deene klenge Gemengen eppes muss geschéien. Ech wëll mech awer net äusseren, datt een anere Buergermeeschter näischt soll kréien. Dat ass net eist Zil.

5.1.

Administration générale.

Conseil communal: commission des relations publiques, communications et des cérémonies – démission et nomination.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Vun der LSAP-Fraktioun gëtt et eng Propositioun, fir engersäits eng Demissioun hei virzehuele vum Här Müller - deen och selwer hei demissionéiert huet - an anerersäits fir den Här Marc Stoffel als neie Member vun der Commission des relations publiques, des communications et des cérémonies als neie Member ze nennen.

La démission volontaire de M. Albert Müller est acceptée à l'unanimité.

Vote secret concernant la nomination de M. Marc Stoffel, de Lamadelaine, comme nouveau membre de la commission des relations publiques, des communications et des cérémonies:

Les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

5.2.

Administration générale.

Conseil communal: commission scolaire – nomination.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

E Posten, deen och schonn zanter dem Juni opsteet, ass dee vun der Mme Bianca Faber, déi als Member vun der Schoulkommissioun demissionéiert huet. An den Här Albert Müller ass elo neie Kandidat fir dee Posten.

Vote secret concernant la nomination de M. Albert Müller, de Pétange, comme nouveau membre de la commission scolaire:

Les 15 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

5.3.

Administration générale.

Titres de recettes: déclarations diverses au montant total de 7.962.166,57 euros - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Da kéime mer zu de Recetten aus deene leschte Wochen a Méint. Ervirzesträichen ass den Impôt commercial, wou mer déi 3. Avance krut hunn, an déi sech op 2.945.000 Euro beleeft, an och d'Avance vum 3. Trimester vun der Dotation de l'Etat an der Héicht vun 4.906.420 Euro. Esou datt mer am Total, mat all deenen anere méi klenge Recetten op 7.962.166,57 Euro kommen.

Lily Gansen (LSAP):

Well mer de Moment hei zu Lëtzebuerg net op esou séchere Féiss sti wéi dat soss de Fall war - wou mer awer hoffen, datt et eriwwer geet a keng Panik solle maachen - wollt ech emol froen, wéi Dir d'Zukunft vun deene grousse Recette gesitt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass ganz kloer, datt mer wahrscheinlech am Joer 2009 am Budget nach eng Progressioun wäerte kréien, well mer wëssen, datt déi, déi concernéiert sinn, ëmmer e bësse méi spéit hir Ofrechnung vun de Steiere maachen. Si sinn do e puer Joer hannendran, an dat gëtt och gewollt esou gemaach. Esou datt deen Impakt, deen dës Finanzkris op eis Economie huet, sécherlech eréischt 2010, 2011 déi éischt Repercussiounen huet. Mir wëssen, datt mer eng ganz Rei Déngschtleeschtunge maachen, eng ganz Rei Dépensen am ordinäre Budget hunn, déi mer net kënne reduzéieren. Dat sinn d'Peien, déi 56%

ausmaachen. Dat heescht, datt do kaum iergendwéi en Aschnëtt méiglech sinn. Dat kann ech mer net virstellen. Mir hu ganz vill Efforten an deene leschte Joere gemaach fir den Iwwerschoss am ordinäre Budget erëm méi héich ze maachen. Mir louche jo d'lescht Joer bei 6,7 Milliounen Euro, wat - wann ech déi Südgemengen huelen, déi ähnlech gelagert si wéi mir - exceptionell héich ass. Mir hunn dat scho gemaach, an dat ass och gutt, datt mer dat gemaach hunn. Well dat gëtt eis Sputt fir an Zukunft, wa mer erëm musse méi kuerz trëppelen. Well déi Zäit kënnt garantéiert.

Mir mussen all Dépense ordinaire, déi mer an Zukunft aginn, zweemol iwwerleeën. Well eng Dépense ordinaire, déi mer nei schafen, déi bréngt mat sech, datt mer se definitiv hunn. A wa mer se bis eng Kéier hunn, da kritt een d'Kéier net méi esou séier. Also musse mer do bei all Dépense déi mer heibannen - a beim Budget kréie mer erëm d'Geleeënheet - besonnesch um ordinäre Gebitt maachen an engagéieren, eis bewosst sinn, datt dat fir déi nächst Zukunft ass, an datt dat eis an Zukunft kann deen een oder anere Problem brénge wann d'Recettë manner séier stéigen wéi d'Dépensen oder wann d'Recettë stagnéieren.

Et ass ganz kloer, wann een am ordinäre Budget déi Ausgaben eropgoe léist, an et léist een deen Écart, deen Iwwerschoss deen een huet, méi kleng ginn, da feelt eis dat bei den extraordinären Dépensen. Da kënne mer keng Projete méi maachen. A mer wëssen, datt mer nach wëlles hunn eng ganz Rei Projeten ze maachen. Zum Beispill an der Kannerbetreiung hu mer jo nach esou Muenches ze maachen. A wann ech déi Chèques-services do gesinn, da wësse mer wat op eis zoukënnt. An och déi Chèques-services hunn eng Repercussioun op eisen ordinäre Budget. Och dat wësse mer. An et muss een einfach an Zukunft wesentlech méi kucke fir seng Prioritéiten ze setzen. An dat ass eis Aufgab, wa mer de Budget 2009 opsetzen, an 2010 an 2011 wäert dat och neess eis Aufgab ginn.

Mer kënnen nëmmen hoffen, datt déi Repercussiounen op eis national Economie awer net esou grouss gi wéi befiercht gëtt, an datt et nees biergop geet. Well no all Rezessioun kënnt jo och erëm eng Progressioun an d'Wiertschaft geet erëm an d'Luucht. Mä mer mussen domatter rechnen a mer musse virsiichteg si wa mer déi nächst Budgeten opsetzen. Dat ass ganz kloer.

Lily Gansen (LSAP):

Ech wollt dat elo net uschwätzen, mä et ass effektiv mat all deene Geschichten, wéi z.B. d'Chèques-services, dat déi eng Institutioun gi vun deene mer net méi erofkommen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mä déi mer awer brauchen.

Lily Gansen (LSAP):

Dat ass richteg

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass net a Fro ze stellen, datt dat muss geschaf ginn. Dat muss geschaf ginn duerch d'Konstellatioune vun eise Famillen, duerch ganz vill mono-parental Stéit, duerch ganz vill Stéit wou déi zwee musse schaffe goen. A wa mer eis Jugend op hir Zukunft wëlle preparéieren, an dat ass eng Aufgab vun der Gesellschaft fir dat ze maachen, da musse mer och déi Strukture schafen déi mer brauchen. Mä mer mussen awer och wëssen, datt - besonnesch mat deene Critèren déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn - déi Lat ganz héich geluegt ginn ass, an datt dat, wat mer musse vun Infrastrukture schafen, net grad kleng ass, an datt et en héije Standard ass. Dat kascht natierlech, a wa mer déi Suen do ausginn, da musse mer wëssen, datt mer se net fir aner Projeten hunn. Et sinn eben déi Prioritéiten, déi am Kader vun engem Budget musse gesat ginn, an am Kader vun engem Plan pluriannuel mussen definéiert ginn.

Approbation à l'unanimité.

6.

Ordre public.

Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion de certaines fêtes ou festivités en 2009 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass eng Traditioun, datt mer all Joer schonn déi definitiv Datumer festleeë wéinst der 'prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics', mat Ausnam dann erëm eng Kéier vun de Braderien, well mer Datumen nach net do kennen. Mir hunn dëst Joer nëmmen eng Ännerung, an dat ass bei der 'Journée de la Libératioun', déi wuel den 9. September ass, a wou mer d'nächst Joer de 65. Anniversaire feieren, mä wou mer d'Fräi Nuecht net wollten den 9. September maachen - wat matzen an der Woch ass - mä se op samschdes, den 12. September wollte leeën. Well deen Dag ass och nach en Héichpunkt vun de Festivitéiten am Kader vun der 'Journée de la Libération'.

Accord à l'unanimité.

7.

Propriétés.

Acquisition, de la part de la société Accord Immobilière S.A., de Lamadelaine et de M. Jean Nicolas Schaul, de Pétange, d'une place avec trois garages à Rodange, rue de la Piscine – décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm eng 'décisioun de principe', fir zu Rodange eng Plaz mat 3 Garagen ze kafen. Den 8. Mee hu mer schonn de Compromis ënnerschriwwen. D'Gréisst vun der Plaz mat de Garage bedréit 2 Ar a 6 Centiar. De Präis ass op 70.000 Euro festgeluegt. Dee Präis ass korrekt, an ass och duerch eng Expertise festgeluegt ginn.

Norbert Pierre (LSAP):

Hei steet, datt de Präis sech op 70.000 Euro beleeft, an datt et 'dans un but d'utilité publique' kaf gëtt. Wat gëtt dann do amélioréiert? Ginn déi Garagen ewechgerappt? Ech ka mer net richteg virstelle wat do soll geschéien. Well et jo riets eran an d'Schwämm geet, an déi Garagen hei leien op der lénkser Säit.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mir hu wëlles déi Garagen ewechze-huelen an déi Plaz ze sanéieren. Well da kënn een effektiv d'Strooss do méi breet maache fir eropzefueren. Et kann een och eng kleng 'place de repos' do maachen. Well ech fannen, datt d'Entrée vun der Schwämm e bësse méi convivial soll sinn, déi soll e bësse méi schéi sinn. Wann do dräi net méi grad esou schéi Garagë stinn, dann ass dat net grad eng schéi Visitëkaart fir eise PiKo. Well et ass schonn e bëssen enk fir do eranzefueren, a wann een d'Méiglech-keet huet fir dat e wéineg ze vergréisseren an ze verschéineren, da soll een dat maachen.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech halen Iech dat gutt, obwuel et net meng Meenung ass, datt een domatter den Accès garantéiert kritt. Wann een op der rietser Säit en Haus hätt kënne kafen, da wier dat besser gewiescht. An d'Entrée zur Schwämm ass zum Parking zou, an déi ass net an der Strooss wou ee riicht erafiert.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei ergëtt sech elo d'Méiglechkeet fir déi Plaz ze kafen, an déi Geleeënheet solle mer net verfléie loossen.

Norbert Pierre (LSAP):

Dann nach eng aner Saach. Ech fannen datt eisen Taxateur sech d'Saach e bëssen einfach mécht. Hie schreift 'après avoir considéré le prix payé par la commune pour un objet analogue en 2002' an dofir wier dee Präis da korrekt. Dat ass eng gelungen Evaluatioun. Dat ass säi Geld liicht verdéngt. Do hätt hien awer e wéineg aneschters kënnen argumentéieren.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

De Präis ass deem heitege Bauindex ugepasst, esou datt een awer soe kann, datt de Präis fir deen doten Objet korrekt ass. Well mer hunn an der Vergaangenheet verschidden Objete kaf, a wou mer eis och an däer dote Präislag bewegt hunn, esou datt mer der Meenung waren, datt mer fir de Moment an däer Präislag géife bleiwen.

Norbert Pierre (LSAP):

Wann Dir dat mengt, da soll dat esou sinn. Meng Meenung ass et net.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass jo och net schlecht, wann een heiansdo verschidde Meenungen huet.

Norbert Pierre (LSAP):

Esou ass et ganz richteg.

Carlo Gira (CSV):

Ech hunn net direkt eng Fro, mä meng Interventioun geet och e bëssen an d'Richtung wéi déi vum Här Pierre. Ech fannen och, datt et ee relativ héije Präis ass fir just eng Plaz ze aménagéieren.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et si jo awer 2 Ar Terrain. A mer mussen eis awer e bëssen duerno riichte wéi de Präis vum Terrain hei an der Gemeng ass.

Carlo Gira (CSV):

Mir mussen eis awer och bewosst sinn, datt et erëm een Eck ass dee mer mat eise Leit mussen an der Rei halen. An et heescht schonn ëmmer, datt mer relativ vill ze dinn hunn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat schonn. Mä déi Plaz kann een esou aménagéieren, datt een d'Gäertner net grad all Dag muss dohinner schécken. Mä et muss ee sech d'Fro och stellen, wéi mer gäeren eis Gemeng hätten? Wëlle mer Plazen oder Ecker, déi net schéin ausgesinn, oder suerge mer dofir, datt mer esou Plazen aménagéieren? Ech sinn der Meenung, datt - wa mer d'Méiglechkeet hunn eis Gemeng ze verschéineren - dat och solle maachen.

Accord à l'unanimité.

8.1.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.

Ratification à l'unanimité.

8.2.

Enseignement.

Organisation d'après-midis de loisirs «Vakanzaktioun» en 2009 – décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Haut solle mer d'Prinzipiendecisioun huele fir kënnen 2009 erëm d'Vakanz-aktioun hei an der Gemeng ze organiséieren. D'Vakanzaktioun ass eng Institutioun, déi an eiser Gemeng net méi ewechzedenken ass, well ëmmer méi Kanner kommen, déi wëllen dorunner deelhuelen. Dofir si mer och d'nächst Joer erëm gewëllt fir d'Vakanzaktioun lafen ze loossen, an zwar vum 27. Juli bis den 7. August.

Romain Rosenfeld (CSV):

D'Vakanzaktioun ass eng schéi Saach, mä ech géif awer den Challenge un d'Moniteuren an d'Monitrice weider ginn, datt mer méi op d'Mobilitéit sollen d'Aktivitéite baséieren, an net nëmme mat Bussen Ausflich maachen. Mir solle méi hei an der Gemeng - sur place - organiséieren. Mir hu vill Attraktiounen hei, an ech fannen datt et ëmmer méi opkomm ass, datt mer auswäerts fueren a Parken, asw. . Do sinn ech net esou richteg domatter d'accord. Ech fannen, datt mer genuch Aktivitéiten op der Plaz kënne maachen. Mir hu Sportshalen, mir hu Schwämmen, vill Natur ronderëm, an dofir solle mer d'Aktivitéiten doropper opbauen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Zum Deel hutt Dir domatter Recht. Natierlech si verschidden Ausflich gemaach ginn, wou se z.B. an en Zoo oder an e spezielle Park gefuer sinn. Dat soll een de Kanner och während däer Zäit kënnen erlaben. Mir hunn awer 2008 och schonn drop gehalen, datt Villes soll hei op der Plaz gemaach ginn, an datt verschidde Séjouren, déi emol am Éislek gemaach si ginn, sollen e wéineg gekierzt ginn.

Bei der Vakanzaktioun schwätze mer jo nëmmen d'Kanner aus dem Primär un. Wat elo nach méi ausserhalb der Gemeng ass, dat sinn déi Aktivitéite fir déi Jugendlech, déi schonn am Lycée sinn. Dat ass jo dee ganze Volet, deen iwwer 4 Gemenge leeft. Dat huet elo näischt mat der Vakanzaktioun ze dinn, mä déi Aktivitéite betreffen de ganze Kordall. Mä näischt verhënnert, fir Är Suggestioun un d'Monitricen an d'Moniteure weider ze leeden.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et kann een nach soen, datt mer just nach eng Kéier pro Grupp fort fueren. An deenen 10 Deeg Vakanzaktioun fiert all Grupp nëmmen nach eemol auswäerts. Et ass just beim 5. oder 6. Schouljoer - mengen ech - wou se während 2-3 Deeg beienee fort sinn a wou se auswäerts och schlofen.

Carlo Gira (CSV):

D'Madame Conter schwätzt vun deenen Aktivitéiten, déi mat deenen anere Gemenge sinn. Dat ass jo an der Rei, mä da miisst een emol kucken, ob een déi net kann esou coordinéieren, datt ee mat dem TICE kéint hin an hir fueren.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech mengen Dir verwiesselt elo eppes. Dat hei ass elo reng d'Vakanzaktioun, déi reng bei eis mat eise Schüler leeft, an dat vun der Spillschoul bis dee ganze Primär. An d'Aktivitéite fir déi Kanner aus dem Postprimär hunn näischt mat der Vakanzaktioun ze dinn. Dat ass eng ganz aner Aktivitéit, an dat ass och eng ganz aner Organisatioun. Déi leeft jo tëscht 4 Kordallgemengen.

Carlo Gira (CSV):

Déi Aktivitéiten, déi di aner Zäit vun de Vakanze lafen, mat BDK, leeft do de Kontrakt weider, oder musse mer deen nei maachen?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mat BDK hu mer eng Conventioun, an dat leeft virun. An d'Conventioun gëtt normalerweis um Enn vum Joer verlängert. Déi Aktivitéite vu BDK si jo och op privater Basis, an do bezuele jo och d'Eltere fir hir Kanner.

Accord à l'unanimité.

9.

Enseignement musical.

Organisation scolaire pour l'année 2008/2009 – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir haten d'Schoulorganisatioun vun der Musekschoul scho provisoresch op

der Dagesuerdnung. Mir haten dunn awer nach net déi definitiv Chiffere virleien, well d'Aschreiwungen nach am gaange waren. Dofir gëtt ëmmer am Mount Oktober déi deifinitiv Schoulorganisatioun ofgeseent. Et kann ee feststellen, datt d'Zuel vun eise Schüler an der Musekschoul eropgeet. D'lescht Joer hate mer der 534, fir dëst Joer hu mer der 551. Et stellt een och fest, datt aus eiser Gemeng 338 Schüler kommen, wou mer d'lescht Joer nëmme bei 311 Schüler louchen. Et stellt een och fest, datt - wou mer déi Konventioune mat de Gemengen Käerjeng, Kënzeg, Déifferdang an Dippech hunn - mer 77 Schüler aus deene 4 Gemengen dobäi hunn, esou datt aus der Gemeng Péiteng an deene 4 konventionéierte Gemengen zesummen 75% vun de Schüler kommen.

Et gesäit een awer och, datt eng Rei vu Schüler aus anere Gemengen heihinner kommen. An et ass eng Gemeng dobäi, dat ass d'Gemeng Suessem, wou 33 Schüler hierkommen. An et soll een emol bei der Gemeng Suessem uklappen, fir eventuell och mat hinnen eng Konventioun ze maachen. Aus der Grenzregioun sinn et d'Gemengen Ibbeng a Messancy, vu wou eng ronn 30 Schüler an eis Musekschoul kommen. Et sollt een och bei deenen uklappe fir ze kucken, ob net iwwer Konventiounen déi Saach ze regelen ass. De But soll effektiv doranner leien, datt mer e Maximum vu Schüler kréien, déi entweder aus eiser Gemeng sinn oder aus Gemenge komme mat deene mer eng Konventioun hunn. Dat verhënnert, datt mer deene Schüler mussen e Minerval froen, deen - wann een Individuellen dat muss bezuelen - relativ héich ass.

Mat 551 Schüler an eiser Musekschoul hu mer relativ de Maximum erreecht wat mer kënnen op Grond vun den Infrastrukturen assuméieren. Esou datt mer kënne soen, datt dës Schoulorganisatioun 2008/2009 ganz gutt ass, an datt mer hoffen, datt dat dann och eise Schüler Villes bréngt am nächste Joer.

Et kann een nach ofschléissend soen, datt mer dëst Joer 90 Erwuessener hunn, wou mer der d'lescht Joer Joer nëmmen 76 haten. Et kann een och als Zuel soen, datt mer 514 individuell Coursen hu géintiwwer 461 Coursen d'lescht Joer. Am Prinzip sinn iwwerall méi Coursen a méi Stonnen déi an eiser Musekschoul offréiert gi wéi dat Joer virdrun.

John Polfer (CSV):

Als President vun der Commissioun hunn ech näischt méi dozou ze soen. De Buergermeeschter huet all Detailer ginn, esou datt schonn alles zu dëser Schoulorganisatioun gesot ginn ass wat ze soe wier.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech hunn an dëser Saach schonn eng Kéier hei intervenéiert. Laut deene Chifferen, déi elo hei genannt si ginn, sinn 338 Schüler aus eiser Gemeng, an an déi 70 kommen der aus konventionéierte Gemengen. Ech muss nach eng Kéier drun erënneren, datt et wichteg wier, datt d'Bierger aus der Gemeng Péiteng net do si fir den Defizit ze decke vun auswäertege Schüler, déi hei an eis Musekschoul kommen. An do musse mer wierklech eppes ënnerhuelen. Et geet net nëmmen duer fir ze soen, datt mer ganz vill Schüler hunn. Wann ëmmer méi Schüler kommen, da geet et op eemol mat den Infrastrukturen net méi duer, d'Fraise ginn an d'Luucht, asw. . An deenen Auswäertegen, déi keng Konventioun hunn, ass et esou laang wéi breet. Do muss een awer iergendeng Kéier eng méi streng Moossnam huele fir datt déi sech och un de Käschte bedeelegen. Well mer hunn d'Rechnung jo eng Kéier gemaach, a wann esouvill Schüler vun auswäerts kommen, da kënne mer vläicht iergendeng Strooss an deem Joer net maache well mer den Defizit vun deenen auswäertege Schüler mussen decken. Dat kann et fir mech a fir d'Péitenger Bierger net sinn, an do muss een awer wierklech eng Kéier méi streng duerchgräifen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dozou gëtt et effektiv ze soen, datt eigentlech Fraise vun enger Musekschoul zum gréissten Deel - awer dat ass een Deel, deen ëmmer méi zeréckgeet - vum Stat iwwerholl gëtt. Dat soll zwee Drëttel sinn. Mir sinn awer elo an der Tëschenzäit e Stéck vun deenen zwee Drëttel ewech. An deen aneren Drëttel soll vun de Gemengen ze droe sinn. An do sinn ech och der Meenung, datt deen Drëttel - deen entretemps méi wéi een Drëttel ass - eigentlech net alleng vun eis ze droen ass, wat d'Musekscoursen ugeet vun auswäertege Schüler. Fir de Moment ass et awer esou, datt déi Gemeng, wou d'Musekschoul ass - wa se keng Konventioun mat den Nopeschgemengen huet - déi Fraisen iwwerhëlt, an héchstens iwwert de Minerval probéiert e Brochdeel vun deene Käschten erëm eranzekréien.

Mir mussen elo op zwee Niveaue spillen. Engersäits de Niveau beim Stat - an do si jo mat der Association des Ecoles de musique Gespréicher mam Ministère - fir ze kucken, datt déi Participatioun vum Stat nees op déi zwee Drëttel eropgesat gëtt, well dat ass jo de Gedanken, deen urspréinglech am Règlement grand-ducal vun 1998 war. An op der anerer Säit musse mer awer och - an dat si Mesuren déi mir mussen huelen - ëmmer erëm bei den Nopeschgemengen intervenéiere fir mat deene Gemengen, wou d'Schüler hierkommen, Konventiounen ze maachen, a wou déi eenzel Gemengen deen Deel vun hire Schüler iwwerhuelen. An ech ginn Iech komplett Recht, datt dat muss geschéien. Wéi ee sech awer ka wieren, wann op der anerer Säit en daaft Ouer ass, dat ass eng aner Fro. Et kéint een natierlech soen, datt mer keng Schüler aus esou Gemengen unhuelen, mä ob dat elo d'Léisung vum Problem ass, weess ech och net. Mä et muss een ëmmer erëm bei deene Gemenge virschwätzen, an et soll een emol direkt bei deene Gemengen usetzen, wou e groussen Deel vun de Schüler hierkommen.

Romain Rosenfeld (CSV):

Et ass jo awer och eng politesch Fro. Et kann ee jo awer och bekannt maachen, datt eng Gemeng Suessem näischt fir hir Schüler, déi bei eis an d'Musekschoul kommen, wëll bezuelen. Et miisst een iergendwéi probéiere fir iwwer dee Wee Drock ze maachen. Et ka jo awer net sinn, datt dat hinnen egal ass.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech wollt nach dem Här Rosenfeld soen, datt mer schonn dräimol mat der Association des Ecoles de musique um Inneministère ware fir dee Problem ze beliichten. Mir sinn de Moment am gaangen nach weider Schrëtt ze maachen. Well mir stinn als Péitenger Musekschoul net alleng op deem Gebitt esou do. Sämtlech Musekschoulen aus dem Land hunn dee Problem, an déi, déi hir Minervalen esou héich gesat hunn, datt en normale Bierger dat emol net méi ka bezuelen, déi hunn nach vill méi Problemer. Well net nëmmen, datt en se elo d'Kanner net huelen, mä si hunn och Chargéen agestallt, an déi musse bezuelt ginn. An dofir ass et ëmsou méi schlëmm, well déi Chargéen einfach keng Course méi kënnen hale well keng Kanner méi do sinn, a se mussen awer bezuelt ginn.

Et ass wierklech e ganz groussen Dilemma, a mir si ganz stur hannendrun, an do wäert sech an deenen nächste Méint och nach eppes doen.

Wéi gesot, mir ware schonn dräimol um Inneministère, an et ass do e wéineg festgefuer. Vun der Kultur hu mer iwwerhaapt nach keng Äntwert kritt, esou datt mer gesot hunn, datt mer ganz aner Weeër musse goen. A fir de Moment si mer am gaange ganz aner Weeër ze goen.

Romain Rosenfeld (CSV):

De Ministère muss awer och gesinn, ob et Educatioun ass, oder Loisirs, oder eppes aneschters. A wa se soen, datt et Educatioun ass, da mussen se hire Mann stellen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass jo schliisslech Educatioun, well et ass jo och e Gesetz do, wat jo dee ganzen 'Enseignement musical' festleet, dat heescht iwwert de Programm, deen agehale muss gi bis bei d'Chargéen. Also muss de Ministère och do seng Responsabilitéit iwwerhuelen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et muss ee sech awer ëmmer virun Aen halen, datt an deem Règlement grand-ducal vun 1998 festgehalen ass, datt een Deel ëmmer zu Laaschte vun der Gemeng ass. Dat heescht et ass wéi am normalen Enseignement, wou een Deel vun der Gemeng iwwerholl gëtt, an een Deel vum Stat. An esouguer wann de Stat seng Participatioun esou hieft, datt en op dat kënnt wat e sech 1998 als Zil gesat hat, da bléift nach ëmmer een Deel ze finanzéiere vun de Gemengen. An da muss een awer definéiere wien deen Deel soll a muss bezuelen. Do wou d'Musekschoul steet, oder do wou de Schüler hierkënnt ? An do sinn ech, an do ginn ech dem Här Rosenfeld komplett Recht, der Meenung, datt et déi Gemeng muss si wou de Schüler hierkënnt. A wann dat net de Fall ass, da mussen déi Bierger wëssen, datt hir Gemeng fir den Enseignement musical näischt wëll ausginn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech hunn zwou Saachen am Dokument vun der Schoulorganisatioun. Do ass ee Saz, dee mer scho säit enger Zäit mat ronderëm schleefen, mä deen awer menger Meenung no miisst geännert ginn. Dat ass dee Saz 'En cas de maladie, le chargé de cours avertira les élèves de sa classe ainsi que le chargé de la direction ou le secrétaire de l'école.' Do miisst een onbedéngt dobäischreiwen ' ... le chargé de cours avertira les élèves de sa classe ou les parents s'il s'agit d'élèves mineurs ...'. Well ech denken, datt et net duergeet, datt de Chargé d'Kanner avertéiert, wann hien net ka kommen. Mä do musse bei de mannerjärege Kanner d'Elteren, respektiv den Tuteur informéiert ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat dierft kee Problem si fir dat ze änneren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Déi aner Saach ass de Punkt 12, 'Lieux d'enseignement' vun der Schoulorganisatioun. Ech fannen, datt Käerjeng och e 'lieu d'enseignement' ass, an dee steet net mat dran.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Fir de Moment - mengen ech - hu mer zu Käerjeng kee 'lieu d'enseignement'. Mä mer kënnen et awer dra setzen, da steet et d'office dran.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ma dach, ech kennen e Fall, wou e Meedche samschdes mueres mam Bus op Käerjeng muss an d'Clarinette fueren, well hei zu Péiteng keng Zäit méi fir e Cours war.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass gutt, datt een dat doten elo gewuer ginn ass, well ech héieren dat elo fir d'éischt. Da musse mer dat awer emol klären. Et ass mir ni gesot ginn, datt esou ee Fall besteet.

Guy Brecht (LSAP):

Ech hu mech e bësse mat der Hitparade vun den Instrumenter befaasst. Do gesäit een, datt sech net vill geännert huet. De Piano ass nach ëmmer vir, virun der akustescher Guitare. An och d'Perkussioun ass gefrot. Wann een d'Perkussioun an den Drumset zesumme géif zielen, da wier d'Perkussioun op der éischter Plaz. D'Clarinette huet sech, genee wéi d'Trompett, e bësse verbessert. Dat ass och gutt esou, well et jo reng Instrumenter si fir eis Museksgesellschaften. Och d'Trombonne mat 7 Schüler ass vläicht positiv fir eis Museken, well déi si fir de Moment ganz vill gefrot.

Wat mech awer e bëssen iwwerrascht, dat sinn déi 51 Schüler, déi Gei studéieren. Do gesäit een och schonn en éischt Resultat, well wann een e bëssen op d'Concertë vun eise verschiddene Museke geet, da setzen och ewell Schüler mat Geien do, wat immens flott ass a wat immens ze begréissen ass.

Carlo Gira (CSV):

Et war jo emol eng Kéier gefaart gi, well mer de Minerval eropgesat hunn, datt d'Schülerzuele géifen erofgoen. Dat schéngt jo awer nach net ofzeschrecken. Awer den Här Rosenfeld huet sécherlech Recht mat senger Ausso, datt d'Gemengen och gefuerdert sinn. Et schéngt jo och esou ze sinn, datt do verschidde Chargés de cours Schüler matbréngen. Oder wéi ass et ze erklären, datt mer Schüler hu vu Biissen, vu Steesel, vu Walfer, an esouguer vu Jonglënster?

Wat net gesot ginn ass, dat ass, datt d'Stad Lëtzebuerg och ëmmerhin 13 Schüler heihinner schéckt. Dat selwecht gëlt och fir Esch an Diddeleng, obwuel déi Gemengen och eng Musekschoul, respektiv e Conservatoire hunn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Sécherlech spillt et eng Roll, wann e Schüler e Chargé de cours kennt. Dat sinn der awer an der Regel nëmmen 1 oder 2. D'Stad Lëtzebuerg ass do d'Ausnam mat 13 Schüler, wat der och relativ vill sinn. Zu der Stad Lëtzebuerg muss een awer och soen, datt, wann eis Schüler an de Conservatoire ginn, mir och do en Avantage hunn. Mir sollen dat net zevill op d'Wo leeën. Obwuel de Conservatoire méi national ze gesinn ass wéi eng Musekschoul. Mä ech ginn dovunner aus, datt dat, wat mer miisste fir de Conservatoire bezuele sech mat deem deckt wat d'Stad Lëtzebuerg miisst fir hir Kanner bezuelen.

Vill méi wichteg ass et, datt mer do, wou iwwerhaapt keng Musekschoul besteet, versiche fir Konventiounen ze maachen, well déi jo awer integral vun eisen Infrastrukture profitéieren.

Ech sinn och der Meenung, an dat wäert och d'Zil sinn, datt mer sollte versiche fir hei am Kordall eng Musekschoul ze kréien, déi éischtens emol an engem Gebai wier, dat sécherlech besser adaptéiert wier wéi dat, wat mer de Moment hunn. Dat soen ech all Kéiers, wann ech bei meng Kollege vu Suessem, Dippech a Käerjeng ginn. Ech si mer och bewosst, datt déi Musekschoul net an all Gemeng ka stoen, mä wa se mam ëffentlechen Transport ze erreechen ass, da bréngt dat sécherlech eppes fir Infrastrukturen ze schafen déi méi gëeegent si fir Musekschoul ze halen.

Ech wëll awer och kloer soen, datt mer mat deene Péitenger Infrastrukturen e Maximum gemaach hunn. Et ass dat Bescht gemaach gi wat ee konnt maachen, mä et kéint ee sech awer eppes aneschters virstelle wann een eppes komplett Neies op enger anerer Plaz géif bauen.

Mä, wéi gesot, mir musse weider op dee Wee goen, a mer mussen och als Gemeng eis Positioun behaapten a soen, datt mer gären eng Participatioun vum Stat hätten déi adaptéiert ass, mä mer hätten och gären, datt déi aner Gemengen eng Adaptatioun maachen. A wann déi dat net maachen, da mussen hir Bierger et ebe bezuelen. Da geet et net aneschters, well mir kënnen net higoen an déi Fraise vun auswäertege Kanner alleng droen. Well

wa praktesch d'Halschent vun auswäerts kënnt, dann ass dat finanziell fir eis net méi ze droen.

Accord à l'unanimité.

10.

Urbanisation.

Projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Rodange, rue Charlotte / rue Adolphe, présenté par la société Tragelux S.A. de Mamer pour la construction d'un immeuble résidentiel et d'une maison unifamiliale – approbation définitive.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Da kéime mer zu engem Plan d'aménagement particulier (PAP) op engem Terrain zu Rodange an der rue Charlotte / rue Adolphe. Dee PAP gouf dem Gemengerot schonn de 25. Juli 2008 hei presentéiert. Doropshin, esou wéi d'Prozedur et virgesäit, hu mer, nodeem de Gemengerot dat eestëmmeg gestëmmt hat, de PAP tëscht dem 18. August an dem 16. September inklusiv aushänke gelooss. Et gouf och den 16. August a 4 Dageszeitunge publizéiert, an et koumen 2 Reklamatiounen eran. Déi Reklamatiounen huet - an esou gesäit d'Gesetz dat och fir - de Schäfferot sech ugehéiert, an dat war den 7. Oktober 2008, wou déi 2 Reklamanten laanscht komm sinn. An déi Reklamatioune goungen allenzwou an déi selwecht Richtung, a se hu sech haaptsächlech um Niveau vum Verkéier baséiert, an datt um Quartier vun der Gare - wou zum Deel Eefamilljenhaiser stinn - och elo Residenzen entstinn.

Mir hunn och déi konkret Problemer, déi do ugeschwat si ginn, analyséiert. Dat eent ass dee vun de Schwieregkeete fir eng Parkplaz an deem Quartier ze fannen. Mir wëssen, datt mer do an engem Quartier si wou net vill Garage sinn, a wou d'Leit quasi alleguerten an der Strooss parken. An do hu mer hinne gesot, datt mer - an den Här Breyer kann dat och nach confirméieren - den nächste Gemengerot normalerweis mat deem Dossier an de Gemengerot kommen, a wou dat ganzt Verkéiersreglement nei iwwerduecht ass, a wou och grad an deem Quartier e Stationnement résidentiel virgesinn ass. Doduerch kréie mer grad déi Leit, déi an deem Quartier do parke fir op d'Gare ze goen an da mam Zuch an d'Stad ze fueren, do eraus. Wann déi musse mat engem Disque do stoen, da kréie mer dee Problem aus der Welt geschaaft. Dat hu mer de Reklamanten och matgedeelt.

Mir hunn hinnen och gesot, datt grad - wat de Parkproblem ubelaangt - de Schäfferot am Gespréich ass mat dem Ministère vum Bâtiments publics. Do läit e Projet vir, fir e Parking ze analyséieren um PED, direkt hannert der Rodanger Gare. Dat soll ee Parkhaus gi mat 600 Parkplazen, esou datt mer et och do fäerdeg brénge fir datt dee Quartier Rodange-Gare dach méi entlaascht gëtt. Dee Projet ass am Lafen. Mir waarden eigentlech drop, datt en nach méi präzis déposéiert gëtt. De Schäfferot huet op jiddwer Fall virun engem Joer schonn en Avis favorable dozou ginn. An ech wäert bei der nächster Geleeënheet och den Här Wiseler erëm drop uschwätzen, fir ze wësse wou deen Dossier dann elo drun ass. Well et schéngt fir mech e wichtege Projet ze si fir de Quartier vun der Rodanger Gare, an och fir de Quartier ronderëm déi Péitenger an déi Rollenger Garen. Well et komme ganz vill Frontalieren heihinner, an déi setzen dann hir Autoe bei de Garen of a fueren da mam Zuch weider. A wann net méi genuch Plazen do sinn, da gi se aner Plaze siche fir hir Autoen ofzestellen.

Déi zwee Problemer, déi do ugeschwat si ginn, wäerten duerch déi Mesüren, déi am Lafe sinn, zum Deel entschäerft ginn. Et ass och vun der Circulatioun geschwat ginn. An do gëtt eis gesot, an dat ass och e bësse bekannt, doduerch datt zu Rodange op der Gare an de Spëtzenzäiten den Trafic immens héich ass, verschidden Automobilisten duerch dee Quartier do fuere fir d'Kräizung op der Rodanger Gare ze ëmgoen.

Och do wëlle mer am Kader vum Verkéiersreglement kucke wat mer kënne maachen. Eng vun de radikalsten Aart a Weise wier, datt ee carrément op enger Plaz de Verkéier géif stoppen. Mir hunn de Leit awer och gesot, datt dat och Inconvénienten fir si géif mat sech bréngen. Well wann een de Wee tëscht der Lëtzebuerger Strooss duerch Guillaume-Stroos eriwwer an de Blobierg géif komplett ënnerbriechen, da miissten déi Leit, déi an deem Quartier wunnen, och iwwert Haaptstrooss fuere wa se wëllen zum Beispill an Duerf kommen.

Dat wier déi radikalst Aart a Weis fir den Duerchganksverkéier ze reduzéieren.

Ech mengen och net, datt de Verkéiersproblem méi staark gëtt, wann déi Residenz bis do steet. Bien au contraire, ech géif mengen, datt déi Residenz genuch Parkplazen huet, an déi wäert och e Wee fannen, vu datt mer aus der rue Charlotte an d'rue Adolphe eng Duerchgangsstrooss maachen, an dat wäert eng Méiglechkeet gi fir dat ze entlaaschten. Besonnesch d'rue Guillaume an deen Deel vun der Charlotte-Strooss, wou déi Leit do wunnen déi reklaméiert hunn. Ech sinn der Meenung, datt den Objet selwer kee Problem duerstellt, wat de Verkéier an d'Stationéieren ubelaangt. Éischter ass schonn de Moment e Problem do, an dee Problem musse mer upaken. An déi Léisungen, déi sech do kéinten opzeechnen, déi kéinten dem Problem vum Verkéier gerecht ginn.

Dann ass natierlech d'Diskussioun, ob et an esou enger Strooss, an esou engem Quartier, ubruecht ass fir eng Residenz ze bauen. Dozou muss ee soen, datt de Plan d'aménagement général, esou wéi e viru enger Rei Joere festgehale ginn ass, dat do virgesäit. Et gëtt och eng gewësse Logik, well mer awer matzen op der Gare sinn, wou am Fong d'Mobilitéit besteet a wou mer d'Méiglechkeeten hu fir dee Quartier gutt mam ëffentlechen Transport ze desservéieren. Op Gronn vun däer Situatioun ergëtt et sécherlech Sënn fir och emol eng Residenz opzeriichten. Et muss een awer wëssen, an dat ass richteg, datt um Enn vun der rue Adolphe mat der rue Guillaume eng Residenz entsteet, an et entsteet och nach eng hannendrun, an datt dat sécherlech fir e Quartier e supplementaren Opwand gëtt vu Verkéier. Dat si mer eis bewosst, mä wa mer dat gutt organiséieren, da miisst et machbar si fir déi zwou Saache mateneen ze verbannen.

Wat de Projet selwer ubelaangt, war och eng Demande do fir e bëssen déi privat Haiser ze protegéiere géintiwwer däer Residenz. Do géif de Schäfferot proposéiere fir déi Beem, déi do nach stinn, do wou den Espace vert public sollt geplangt sinn, dee grenzt un déi hënnescht Gäert vun der Guillaume-Strooss, datt déi Beem géife stoe bleiwen - als éischt Protectioun - an datt mer och géifen e 'rideau de verdure' laanscht déi Gäert virgesinn.

Et muss een awer och soen, datt déi Residenz e gutt Stéck méi kleng ass wéi dat, wat een hätt kënnen do bauen, an datt se - doduerch datt se e gutt Stéck méi zeréckgesat gëtt - awer d'Leit net esou stéiere wäert.

Op all déi Ängschten, déi d'Leit hunn, sinn Äntwerten do, kënne mer Äntwerte ginn. Mir musse just kucken, haaptsächlech am Beräich Circulatioun, wéi wäit datt mer wëlle goen, a wéi wäit déi Leit och bereet si mat ze goen. Well et huet jo och op hir Gewunneschten eng Influenz. An ech ka mer virstellen, datt, wann déi Residenz do steet, eng Cohabitatioun tëscht deene Bierger, déi

elo do wunnen, an deenen neie Leit, déi an déi Residenz kommen, gutt méiglech ass.

Roger Klein (LSAP):

Ech hunn eng Fro zu deem Parking, deen ugeschwat ginn ass. Wann ech dat elo richteg verstanen hunn, da gëtt dat net e Parking mä e Parkhaus. Dat miisst jo dann op deem Terrain sinn, wou elo de Privatparking vun der Arbed ass. Dann ass meng Fro, wien dee Parking baut? Wien ass Bauhär vun deem Parking, respektiv wie finanzéiert dat Parkhaus? An déi lescht Fro ass - si ass vläicht elo e bësse fréi gestallt - mä ech ka mer virstellen, wann dat e Parkhaus gëtt, an net einfach e Parking, datt dat dann och 'payant' gëtt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hunn och gefrot fir e Parkhaus ze kréien. Am Ufank war nëmmen e Parking virgesinn. Mir hunn awer gesot, datt den Terrain bei eis an der Gemeng rar ass, an datt mer eis net kënne virstelle fir esou ganz Terrainen ze versigelen. Dat Parkhaus kënnt effektiv nieft dee Parking, dee schonn do ass, a wou fréier eigentlech d'Héichuewe stoungen. Et gëtt och vun der Collectrice aus desservéiert, esou datt d'Leit net méi brauchen duerch Rodange ze fuere fir dohinner ze kommen. Finanzéiert gëtt e vum Stat. Mir als Gemeng hunn u sech nëmmen en Avis ginn, datt mer mat deem Projet averstane sinn, an datt mer dee Projet voll ënnerstëtzen. Et ass e Projet vum Stat, well als Gemeng Péiteng hu mer eigentlech net direkt eppes domatter ze dinn. Well et ass jo un éischter Stell fir d'Leit an d'Stad ze bréngen, esou datt et e Projet gëtt vum Bâtiments publics. An et sinn och déi, déi de Projet ausgeschafft hunn, a mir kruten de Projet nëmme fir Avis virgeluegt.

Op de Parking elo 'payant' gëtt oder net, dat weess ech net. Ech ka mer awer net virstellen, datt en eppes soll kaschten. Well wa mer d'Leit wëllen dozou brénge fir den Auto do stoen ze loossen, a mam ëffentlechen Transport weider ze fueren, dann dierf et net ze deier sinn. Well soss, fäerten ech, fueren se awer weider mat hirem Auto.

Roger Klein (LSAP):

Ech soen Iech Merci fir d'Äntwerten. Ech sinn och absolut däer Meennung, datt, wann de Bierger, a besonnesch de Frontalier, duerno de Choix huet, an e muss dofir bezuelen, da fiert en erëm duerch de Quartier a sicht sech eng Plaz wou et näischt kascht. Fir de Rescht ass Plaz ideal fir e Parkhaus opzeriichten, well ee jo dee Moment vun der Collectrice aus drop kënnt an net méi duerch Rodange oder iwwer d'Barrière brauch ze fueren. Et ass eng gutt Léisung, a loosse mer hoffen, datt déi geschwë kënnt.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass ze hoffen, datt iergendeppes geschitt. Dee Parking sollt jo schonn op e puer Plazen entstoen. E sollt schonn um Grand Bis entstoen, duerno um Site vun der Agora, elo gouf en op d'Gare geréckelt. Ech fanne perséinlech, datt et gutt wier wann endlech eppes géif geschéien, mä et ass awer net den ideale Site. Ech hätt grad esou gären, datt d'Frontaliere schonn éischter géifen opgefaange ginn, an éischter kéinten den Zuch huelen. An do ginn et och erëm nei Iwwerleeungen, och an der Association transfrontalière, well zu Lonkesch en neie Buergermeeschter do ass, an deen hätt elo erëm léiwer et géif tëscht Lonkesch a Virton e grousse Parking opgeriicht ginn, a se géife scho vun do aus den Zuch huelen. Do ginn et awer och aner Iwwerleeungen. Den Terrain ass méi onsécher wann ee säin Auto do stoe léisst. Hei gesi mer an der rue de l'Industrie, datt mer do e Parking hunn, wou praktesch dauernd beschiedegt gëtt a wou Vandalismus besteet. Et ass eng Affaire vu Protectioun. Mä hie schwätzt awer elo schonn erëm eng Kéier dovunner. An dofir ass et gutt, wéi et elo schonn ugedeit ginn ass, datt mer emol eng Kéier Kloerheet schafen. Net datt nëmmen eng Etüd gemaach ginn ass. Bis elo wësse mer och net méi, mä et wier begréissenswäert, wann eppes géif geschéien. Mir brauchen esou ee Parking. Et gesäit ee wéi alles ronderëm d'Garë saturéiert ass. Et géif eng Erliichterung fir déi Quartiere bréngen. Mä wann dee Parking méi wäit a Richtung Lonkesch oder Virton géif kommen, da wier e grad esou gutt.

Norbert Pierre (LSAP):

Zu de Parkinge si meng Froen zum gréissten Deel beäntwert. Mä et ass awer elo net Rieds gaange vun de Camionnetten, déi mer hei an der Gemeng stoen hunn. Wou fuere mer mat deenen hin?

Roland Breyer, Schäffen:

An deem neie Verkéiersreglement, dat an der Mautsch ass a wat mer nach hoffentlech dëst Joer kënnen hei op den Dësch kréien, ass virgesinn, datt mer d'Camionnetten all Kéiers owes tëscht 19 Auer a mueres 7 Auer aus den urbaine Stroossen erauskréien. Dat selwecht soll och fir de Weekend gëllen. An als Alternativ, wou se kënne parke goen, sinn et just dann d'Parkinge vun den CFL, déi dann dee Moment fräi sinn. Mir hunn e Relevé gemaach, an do gesi mer wéi d'Occupatioun vun deene Plazen ass, an et gesäit een, datt iwwer d'Nuecht an de ganze Weekend e ganze Koup Parkraum disponibel ass fir déi Camionnetten opzefänken.

Norbert Pierre (LSAP):

Déi Parkplaze miissten dann awer och sécuriséiert ginn, sief dat duerch Kameraen oder Beliichtung. Well haaptsächlech hei zu Péiteng um Parking fënnt jo awer nuets ganz vill statt, dat heescht wat de Vandalismus ubelaangt.

Zum Verkéier am Quartier zu Rodange wollt ech soen, datt mer op der Gare déi Verkéiersluuchte kritt hunn, déi och eenegermoosse schéngen ze fonctionnéieren. Mä mir hunn nach ëmmer déi Foussgängerampel do stoe bei der Gare. Dat ass 'double emploi', an dat hemmt de Verkéier, an net ze knapps. Wann elo ënnen d'Luucht gréng ass, da kënnt e Foussgänger an deen dréckt dann déi Luucht beim Foussgängeriwwergang, an da steet de Verkéier nees.

Meng Meenung ass, datt déi Foussgängerluucht grad esougutt kéint ewechgeholl ginn. Déi war deemools als Noutléisung dohinnergesat ginn ier d'Ampele sollten dohinner kommen. Mä esou wéi et elo ass, huet déi awer keng Daseinsberechtegung méi. Mir hunn eng Kräizung fir eriwwer ze goen, dat ass tipp top, an dat ass just 10 Meter méi wäit. An déi, déi vun der Eisebunn erauskommen, déi gi souwisou elo net méi do eraus wou de Foussgängersträifen ass, mä déi kommen elo lénks oder riets vun der Gare eraus. Dofir wier et gutt, fir dat eng Kéier ze analyséieren an eventuell déi Luucht beim Foussgängersträifen ewechzehuelen.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech kann dat ënnerstëtzen. Déi Iwwerleeung ass och an der Diskussioun vum neie Verkéiersreglement dran, well een effektiv gesäit, datt d'Entrée vun der Gare selwer nach just - loosse mer et nennen - eng Bäckerei ass, an net méi geduecht ass fir den Zou- an den Ofgang vun de Passagéier. Déi kommen op der Säit eraus, an da wieren se grad esou séier op der Kräizung eriwwer. Et muss ee vläicht kucke fir dat e bëssen ze sécuriséieren, net datt d'Leit awer erëm zur Apdikt zou iwwer d'Strooss lafen.

Wou mer nach déi aal Situatioun haten, hat déi Foussgängerluucht sécher hire Sënn, mä elo hemmt se méi wéi se déngt.

Norbert Pierre (LSAP):

Do hutt der ganz Recht. Do kann ee séier e klenge Schutz ubrénge fir datt keen direkt eriwwerleeft.

Dann hätt ech nach eng Fro zu der Residenz selwer. Ech weess net, ob mer dat an eisem Reglement drastoen hunn, mä ginn am allgemenge gekuckt, ob déi Residenzen handicapéierte-gerecht gebaut ginn, zum Beispill wat d'Entrée fir eranzegoen ubelaangt? A kritt de Lotisseur Oploen an deem Sënn gemaach?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass esou, datt mer dat eigentlech an eisem Bautereglement net drastoen hunn. Mä mir kucken dat doten awer an eiser Bautekommissioun. An deene Residenze si jo ganz oft schonn direkt Lifter dran. A wann ech dee Plang elo richteg am Kapp hunn, dann ass déi heite Residenz schonn handicapéierte-gerecht.

Mir hunn awer keng Handhab. Mir kënnen net soen, datt mer keng Autorisatioun gi wann dat net garantéiert ass. Well wa mer dat soen, da musse mer och soen, datt et contraire zu deem an deem Paragraphe vum Bautereglement oder zu eisem PAG ass. An dat muss een argumentéieren, an dat geet fir de Moment net. Et muss een awer kucken, wa mer deen neie PAG maachen, datt mer an deem Sënn eppes drasetzen.

Norbert Pierre (LSAP):

Jo, well dat ass scho wichteg. Well ech kenne Leit, déi nodréiglech behënnert gi sinn, an déi elo net méi eran an eraus kommen.

Lily Gansen (LSAP):

Dat kann ech wierklech ënnersträichen. Ech selwer wunne jo an enger Residenz, a mir hunn 2 Behënnerter do wunnen, a fir déi ass et onméiglech am Sous-sol an de Lift ze kommen. Well si mussen zwee Träppleker iwwerwannen, an dat geet net ouni Hëllef. An et bleift hinnen näischt aneschters iwwereg wéi aus dem Keller no baussen an dann nees zur Haaptdir an d'Residenz eran ze goe fir bei de Lift ze kommen.

Carlo Gira (CSV):

Et brauch ee sech näischt virze-maachen: Wann ee Residenze baut, da kënnt och méi Verkéier. Et muss ee sech awer och bewosst sinn, datt, wann een an engem Zentrum baut, datt do méi intensiv gebaut gëtt wéi a Wunnquartieren, an datt do dann och méi Verkéier ass.

Et ass jo och gesot ginn, datt ee géif kucke fir dee Verkéier vläicht aneschters ze gestallten, mä da muss een dat - wéi den Här Buerger-meeschter et och gesot huet - mat deene Leit maachen a kucken, datt een de Verkéier esou leet datt e flësseg bleift. An ech mengen hei si mer jo awer och op enger Plaz wou een e relativ liichten Zougank zum ëffentlechen Transport huet. Den Zuch an de Bus fiert do, esou datt awer och déi Leit, déi sech esou wëllen déplacéieren, net op den Auto ugewise sinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech wollt just nach eppes zum Verkéier an deem Quartier soen. Mer hu jo e ganz performanten Apparat fir ze moosse wéi den Trafik ass wéini wéi schnell do gefuer gëtt, wéivill a wat duerch déi Stroosse fiert. A mer maachen och elo op däer Plaz während 14 Deeg e Sondage fir gewuer ze gi wéi de Moment d'Situatioun ass. Et gëtt ëmmer esou séier iwwerdriwwen an et gëtt ëmmer gesot, datt vill Trafik wier. An da kucke mer och emol wéi et duerno ass, a mer kënne Parallelen zéien.

Guy Brecht (LSAP):

Ech verstinn d'Doléance ganz gutt vun deenen zwou Madamen, déi eppes do eraginn hunn. Et ass effektiv esou. Ech hunn 12 Joer an deem Quartier do gewunnt, an et ass wierklech mat Momenter himmelschreiend.

Un de Parking résidentiel gleewen ech net esou richteg. Well ech gleewe kaum, datt déi Leit, déi hiren Auto do ofstelle fir den Zuch ze huelen, sech dorunner halen. A wann de Parking résidentiel do och esougutt fonctionnéiert wéi an Nidderréideng, wou de Moment e ganze Koup Problemer sinn, da gleewen ech net esou richteg, datt et am Garer Quartier wäert fonctionnéieren.

Wat déi Luuchten ubelaangt, esou hate mer dat schonn an engem fréiere Gemengerot diskutéiert. Et ass effektiv esou, datt mat Momenter chaotesch Situatioune mat Momenter entstinn. Déi chaotesch Situatioun kënnt och dohier, datt op deenen zwou Säite Camione stinn. Engersäits gëtt bei der Pizzeria ofgelueden, an d'Camione stinn erof bis bei Dokteschpraxis. An op der anerer Säit gëtt och bei der Epicerie ofge-lueden. An dat sinn effektiv chaotesch Situatiounen, an do miisst een emol eng Kéier intervenéieren, an eppes ënner-huelen. Zum Beispill, datt ee seet, datt just nach während verschiddene Stonnen do dierf geliwwert ginn, esou datt een déi Situatioun vermidde kritt.

Kéint een och vläicht déi Luucht am Blobierg e puer Sekonne méi laang op Gréng stellen. Well effektiv komme mat Momenter nënnen 2 Autoen do duerch. An da fueren se e bëssen an da kommen se bei d'Luucht vum Foussgängersträife vis-à-vis vun der Gare.

Déi zwou Madamen ware jo hei an enger Entrevue, an eng Madame huet och nach eng aner Doléance, an ech weess net op se iech déi gesot huet. Do war virun hirer Dier emol esou ee Carreau ugeluegt gi wou sollt dra geplanzt ginn, oder wou an der Zäit - mengen ech emol - Beem drastoungen. Dat ass awer zoubetonéiert ginn. Ech weess net aus watfir engem Grond dat gemaach ginn ass, mä ech ka mer virstellen, wou se déi aner Säit un deem Haus geschafft hunn, datt dat do automatesch gaangen ass.

Norbert Pierre (LSAP):

Dat ass wéinst de Busse gemaach ginn.

Guy Brecht (LSAP):

Déi Damme hat gefrot, fir nees e schéine Bam dohinner gesat ze kréien. Mä wann dat d'Ursaach ass, dann ass jo näischt do ze maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et muss ee kloer soen, datt dat doten effektiv gemaach ginn ass wou d'Bussen nach do gefuer sinn. Elo fiert awer kee Bus méi doduerch, an et kéint een dat dann erëm hirstellen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hätt nach eng Saach, déi elo net direkt eppes mat deem Projet hei ze dinn huet. Ech wollt just den Här Breyer froen, wéini datt och emol erëm eng Kéier d'Verkéierskommissioun géif zesummekommen? Wa keng Punkte sollen do si fir op den Ordre du Jour, da kéint ech him der ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Ah sou, kommt dir net méi zesummen?

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass schonn e puer Méint hir, datt mer fir d'lescht zesumme waren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Da musse mer kucken, datt dat gemaach gëtt.

Ech muss awer soen, an ech wëll dat nach eng Kéier hei präziséieren, datt bei deem heite Projet vum Promoteur aus Efforte gemaach si ginn. Mir hu ganz vill Conditioune gestallt. An dee Projet leeft scho ganz laang. Et gouf schonn iwwer dee Projet geschwat, do war ech nach net Buergermeeschter. Ech weess, datt dee Projet ganz laang leeft, an datt mer vill Conditioune gestallt hunn, an datt de Promoteur hei ganz vill Efforte gemaach huet fir datt hei eppes zustane kënnt wat an dat Bild vun deem Quartier erapasst. An ech sinn iwwerzeegt, datt, wann et bis do steet, gutt an dee Quartier erapasst. An

och dee Lien, deen tëscht der Charlotte- an der Adolphe-Strooss gemaach gëtt, war fir mech ee wichtege Lien fir deem ganze Quartier awer déi Rou ze ginn - wat de Verkéier ubelaangt - deen e brauch fir datt eng anstänneg Liewensqualitéit bestoe bleift.

Esou datt ech soe kann, wann dee Projet hei bis fäerdeg ass, e bei wäitem net dee schlechste Projet ass deen hei an der Gemeng realiséiert ginn ass.

Guy Brecht (LSAP):

Ech wollt nach eppes zum Parkhaus soen. Esou ee Parkhaus ass super néideg, mä lafe mer do net d'Gefor fir erëm méi Autoen unzezéien, an datt erëm méi Frontalieren hiren Auto huele fir dohinner ze kommen. Do miissten awer dann och nach e puer Sensibiliséierungscampagne lafe fir effektiv den ëffentlechen Transport ze huelen. Well mer wëssen alleguerten, datt déi Leit hiren Auto net wëllen zu Lonkesch op der Gare stoe loossen. Well si soen, datt bei eis an der Gemeng den Auto méi sécher steet. Well si kënnen en net zu Lonkesch stoe loossen, soss ass e futti wa se owes erëmkommen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei der Rodanger Gare, an deem Parkhaus, si mer jo am Zentrum vu Rodange, an do steet ee fir mech grad esou sécher, wann net esouguer méi sécher, wéi an enger rue de l'Industrie. An dofir ass déi Alternativ, déi mer de Frontaliere bidden, op däer dote Plaz, eng optimal Léisung.

Wéi den Här Breyer seet, mir hätte grad esou gär datt se géifen zu Lonkesch schonn den Zuch huelen. Mä wann dat net esou ass, da muss ee reagéieren, an dat heiten ass eng Reaktioun déi richteg ass. An de Ministère geet jo gären op dee Wee. An et ass och am IVL esou virgesinn, datt an de Grenzuertschaften esou Parkhaiser sollen opgeriicht ginn. An dat hei passt ganz genee an d'Konzept vum IVL.

Guy Brecht (LSAP):

Wann een déi Bussen e bësse kuckt, da sinn der do déi am Stonnen- an am Hallefstonnentakt fueren, an déi fuere mat 2, 3 oder 4 Leit. Dat gëtt engem awer ze denken.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dozou muss een awer zwou Saache soen. Wann hei zu Rodange - wou et ugeet - de Bus scho struppevoll ass, da froen ech mech wou déi Leit sech sëtzen déi zu Käerjeng, Suessem oder vir an Esch eraklammen. Et ass kloer, datt, wa se hei op den Extremitéite fueren, manner Leit drasëtzen.

Et ass och grad esou kloer, datt d'Busse gerammelt voll sinn an de Spëtzenzäiten - dat ass bei den Zich och esou - an datt am Dag - well d'Leit jo da schonn op hirer Aarbecht sinn - manner Leit an de Busse sëtzen.

An den Hallefstonnentakt soll de Leit och d'Méiglechkeet ginn oft e Bus kënnen ze kréien. Well wann ech wëll mam Bus fueren, an ech kréie während 2 Stonne kee méi, da fueren ech och mam Auto.

Guy Brecht (LSAP):

Ech schwätze vun den RGTR-Bussen, net vun den TICE-Bussen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass genee d'selwecht. Ech muss iech och soen, datt déi dräi TICE-Linnen, 1, 3 an 14, am Duerchschnëtt déi dräi Linnen déi am meeschte besat sinn. Si sinn am Duerchschnëtt mat 20 Leit pro Faart besat. Déi klammen net alleguerten zu Rodange eran, mä déi klammen ënnerwee bäi. Mä et sinn déi dräi Linnen, déi am meeschte beim TICE profitéiert ginn. Dat ass jo awer en Zeechen, datt se gebraucht ginn.

Approbation définitive à l'unanimité.

11.

Sylviculture.

Plan de gestion des forêts pour l'exercice 2009 – approbation.

Gilbert Welter, Schäffen:

Et ass och gutt, wann een net nëmmen iwwer Betong oder Constructioune schwätzt. Bei dësem Punkt gi mer an eis Bëscher. Fir d'Aarbechten an eise Bëscher gutt a richteg ze gestallten, gouf de Plan de gestion fir 2009 vun der Administration des Eaux et Fôrets an Zesummenaarbecht mam Fierschter a mam Ëmweltbüro opgestallt. Et geet ëmmer méi an d'Richtung fir d'Kapazitéit vun eise Bëscher fir déi nächst Joeren ze erhalen, an d'Aarbechten esou ze gestallten, datt d'Regele vun den ekologeschen, economeschen a soziale Fonctiounen agehale ginn. Et ass also wichteg eng natierlech Regeneratioun ze schafen, an doduerch manner ze planzen, an deenen Zorte vu Beem, déi mam Buedem vun eise Bëscher gutt a gesond wuessen, Virrang ze ginn, esou wéi d'Koppen an d'Hiwwelen an de Bëscher ze schützen an ze fleegen.

De Préposé vun der Administratioun war freides, den 26.09.2008 op der Plaz, an huet eis confirméiert, datt eise Plan de gestion fir 2009 d'Conditioune vun der Zertificatioun FSC-Label och erfëllt.

Am éischten Trimester 2009 gëtt de Bëschwee am Rollengerbësch ugefangen an d'Rei gesat ze ginn, esou wéi et an eisem 10-Joeresplang, dee mer jo dëst Joer nach gestëmmt hunn, virgesinn ass.

Eng aner komplizéiert Aarbecht geschitt zu Rodange op der Maus. Do mussen nach am Hang hannert der schaarfer Rietskéier 2 bis 3 aal, déck, héich a krank Beem erausgeholl ginn. Do besteet d'Gefor, datt dës Beem bei engem Stuerm ëmfalen an an d'Strooss geroden. De Fierschter huet gemengt, datt dës Beem um Enn vun hirem Liewe wieren.

Wa mer de finanzielle Bilan maachen, da schléisse mer 2009 mat engem liichte Boni vun 3.965 € of. D'Recetten duerch de Verkaf vum Holz belafe sech op ronn 60.000 €. Dovunner ginn dann nees 56.315 € an de Bësch investéiert.

D'Detailer iwwer d'Beträg vun dësen Ausgaben, sech bezéiend op d'Regeneratiounsaarbechten, d'Exploitatioun, den Entretien vun de Weeër an de Biotopen an d'Peie vun den Aarbechter, fannt der am Aide-mémoire erëm.

John Polfer (CSV):

An deem Plang hei ass och e Punkt 'Conservation de la nature' mat dran. Ech si frou kënnen ze liesen, datt dee Biotop, oder dee Weier, deen do uewen um Hierschbierg ass, och emol erëm an d'Rei gesat gëtt. Da wollt ech awer och nach eppes froen: Hannert dem Chalet, dem fréiere Scoutschalet, steet awer och nach eng aal Ruin, déi ganz zouwiisst. Wiem gehéiert dat? Ass dat nach eisen Terrain, a wat geschitt domatter?

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass der Madame Melchior hiert fréiert Gaardenhaischen, dat nach do steet. Et ass op jiddefall privaten Terrain. Mer kéinte vläicht emol nokucken a se opfuerderen eppes do ze ënnerhuelen.

Camille Bosseler (CSV):

Et freet mech ëmmer erëm, wann ech gesinn datt awer e Plang opgestallt gëtt fir no eise Bëscher ze kucken, an datt dat wierklech ëmmer agehale gëtt. Eis Bëscher musse mer an der Rei halen. Mir wëssen hoergenee, datt mer net esou terribel Einnamen dovunner kréien, well mer brauche jo och net vun den Einname vun engem Bësch ze liewen. Mä et ass fir trotzdem ze kucke fir de Leit en Noerhuelungsgebitt, wou

se kënne spazéiere goen, wou d'Weeër an d'Rei gesat sinn, asw., ze bidden.

Wat de Biotop um Hierschbierg ubelaangt, esou louch mer dat scho laang um Mo. Et ass esou eng schéi Plaz do. Dat ass fréier ëmmer vun engem Mann ënnerhale ginn, dem Hastesch Raym, an et ass ze bedaueren, datt dat op eemol esou verkomm ass.

Roland Breyer, Schäffen:

De Syndicat d'initiative huet dat ëmmer an der Rei gehalen.

Camille Bosseler (CSV):

Jo, hie war dovunner. A wann alles do schéin aménagéiert wier, da wier dat och e Projet, deen een eventuell dem CIGL kéint ginn, fir dee Biotop esou ze gestallten, datt en erëm an der Rei wier. An och d'Waasser, dat ënne kënnt, an Plaz datt et op de Wee leeft, kéint een do net derlaanscht eng Trace maachen an et bis ënnen an de Bësch offéieren, esou datt d'Leit kéinte propper do trëppelen? Well do wier mat wéineg Geld trotzdeem eppes ze maachen.

Roland Breyer, Schäffen:

Wat d'Weeër ubelaangt, do ass et esou, dat eent ass jo d'Coupe an d'Culture. Da kënnt jo de Weier do uewen, dee soll jo och e bësse gebotzt ginn. An déi ganz Saach, déi do uewen ugeluegt ginn ass, ass déi Zäit vum Syndicat d'initiative ënnert der maassgeeblecher Direktioun vum Hastesch Raym geschitt. An do ass och nach e Circuit auto-pédestre laanscht gaangen, deen awer elo e bësse verfall ass.

Wann elo d'Coupe fäerdeg ass, dann ass nach méi Verwüstung do. An da kann een erëm eng Kéier dorobpper opbauen a kucken, wien dat mécht. Do ginn et Programmer déi iwwer den Tourismusministère lafen, a wou mer eis kënnen och als Gemeng melle fir d'Weeër an d'Rei gesat ze kréien. Do ginn et och Equipë vum Ministère déi dohinner komme fir déi Saachen ze maachen.

Elo gi fir d'éischt emol Beem gerappt, an erausgezunn. An da sinn déi meeschte Weeër nach méi futti wéi se scho waren. An duerno kann een dann ufänke fir nei Weeër unzeleeën.

Camille Bosseler (CSV):

Wat mer och nach opgefall ass, dat ass wann een erofkënnt - wou dat Blockhaus uewe war - datt de Gruef zimlech déif ass. An et kënnt och terribel Waasser do erof. Wann et déck reent, da gëtt et geféierlech. Well heiansdo ass et och mat de Blieder zimlech verstoppt. Gëtt dat regelméisseg opgemaach?

Roland Breyer, Schäffen:

All Woch.

Camille Bosseler (CSV):

Dann ass et gutt. Well et ass néideg. Well am beschte wier et jo, wann een et op d'Gewan géif kréien, a Plaz an den Égout.

Roland Breyer, Schäffen:

Villmools Merci, dann hätt ech et hannenaus am Gaart.

Camille Bosseler (CSV):

Neen, Pardon, net déi Säit. Ech schwätze vun der rietser Säit.

Ech mengen, ech hunn elo genuch Ureegunge dinn, a soe Merci fir d'Nolauschteren.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech si frou fir all Suggestioun déi gemaach gëtt, a mer kucke wat mer dovunner mat an dat nächst Joer kënne mat eran huelen.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech bemängele just eppes un deem Plan de Gestion annuel. Den Här Bosseler huet jo ëmmer gesot, datt een dat an de Bësch muss erëm erastieche wat een erausgeholl huet. Hei zéie mer ronn 4.000 € méi eraus wéi mer drastiechen.

Camille Bosseler (CSV):

Ech hu geschwat vun deem ganze Plan de gestion, wat d'Beem ubelaangt, fir den Ënnerhalt, awer och mat de Weeër. Ech hunn elo ausdrécklech gesot, datt mer net vum Akommes vun engem Bësch liewen. Mir hunn dat jo hei zu Péiteng leider net néideg, net wéi kleng Uertschaften, déi dovunner musse liewen. Mir brauchen dat net.

Awer de Bësch soll erhale bleiwen. Mir hunn déi verdammte Flicht a Schëllegkeet fir dofir ze suergen, datt eis Nokommen och nach e gesonden an anstännege Bësch virfannen. Well mer kënnen en och vläicht eng Kéier fir Energiezwecker gebrauchen, spéiderhin. Well et weess een net wéi et geet, wann emol eng Kéier de Krunn zougedréint sollt ginn. Dat soll awer net heeschen, datt alles soll ofgeholzt ginn. De Plang soll esou sinn, datt ëmmer genuch do ass fir d'Nofro vun de Leit an et soll nogeplanzt gi fir datt de Bësch weider bestoe bleift.

Gilbert Welter, Schäffen:

Wann ech nach dierf op den Här Pierre äntweren. Et ass esou, datt den Holzpräis ganz staark an d'Luucht gaangen ass, an datt net méi ofgeholzt gëtt wéi déi Joere virdrun. Mä dee klenge Benefice ass doduerch, datt den Holzpräis an d'Luucht gaangen ass.

Approbation à l'unanimité.

12.

Dépenses diverses.

Octroi de cadeaux de service - décision.

Roland Breyer, Schäffen:

All Joer wëlle mer déi verdéngschtvoll Leit aus eiser Verwaltung an deenen associéierten Verwaltungen éieren. An do hu mer jo d'Regel, datt - wann een 20 Joer dobäi ass - een e Cadeau am Fong geholl vun enger gëllener Auer kritt, an dat am Wäert vun 900 Euro. Mir proposéieren dëst Joer 14 Leit. Dat sinn der 8 aus eisem Gemengepersonal, 1 aus dem Léierpersonal, 1 Member vum Gemengerot, 1 Member vum Office social an 3 aus dem Service d'incendie.

Accord à l'unanimité. M. Klein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

13.

Questions des conseillers communaux.

Néant

Séance publique du 17 novembre 2008

Durée de la séance: *14.00 à 16.10 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Albert Muller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
Welter Gilbert, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Lily Gansen, conseiller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos

1. Résiliation d'un contrat de travail par une éducatrice diplômée.

Séance secrète

2. Indigénat: demandes en obtention de la nationalité luxembourgeoise - avis.

Séance publique

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Administration générale
   - 4.1. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.
   - 4.2. Dénomination de rues, places, parkings et de bâtiments - décision.
   - 4.3. Ancienne maison « Louis Nicolas » à Rodange: remplacement de la chaudière - approbation du devis et vote d'un crédit additionnel - décision.
5. Propriétés: bail emphytéotique, avec la société PLAY CITY S.A. d'Esch-sur-Alzette, concernant un terrain sis à Pétange, lieu-dit « rue Robert Krieps » - décision de principe.
6. Enseignement
   - 6.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
   - 6.2. Organisation de classes de neige en 2009 - décision.
7. Prévisions sociales
   - 7.1. Office Social: budget rectifié de l'exercice 2008 et budget de l'exercice 2009 - approbations.
   - 7.2. Office Social: renouvellement d'un cinquième du bureau - décision.
   - 7.3. Organisation d'activités de loisirs - convention avec la société « BDK.LU » de Pétange - approbation.
   - 7.4. Aides au Tiers Monde: formation de dirigeants communautaires dans les provinces de Sucumbios et Orellana (Ecuador) - décision.
   - 7.5. Aides au Tiers Monde: aide alimentaire pour Haïti 2008 - décision.
8. Aménagement du territoire
   - 8.1. Servitude d'interdiction de lotissement et de construction frappant des terrains sis entre la route de Niederkorn à Pétange et la rue du Vieux Moulin à Lamadelaine - décision.
   - 8.2. Servitude d'interdiction de lotissement et de construction frappant des terrains situés entre la rue Jean Waxweiler et la rue Belair, lieux-dits « An den Jénken » et « Um Hondsréck », à Pétange - décision.
9. Sports et loisirs: piscine de Rodange: contrat de surveillance avec une société de gardiennage - approbation.
10. Transports et communications: règlements temporaires de la circulation - décisions.
11. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

Les points 1 et 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance secrète.

3.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir Dammen an dir Hären, ech begréissen iech zu dëser Gemengerotssëtzung. D'Madame Gansen huet sech entschëllegt, esou datt mer nach zu 14 wiere fir haut d'Dagesuerdnung ze evakuéieren.

Beim Punkt 3 wollt ech iech just matdeelen, datt dee leschte Freideg de Pacte Logement mam Inneministère a mat dem Ministère du Logement vun 23 Gemengen ënnerschriwwe gouf. Do war och déi Péitenger Gemeng dobäi. Mer wäerten och an enger vun de Sëtzungen am Dezember hei doriwwer ofstëmmen. Dat heescht, mär als Schäfferot hunn dat ënnerschriwwen, awer ëmmer ënner däer Bedingung, datt de Gemengerot deem och zoustëmmt. Mer sinn ënner deenen éischten 23 Gemengen, déi dëse Pacte Logement ënnerschreiwen. Am Detail komme mer dann am Dezember nach drop zeréck.

4.1.

Administration générale.

Titres de recettes: déclarations diverses au montant total de 87.592,39 euros - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der gesidd, datt mer 87.592,39 Euro erakrut hunn ënner dem Punkt 4.1. Dat si méi kleng Recetten, déi mer am Laf vun de leschte Wochen erakruten.

Approbation à l'unanimité.

4.2.

Administration générale.

Dénomination de rues, de places, de parkings et de bâtiments - décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Madame, dir Hären. Mer hu jo en neit Verkéiersreglement an der Mautsch. Et gëtt och e bësse méi spéit, bis mer dat hei op den Dësch kréien. Mer hate geduecht, mer géifen et dëst Joer fäerdeg kréien. Mee do si verschidden „Avis préalables" vun de Ponts et Chaussées a vun der Nationaler Verkéierskommissioun nach net agelaf. Ënner anerem ass an deenen Diskussiounen drop opmierksam gemaach ginn, datt mer verschidden Onkloerheeten an deem alen Text hätten. Onkloerheeten an deem Sënn, datt do nach hei an do en „Niemandsland" besteet, dat schwéier ze interpretéiere wier. Zum Beispill wann do einfach steet et wier eng Kräizung vun der Nationalstrooss 5B op eng Nationalstrooss 5C, da kann ee sech näischt dorënner virstellen. Dat misst méi kloergestallt ginn.

Eng zweet Iwwerleeung ass derbäi komm. An zwar miissten alleguer déi Stroossen, déi am Fong kee richtegen Numm hunn, am Fong och net vun der Post erfaasst sinn an och keng Bréifkëscht desservéiert ginn. Mer hunn awer a verschidde Secteure Gebaier stoen, déi elo fonctionnéieren, ë.a. den LTMA, dee bäikomm ass, an dat anert ass eng Kläranlag, déi do steet. Och am Sënn vun engem GPS-System wier et gutt, wann einfach déi Stroossen en Numm hätten.

Déi éischt Strooss, déi en Numm krut, dat ass d'Avenue de l'Europe. Dat ass de Contournement, an do hu mer dann entscheet fir do e puer Nimm ze gi mam Bléck op dat neit Reglement an op de Balisage. Och eis Parkinge ginn esou enger gewësser Logik ënnerworf.

Dofir soll dann rue du Stade elo vum Rond-Point bis un déi belsch Grenz verlafen. An zwar well do de Fussballsterrain drop ass. Déi géif also dann och vun der Post desservéiert ginn. Dat selwecht géif fir de SIACH gëllen. Dat war bis elo net ze definéieren. Et war e bëssen d'rue d'Athus bis elo. D'rue d'Athus ass déi al Athemer Strooss eropkomm, dann ass se weidergaange bis op d'Grenz, a si ass och nach deelweis laanscht de Fëschweier gaangen. De Fëschweier zum Beispill hat eng Adress rue d'Athus an en hat och eng Bréifkëscht ënnen op der Athemer Strooss well en do d'Trapen erofgeet. Heimat gëtt et elo vill méi kloer, well et hei d'rue du Stade wier. Wann de Fëschweier wéilt an der rue du Stade desservéiert ginn, da muss ee just eng Bréifkëscht dohinner stellen an da géif en och do de Courrier kréien. U sech hu mer gekuckt fir net zevill Stéierungen dranzebrénge fir datt d'Leit net zevill geplot gi mat Adressen a Kaarten ëmänneren.

Jeannot Linden (LSAP):

Wéi gesot, ech hunn dat duerchgekuckt an ech fannen, datt déi Propositiounen, déi do gemaach ginn, och ganz gutt sinn. Et ass och gutt, dat déi Strooss elo endlech en Numm kritt an datt ee weess, datt d'Athemer Strooss déi Strooss ass, déi ënnen op der Kräizung mat der Lénger Strooss ugeet bis uewen hin. An da wësse mer och datt d'rue du Stade ënnen ugeet an da bis uewen op d'Grenz geet. Dat Eenzegt, wat ech wollt wëssen ass, ob de Rond-Point Porte de Lamadelaine heescht oder just Porte Lamadelaine. An d'avenue de l'Europe, geet déi vun der Grenz u bis op Nidderkäerjeng fir eis?

Roland Breyer, Schäffen:

Also déi geet vum Rond-Point Nidderkäerjeng un a se geet bis hanner de Rond-Point Auchan. Do geet nach eng Strooss weider. Bis dohinner geet d'avenue de l'Europe.

Jeannot Linden (LSAP):

Dat heescht, se geet méi wäit. Bis de Glaverbel?

Roland Breyer, Schäffen:

Jo, jo, dat geet doriwwer ewech. Dat gëtt och alles synchronesch numeréiert. All Deel vu Lëtzebuerg, der Belsch a Frankräich huet seng eegen Numerotatioun, esou datt net zweemol deeselwechten Nummer entsteet.

Also de Rond-Point ass am Ableck als Porte Lamadelaine agedroen.

Jeannot Linden (LSAP):

An déi rue du Stade, wéi mer se elo wëllen nennen, déi geet jo bis un d'Grenz am Fong. A wat fir en Numm hu se déi aner Säit?

Roland Breyer, Schäffen:

Jo, déi geet bis un d'Grenz wou fréier d'Grenzhaische stoung. Den Numm déi aner Säit, dat ass dee vun enger Persoun.

Et gëtt och einfach Kloerheet, well mer fréier aus der Athemer Strooss erauskomm si wou mer elo d'rue du Stade hunn. Dann huet d'Athemer Strooss d'Virfahrt scho mussen ofgi fir op d'Athemer Strooss. Dat huet kee Mënsch verstanen. An esou gëtt et einfach méi kloer. A wéi gesot, et gëtt och esou erfaasst mat dem GPS-System.

Dann d'rue du Lycée géif dann ugoe bei der rue Jean-Pierre Kirchen respektiv bei der rue des Prés a géif dann eropgoe bis un de Rond-Point Porte Lamadelaine. An op däer aner Säit géif se erofgoe bis un d'rue du Moulin. Dat ass esou gemaach gi well

mer déi al Lëtzebuerger Strooss elo einfach rue de Luxembourg nennen. An dat bis un d'avenue de la Gare, wou se dann an d'route de Longwy iwwergeet op Rodange. Dofir ass déi Partie do rue du Lycée genannt ginn. Et ass haaptsächlech duerch de Lycée, deen och hei en Zougang op däer Strooss huet, an doduerch och eng Bréifkëscht ka kréien. Soss ännert jo näischt, all déi aner an däer Géigend do si jo net geplot domat.

Jeannot Linden (LSAP):

Ënnen, wou d'rue du Lycée op d'rue Kirchen an d'rue des Prés stéisst, bréngt dat keng Verwiesselung mat sech wann déi eng no lénks ofbéit an déi hei zwou no riets?

Roland Breyer, Schäffen:

Neen, well et ass jo keng Numerotatioun do. Et ass jo keen do, deen erfaasst gëtt. Déi ënnen - Simon Tours - falen ënner Péiteng. Dat gëtt keng Verwiesselung. De Lycée kann elo just eng Nummer an eng Bréifkëscht kréien.

Dann och nach déi al rue de Luxembourg, déi vun der rue des Prés erageet. Et huet een awer gesinn, datt all Mënsch, deen do Visitekäertercher hat, deen huet sech an der rue de Luxembourg gesinn. A firwat solle mer dann do al Lëtzebuerger Strooss soen, da soe mer einfach route de Luxembourg an et geet vun do u bis op d'Gare.

Jeannot Linden (LSAP):

Dat heescht, datt dat klengt Stéck rue du Moulin bestoe bleift. Se gëtt also do ënnerbrach an da geet se duerno nees virun.

Roland Breyer, Schäffen:

Do musse mer nach am Reglement soen, datt mer do op d'rue du Moulin oftrieden a vun der rue du Moulin musse mer nees un d'route de Luxembourg oftrieden.

D'Cité Fontaine d'Olière gëtt dann och einfach rue Fontaine d'Olière, well och d'Numerotatioun esou geet. Dann hu mer och nach deen neie Square, deen zu Rolleng nieft der Schoul an der Maison relais entsteet. Dee wollte mer Square François Ney nennen. De François Ney war e Mann mat grousse Verdéngschter zu Rolleng. An deen hu mer vum Här René Klein iwwer d'Péitenger Geschichtsfrënn virgeschloe kritt.

Roger Klein (LSAP):

Ech hu mer vu mengem Namensvetter René Klein soe gelooss, dee scho méi dacks gesot huet, datt dee Mann misst iergendwéi an d'Gediechtnes geruff ginn. Dat war e Geeschtleche vu Rolleng, deen eng Stëftung hannerlooss hat. Dat war nach virum Schoulgesetz, well deemools hu jo d'Kanner Schoulgeld musse bezuelen. An dofir hunn déi Rollenger kee Schoulgeld misse bezuelen, wougéint déi Péitenger a Rodanger es hu misse bezuelen. Dat geet relativ wäit zeréck, also op jiddwer Fall bis virun 1840.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

An et mécht jo och Sënn fir dat esou ze maache well dat jo tëscht der Maison relais an der Schoul ass. An et schéngt mer déi richteg Plaz ze si fir op dëse Mann hinzeweisen.

Roland Breyer, Schäffen:

Et steet nach dran, datt en ufanks vum 18. Jorhonnert gebuere gouf. De François Ney ass 1734 zu Tréier zum Paschtouer geweit ginn. E war ënner anerem zu Lëtzebuerg, wou en 1794 gestuerwen ass. An en huet eng Donatioun gemaach vu ronn 613 Louis (Taler), esou datt „le salaire de l'instituteur ainsi que la gratuité de l'enseignement des enfants de Lamadelaine furent garantis“. Dat sinn déi ganz Recherchen, déi do geschitt sinn.

Jeannot Linden (LSAP):

Dee Square, ass dat fir Rolleng net et bësse gelungen?

Roland Breyer, Schäffen:

Mär gesi schonn e bëssen an d'Zukunft. Rolleng huet jo awer schonn esou vill Buergermeeschtere gestallt, datt een se ouni weideres als eng gréisser Uertschaft kann ugesinn. Dat waren d'Propositiounen, déi mer elo wollte maachen. Et kommen der nach vläicht an den nächste Joeren derbäi, mee mer wollten eis awer domat ofginn, wat d'Stroossen ubelaangt.

Dann hu mer eis Parkingen. Do si mer no engem System virgaangen, fir éischtens am Verkéiersreglement e bësse méi Kloerheet ze maachen. Zweetens awer och net all klenge Parking – dat heescht ënner zéng Plazen – opzelëschten, well dat huet kee Wäert fir all Parking en Numm ze ginn. Et geet och drëm, datt, wa mer eng Reglementéierung hunn, duerno och Balisage kënne garantéieren. E Balisage, wou ee sech kéint virstellen, datt, wann een a Péiteng eragefuer kënnt, faarflech ofgestëmmt ass wou déi Parkinge sinn. An déi Parkingen hunn dann e bestëmmte Buschtaf an da weess een och ongeféier, a wat fir eng Direktioun ee fiert. Da brauch een och nëmmen deem Buschtaf nozefuere fir e bestëmmte Parking ze fannen. Dat selwecht dann och zu Rodange an zu Rolleng an enger aner Faarf mat engem gewësse Buschtaf.

Et ass och geduecht, datt, wa mer dat alles hunn, mer och eng kleng Dokumentatioun mat de Parkingen erausgi fir ze weise wou se sinn, ob se eppes kaschten, ob nach Plaz ass oder net. Fir dat alles ze maache muss ee sech e Kader setzen. An dee Kader, dee mer eis gesat hunn, besteet doranner, datt mer eis eng Numerotatioun gemaach hunn, déi vun A bis X geet a fir och en Numm ze gi wann et drëm goung fir ze changéieren oder fir eng Präzisioun am Numm ze ginn. Wéi gesot, et sinn haaptsächlech déi grouss Parkingen.

Mer gesinn hei de Parking an der rue Gillardin, fir dee mer ëmmer Parking Gillardin gesot hunn. Parking Eglise huet eis geschéngt am beschten ze sinn, well e jo och vun de Leit, déi an d'Kierch ginn, benotzt gëtt. Deen hanner der Shell-Statioun, dee kann een och net esou loossen. Deen hu mer da ganz einfach Parking Centre genannt. De Parking CFL ass Parking Gare. Hanner Rousen ass einfach Parking Rousen, d'Place du Marché gëtt Parking Marché, an deen an der rue de Niederkorn géintiwwer vum Kierfecht ass de Parking Train 1900. De Centre sportif bleift, de Parking rue du Parc gëtt Parking Hôtel de Ville, d'Place de la Libération gëtt Parking Libération.

Jeannot Linden (LSAP):

D'Place de la Libération, dat ass an der Rei. Mee de Parking an der rue du Parc, dat si jo och nëmme sechs oder siwe Plazen.

Roland Breyer, Schäffen:

Jo, mee mer wollte symbolesch drop hiweise wann een an d'Gemeng geet, an dofir wollte mer en 'Hôtel de Ville' nennen. En ass jo net gemaach gi wéinst dem Café géintiwwer, fir do séier eng Taass Kaffi drénken ze goen. En ass jo gemaach gi fir séier eng Kommissioun an d'Gemeng maachen ze goen. Dofir wollte mer symbolesch am Numm drop hiweisen, datt e geduecht ass fir an d'Stadhaus ze kommen.

Carlo Gira (CSV):

Ech wollt just soen, datt verschidde Parkinge keng Bezeechnung kruten. Zum Beispill beim Fussballsterrain a beim Weier an et sinn nach Verschiddener. Och bei der Neiwiss-Schoul. An da sinn och Verschiddener guer net drop agezeechent.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat stëmmt. Et sinn e puer kleng Parkinge guer net agezeechent ginn.

Et war geduecht fir nëmme vun enger gewëssener Wichtegkeet un ze kucken. Do kéint ee soen, datt de Parking Hôtel de Ville och net an déi Critèren erafält, mee en ass awer wichteg fir d'Kommissiounen an der Gemeng. Et soll ee kënnen eng Dose Plazen opzielen.

Et kéint ee soen, datt deen neie Parking beim Reeniwwerlafbecken och nach misst en Numm kréien. Et si jo och nach Buschtawe fräi fir dat ze maachen. Et kann ee jo och duebel Buschtawe maache wann et der zevill sinn. Dee beim Weier ass awer méi privat, dat ass am Fong keen ëffentleche Parking. Theoretesch kéinten d'Fëscher deen zou maachen an eng Barrière virdu setzen.

Jeannot Linden (LSAP):

Mee dee beim Fussballsterrain kéint ee jo awer Parking du Stade oder esou nennen.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer kënnen deen och direkt derbäi setzen. Den "J" ass dann de Parking Stade. Mer wollten en eréischt benenne wann en och a Fonctioun wier, mee dat misst jo normalerweis an deenen éischten dräi oder véier Méint vum nächste Joer sinn.

Carlo Gira (CSV):

Beim Kierfecht ass nach ee Parking, an och beim Hondsterrain.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat sinn ëmmer nëmme sechs oder siwe Plazen. Also mär hunn et och méi am Sënn vum Balisage gesinn. Wann een elo zevill wëll baliséieren an et huet een op eemol 20 Punkten do, da gëtt een net eens. De Kierfecht gëtt souwisou baliséiert. Et kritt een „Cimetière“ ugewisen an da fënnt een och normalerweis e Parking do.

Hei si méi déi Parkingen, wou d'Leit higi wann en Evenement am Zentrum ass. Déi sinn och méi zentral geleeën. Bei deenen, déi méi wäit eraus leien oder just eng Fonctioun hunn ewéi beim Kierfecht, hu mer gemengt se miissten net onbedéngt benannt ginn.

Carlo Gira (CSV):

Mee wann ee jo e Plang mécht, da wier et jo net schlecht wa se alleguer agezeechent wieren.

Roland Breyer, Schäffen:

Jo, um Plang si se alleguer drop. Mee fir de Balisage mussen se net alleguer en Numm oder eng Nummer hunn. Et kann een et natierlech ëmmer maachen.

Carlo Gira (CSV):

Et ass just gutt, datt se um Plang all agezeechent sinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Also mär hu wëlles e Plang erauszeginn, wou sämtlech Parkingen aus der Gemeng drop sinn. Mee et sinn der nëmmen e puer, déi numerotéiert sinn a wou een hinner gelotst gëtt.

Bon, zu Lamadelaine sinn et dann de Parking Vieux Moulin, de Parking Eglise beim ale Paschtoueschhaus, de Parking Centre de Loisirs an de Parking Providence deen a Parking François Ney nei ëmbenannt gouf.

Jeannot Linden (LSAP):

Wann de Centre de loisirs jo en neien Numm soll kréien, wier et dann net besser ze waarden an dem Parking dee selwechten Numm ze ginn. Dat wier menger Meenung no méi einfach.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat kënne mer dee Moment nach maachen. Mer hunn awer de Moment nach keen Numm an dann nenne mer en ëm. Et changéiert jo dann näischt um Balisage, et ass jo just den "N", deen dann anescht heescht. Et ass jo och net esou, datt ee misst Visitëkäertercher änneren oder esou.

Guy Brecht (LSAP):

Hei steet och Parking Vieux Moulin. Gesinn ech dat richteg, datt dat just déi Parkplaze sinn, déi laanscht de Beach Volley sinn?

Roland Breyer, Schäffen:

Neen, dat sinn déi hannenaus.

Guy Brecht (LSAP):

An de Parking beim Fussballsterrain?

Roland Breyer, Schäffen:

Deen hu mer elo net, well en net eise Critèren entsprécht. En ass jo zweckgebonne fir déi, déi dohinner spille ginn. Do muss een net extra gelotst ginn. Mee de Parking Vieux Moulin kritt eng Fonctioun an et si jo och vläicht Leit, déi e sichen an dann dohinner geschéckt ginn. Mer kënnen awer zu jidder Zäit en Numm bäisetzen. Dat ass kee Problem.

Jeannot Linden (LSAP):

Wann een dann einfach géif Parking Titus schreiwen. Et huet een der déi Säit bal 20 oder 25, dann dréinen ech laanscht den Terrain, an do sinn der och nach garantéiert 30 ënne laanscht.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn eis iwwerluecht, wat fir Parkinge mer sollen zeechne fir datt een déi och erëmfënnt. Bon, een deen op de Fussball geet, dee fënnt den Terrain an och normalerweis de Parking derbäi. Mer hunn der schonn 20 hei, a mer ginn duerno net méi an de Schëlder eens. Et soll een déi maachen, déi e Sënn hunn, esou datt ee ka soen, se sollen op de Parking C, D oder E fueren. An do ass de Parking Vieux Moulin vläicht méi interessant well d'Leit vläicht net wëssen, wou de Vieux Moulin ze fannen ass. Mee wéi gesot, mer kënnen dat zu jidder Zäit ausbauen.

Dann zu Rodange hu mer d'rue du Commerce, da wier de Parking du Center; deen nieft der Kierch wier de Parking Eglise. Op der Gare wier de Parking Gare. Bei deem Parking an der route de Luxembourg, dat war dee fréiere Schäfer, hu mer eis schwéier gedoe fir en Numm ze fannen. Do war de Casino nach do, wéi mer eis dat hei iwwerluecht hunn. Elo ass deen ewechgerappt. Wann awer een eng Iddi huet, da sot eis déi. Mer hu gemengt, well et jo de lieu-dit ass vum Casino, deen do war. Muer kommen och nach zwee kleng Parkinge vun der Residenz, déi dohinner kënnt, derbäi. An der rue de l'Industrie kënnt nach de Parking Industrie a beim PiKo de PiKo 1 an 2.

Wéi gesot, mer kënnen do ëmmer änneren, dat huet keen Afloss. De Buschtaf bleift, an duerno ass et och just de Buschtaf, deen de Balisage duerstellt. Ob en dann esou oder esou heescht, dat kënne mer eis dann och nach iwwerleeën. Wa mer näischt Besseres fannen, da loosse mer 'Casino' stoe fir de Moment. A wann een eng Kéier eng gutt Iddi huet – mer wäerte jo nach eng Kéier heidrop zeréckkomme wa mer hei iwwer dat grousst Verkéiersreglement wäerten diskutéieren, da kann een de Numm nach ëmmer änneren.

Jeannot Linden (LSAP):

Jo, de Parking bei der Sportshal zu Rodange. Deen ass jo awer gewalteg, an dee misst jo dann och en Numm kréien. Deen ass net drop op eisem Plang.

Roland Breyer, Schäffen:

Ma da maache mer do bei de Buschtaf Z den Numm Parking Sportshal. Wann et fäerdeg ass, da musse mer duebel Buschtawe maache fir se all ënnerdaach ze kréien.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hunn och un de Parking Orchidea geduecht, wou mer jo och gären drop hiweisen. Och wa mer dee just gelount hunn. No deem Parking gëtt ëmmer gesicht. Et ass zwar e Schëld do, mee

dat wier och menger Meenung e Parking, op deen ee misst hiweisen. Et si jo awer och 20 oder 25 Plazen. An et ass e Parking, dee soll vill benotzt ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Vum Balisage aus gesinn huet den Här Linden Recht. Et wier eng Hëllef. Mer haten och geduecht, datt een deen e bësse méi signaléiere misst fir datt d'Leit en och fannen.

An et kann een och elo roueg soen, datt déi heiten Délibératioun eng Gemeinschaftsproduktioun vum ganze Gemengerot ass.

Guy Brecht (LSAP):

Den Här Linden huet am Fong geholl alles gesot. Wéi ass et da mam Parking beim Kulturcenter zu Rodange? An hanner dem Kulturcenter si jo och nach aacht Plazen.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat sinn och nëmmen 10 oder 12 Plazen. Mee mer weise jo de Kulturcenter un, an et gëtt jo ëmmer ugeholl, datt och do Parkplazen derbäi sinn. Wann een elo seet, d'Leit sollen dohinner fuere fir den Auto ze parke bei Manifestatiounen, dann huet dat kee Wäert bei 12 Parkplazen, well deen dann direkt voll ass. Et soll een déi grouss Parkingen uginn an der Peripherie. Mer gesinn dat jo och ëmmer méi bei grousse Manifestatiounen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Kënnte mer do resüméieren, datt mer dëse Punkt zur Ofstëmmung kënne bréngen. An dat mat dëse Korrekturen: zu Péiteng kënnt e Parking beim Fussballsterrain derbäi, de Parking du Stade, an dat wier de Buschtaf 'J'; bei der Sportshal zu Rodange kënnt de Parking Sportshal derbäi, dat wier de Buschtaf 'Y'; an de Parking Blobierg an der avenue Dr. Gaasch géif de Buschtaf 'Z' ginn.

Accord à l'unanimité.

4.3.

Administration générale.

Ancienne maison 'Louis Nicolas' à Rodange: remplacement de la chaudière - approbation du devis et vote d'un crédit additionnel - décision.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et drëm fir an der Maison Nicolas d'Chaudière konform ze maachen. Dat ass scho méi eng al Kamell. Do si mer jo och schonn e puer Mol drop higewise ginn, datt déi net konform ass. Elo hu mer haut en Devis virleie vun 17.000 Euro, wou mer dann och e spezielle Kredit miisste stëmme well mer se de Moment net am Budget virgesinn hunn. An zwar miisste mer do eng nei Chaudière dohinner setzen. Déi Chaudière, déi elo do ass, géif duerch eng Chaudière „à condensation" ersat gin fir d'Ventilatioun ze garantéieren. Mär miissten dann och déi ganz Aarbechten, déi do ufalen - den Tubage am Kamäin, d'Installatioun vun der Gasleitung, nei elektresch Kabelen an e feierséchere „caisson" - virhuelen. Dat ass och vun der Sécherheet virgesinn.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech versti vläicht, datt si eng nei Chaudière musse kréien. Mee wat ech net verstinn, dat ass, datt mär net méi Propriétaire do sinn a mer hunn am Fong geholl näischt méi mat däer Residenz do ze doen, obwuel d'Gemeng se deemools opgeriicht huet. Deemools war se jo konform, well mer hate jo och Architekten a Büroen, déi eis beroden hunn. Dofir gesinn ech net an, firwat mär als Gemeng de Privatleit eng Chaudière solle finanzéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt vläicht virausschécken, datt dat do eng méi al Geschicht ass. An der éischter Phas waren d'Chaudière an och d'Gasleitung konform. Doropshin, well d'Aarbechte schlecht gemaach goufen an alles naass war, hu mer als Gemeng kuerzfristeg entscheet, en Daach iwwer deen Haff hannenaus ze maachen. A vun do u war déi Installatioun net méi konform. Zënterhir si mer mat deem Dossier beschäftegt a mer haten och sécher déi selwecht Iwwerleeung wéi dir, wou mer eis gefrot hunn, wat mer domat ze doen hunn. Bis eis déi Saach do vum Ombudsmann ënnerbreet gouf an eis och mat Recht drop higewise gouf - mer hunn eis och iwwerzeege gelooss -, datt grad duerch d'Tatsaach, datt mer den Daach driwwer gemaach hunn, déi Anlag net méi konform war. An et gouf eis och vu Sudgaz konfirméiert, datt mer opgronn vun eiser Interventioun als deemolege Propriétaire déi Situatioun geschaf hunn. Dofir hu mer als Schäfferot gemengt, mer géifen dem Gemengerot dat virschloe fir d'Situatioun ze regulariséieren an déi Saach aus der Welt ze schafen. Natierlech, wann een et „stricto senso" géif huelen, da kéinte mer och soen, datt d'Kopropriétéit dat sollt klären. Mee mer wëssen och, datt eng Gemeng aner Premissen huet wéi eng Privatpersoun. An dofir hu mär eigentlech no laangem Iwwerleeë geduecht, iech dat virzeleeën an den Dossier definitiv ze regulariséieren.

Norbert Pierre (LSAP):

Esou wäit ech weess stëmmt dat mat deem Daach. Deen Daach ass jo deemools gemaach ginn op de spezielle Wonsch vun de Besëtzer, déi do dra sinn. Esou wäit wéi ech mech erënnere kann, hu mer hei am Gemengerot och nach en „subside extraordinaire" gestëmmt fir dee kënnen ze maachen. Fir mech ass et klipp a kloer. Nodréiglech ka jo gesot ginn, datt et eise Feeler ass well mer den Daach driwwer gemaach hunn. Mee den Daach ass vun de Besëtzer vun deemools verlaangt ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Neen, et war wéinst dem Noper, dee Fiichtegkeet hat. Et waren net déi Leit, déi do gewunnt hunn.

Norbert Pierre (LSAP):

Dach, och déi Leit, déi do gewunnt hunn, hu reklaméiert. Well déi eisen Trap, iwwer déi si an hir Wunnenge kommen, ass rëtscheg ginn am Wanter. Dat war am Fong geholl d'Ursaach.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Menger Meenung no war et awer och haaptsächlech duerch den Här an d'Madame Büchler, well déi gesot hunn, datt et dauernd fiicht wier an datt se dat gären dréchen hätten. Dat huet am Fong dozou gefouert, datt den Daach gemaach gouf. Bon, ech versti schonn, datt, wann een et ganz genee hëlt, een och froe kéint, wat mär domat ze doen hunn. Mee ech géif awer mengen, datt mär als Gemeng op d'mannst eng moralesch Verpflichtung hu fir dat do an d'Rei ze bréngen an dat esou ze maache wéi et soll sinn. Well et ass jo awer eng Geforenzon do well mer eng Gasleitung geluecht hunn, déi net méi konform ass. An och well mer de Bauhär waren an däer ganzer Zäit. Dofir géif ech plädéieren - obwuel dat 17.000 € sinn -, datt mer dat géife regulariséieren. Da kann een der Gemeng och kee Reproche maache wann emol eppes sollt geschéien.

Norbert Pierre (LSAP):

Wann effektiv dat soll de Fall sinn, datt déi Heizung net méi richteg be- an entlëft ginn ass duerch deen Daach, da wier ech averstane fir déi Be- an Entlëftung ze maachen. An do seet och keen Ombudsmann, datt dat net richteg ass.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech krut elo schonn Äntwerte vum Buergermeeschter. Ech wollt dat selwecht froen ewéi den Här Pierre, well et mer opgefall ass, datt mer weder Propriétaire nach Locataire si vu kenger

vun den Unitéiten am Haus. Dofir ass et menger Meenung no relativ einfach fir dat op d'Gemeng ze schubsen. Ëmmer wann esou Saache geschéien ass et d'Gemeng. A wann den Här Buergermeeschter vu moralescher Verpflichtung schwätzt, et kommen nach aner Punkten op der Dagesuerdnung, wou mer eis moralesch Verpflichtung sollen eescht huelen. Ech sinn net onbedéngt averstanen, datt mer dat Ganzt sollen droen an ech ginn dem Här Pierre vollkomme Recht, datt mer sollen en Deel dovunner iwwerhuele well jo gesot gëtt, datt et duerch eisen eegene Feeler ass. Wat natierlech och ëmmer ze bezweiwelen ass. An da froen ech mech och, wat mär deemools do gewurschtelt hunn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Jo, dat ass eng gutt Fro. Déi muss ech viruginn un déi Leit, déi dat deemools gemaach hunn. Mee fir mech ass et kloer, datt mär als Bauhär e Feeler gemaach hunn. Dat ass esou. An déi Verantwortung, déi mer do iwwerhuelen, ass net déi, déi mär net als Besëtzer oder Locataire huelen, mee als Bauhär vun deem Gebai, dat mär renovéiert hunn a wou elo eppes steet, wat net konform ass. Dofir mengen ech, datt mer och an der Obligatioun si géintiwwer vun deene Leit, fir dat ze maachen. E Privatpromoteur géif dat natierlech net maachen, mee mir proposéieren awer fir dat ze maachen.

Ech géif och dem Här Rosenfeld d'Wuert gi well hie Schäffe war, wéi dat zur Diskussioun stoung. Ech géif him och als Vertrieder vu Sudgaz d'Wuert gi fir eis kuerz z'erkläre wat do lass ass.

Romain Rosenfeld (CSV):

Déi Saach gëtt et bësse vermëscht. Déi Zäit, wéi mär den Daach driwwer gemaach hunn, do ware mer nach Propriétaire. Dat ass emol déi éischt Saach. Do war och de Coiffeurssalon net verkaf ënnenan.

Sudgaz huet erausfonnt, datt déi Leitung, déi hannen aus der Strooss erausgeet, net konform ass. Déi ass gemaach fir bei eppes Oppenes. Esou bal en Deckel drop kënnt muss och eng aner Leitung geluecht gi fir de Gas. Dat ass den Ursprong. Bon, déi Leit hu sech gefrot, wat dat wier, well se jo eppes do kaf hunn. Et muss ee soen, datt do vill Hin an Hier war fir d'Verantwortung ze gesinn, esou wéi de Buergermeeschter gesot huet. Mär sinn et, déi dat opgeriicht hunn. Wann den Deckel eng Kéier an d'Luucht flitt, da gi mär mat den Ouere geholl. Well dat si porös Leitungen, déi geluecht gi wann den Daach op ass. Hei muss eng aner Leitung geluecht ginn. Wéi grouss déi Chaudière do implizéiert ass, dat kann ech net soen. Op alle Fall war et och deemools scho ganz kloer, datt mär d'Verantwortung mussen droe well mer jo den Daach driwwer gemaach hunn.

Norbert Pierre (LSAP):

Där schwätzt elo vun enger Gasleitung, also vun der Zoufuer dovunner. Ech hunn doheem, wou ech elo zu Rolleng wunnen, och vum Gaswierk gesot kritt, datt d'Gasleitung net konform war. Ech hunn awer net de Propriétaire vu virdru responsabel gemaach, datt deen esou eng Gasleitung do leien hat. Déi war déi Zäit konform, wéi et gemaach ginn ass. An domatter huet et sech. Dat ass eng Gasleitung, déi kascht 500 Euro. Dat ass net d'Welt, wann dat de Problem ass. Mee ech gesinn net an, datt mär sollen eng Chaudière, déi 10 Joer laang fonctionnéiert, ersetzen. Et deet mer leed. Der hutt virdu jo och gesot, datt een déi Leit, déi an der Verantwortung waren, sollt froen. Do sëtzen der awer op béid Säite vum Dësch.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Jo, mee den Ursprong louch eben doranner, datt et net anstänneg gebaut gouf a mer dofir hu mussen en Deckel drop maachen. Bon, ech huelen elo meng Responsabilitéit. Eis Techniker hätten eis jo och deemools misse soen, datt dat net géif fonctionnéieren. Mer wollten dat do ee fir alle Mol regelen. Dat sinn 17.000 € fir d'Gemengekeess, mee mer kënnen awer géintiwwer vun deene Leit, déi bei der Gemeng hir Unitéit kaf hunn, soen, datt se elo eng Installatioun kréie well mer hinnen eppes verkaf hunn, wat net konform war a wat ni konform war esou bal mär den Deckel drop gebaut haten. Mer maachen dat elo eng Kéier konform an dann huet et sech. Ech wëll net hei een deem aneren d'Responsabilitéit ginn. Et kascht eis eben 17.000 €, an dann hu mer deen Dossier evakuéiert, an en ass propper. An da ka keen der Gemeng Péiteng e Reproche maachen, datt mer hinnen eppes verkaf hunn, wat net konform wier. Well dat ass, wat se haut maachen an eis och iwwer den Ombudsmann matgedeelt hunn.

Meng Propositioun ass, datt mer dësen Dossier kläre. Ech hätt déi Suen och gäre fir eppes aneschters ausginn. Mee wann ee muss feststellen, datt eppes geschitt ass, wat net 100% an der Rei, da muss een d'Verantwortung iwwerhuelen. Mer sollen se elo huelen, Schwamm driwwer, mer maachen dat elo. Da brauch och kee sech Gedanken ze maachen. Och net déi, déi hei um Dësch sëtzen. Ech schloe vir, den Dossier zur Ofstëmmung ze bréngen an ze kucken, ob mer eng Majoritéit dofir kréien.

Accord par 8 voix (CSV, DP) contre 5 voix (LSAP) et 1 abstention (Déi Gréng).

5.

Propriétés.

Bail emphytéotique, avec la société PLAY CITY S.A. d'Esch-sur-Alzette, concernant un terrain sis à Pétange, lieu-dit 'rue Robert Krieps' - décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dës Société PLAY CITY SA géif gären op enger Fläch vun 32 Ar e grousse Spillkomplex opriichten, an zwar mat Bowling, mat Dëschtennis, Spiller fir Kanner vun 0 bis 12 Joer, mat enger klenger Brasserie mat Restauratioun, en Take-out a Parking. De Loyer pro Joer géif sech op 1.000 € belafen. Dee wier dann all Joer fir den 31. August ze bezuelen. Et wier hinnen natierlech och méiglech dësen Terrain ze kafen, an zwar zu 12.500 € den Ar, natierlech adaptéiert un den „indice du coût total de construction“, déi en de Moment ass.

Romain Becker (Déi Gréng):

Bon, hei ass dann elo esou e Punkt, wou ech virdru gesot hunn, datt mer eiser moralescher Verpflichtung nokomme sollen, respektiv se eescht huelen. Do wollt ech fir d'éischt emol froen, ob déi Firma eng S.A. oder eng S.C.I. ass. An der Délibératioun an an dem Compromis geet heiansdo Rieds vun enger S.A.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bon, et ass esou, datt d'S.C.I., also eng „Société commerciale immobilière“, d'Operatioun mécht, an ech ginn dovunner aus, datt d'S.A. d'Exploitatioun mécht. Mee dat muss ee klären.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech fannen och, datt een dat muss klären, well ech hu mer näämlech d'Méi gemaach fir dat am Memorial nozesichen. An do ass d'Firma den 19. August 2008 als S.C.I. enregistréiert ginn. Dat heescht, mer miissten de Compromis eventuell änneren, d'Délibératioun souwisou.

An da kënnt et. An enger rezenter Etude, déi den Educatiounsministère zesumme mam „Centre de prévention de toxicomanie“ an den „Anonyme Glécksspiller“ gemaach huet, geet Rieds dovunner, datt ëmmer méi Jugendlecher spillsüchteg sinn. Do droen alleguer d'Computerspiller, a besonnesch eent, „World of Warcraft“ dozou bäi. Dofir sinn ech der Meenung, datt mär als Gemengeresponsabel dat

net och nach sollen ënnerstëtzen andeems mer hei direkt nieft dem LTMA eng Spillhal mat enger sëllege Spiller opriichten. Dës Hal ass och total am Géigesaz zu eisem Jugendhaus op dat mer dach esou houfreg wëlle sinn. Datt dat Péitenger Jugendhaus eng „maison modèle“ ass beweist, datt viru kuerzer Zäit zwee Ministeren hei ware fir de Projet „CASES – safer internet“ ze lancéieren. Am Jugendhaus ginn déi Jonk näämlech begleet vun den Educateuren. Si gi responsabiliséiert a si stänneg ëmgi vun Educateuren, maache vill edukatif Projeten an Aarbechten. Se gi staark gemaach fir d'Liewen.

An der Spillhal si se sech selwer iwwerlooss, ginn des Weideren zum Konsum ugestiwwelt, well mer jo alleguer wëssen, datt dës Spiller eppes kaschten a jo och nach eng Brasserie geplangt ass. Eis Aarbecht als Gemengeresponsabel soll et sinn, eis Jugend ze schützen, wat mat dësem Projet net ginn ass. Et kann näämlech net sinn, datt mer esou eng Hal an direkter Noperschaft vun der Schoul opriichten. Wéivill Schüler ginn no der Mëttesstonn net méi an hir Klassen, well se nach iergendee Rekord mussen op iergendengem blöde Spill briechen. Wéivill Schüler ginn owes no der Schoul net direkt heem fir eventuell hir Aufgaben ze maachen, mee mussen nach spille goen. Wéivill Täschegeld gëtt an déi sëllechen Automaten eragepompelt, wann dat alles bis hei steet. D'Bedreiwer hunn dat jo alles knallhaart berechent. Déi maachen dëse Projet jo net fir eis Jugendlech vun der Strooss ze huelen, mee mam eenzegen Ziel, vill Suen ze verdéngen. Esouguer déi renomméiert „American Medical Association“ huet sech mat dem Ophuele vun der Diagnos „Computer- a Videospillsucht“ an de Critèreskatalog vun de psychesche Stéierunge befaasst.

Den Dr. Prof. Manfred Beutel, Direkter vun der Klinik a Polyklinik fir psychosomatesch Medezin a Psychotherapie vum Klinikum vun der Universitéit Mainz seet – an ech zitéieren: „In unserer täglichen Arbeit häufen sich Anfragen hinsichtlich der exzessiven und inadäquaten Nutzung moderner Medien, vor allem im Kinder- und Jugendbereich.“

A mengen Aen ass et scho schlëmm genuch, wann eng Brasserie an der Géigend déi Jugendlech mat Studenteplate fir sechs Euro lackelt an en Daachdeckerbetrib en „Take-out“ bedreift an doriwwer eraus och nach gären Dëscher a Still a seng Betribshal géif stelle fir esou vill wéi méiglech Studenten ze zerwéieren. An der Schoulkantin gëtt extra dofir gesuergt, datt déi Jonk eng gesond an ausgeglachen Ernierung kréien. Mee mär loossen et zou, datt si aus der Schoul gelackelt ginn.

An dësem Projet geet och Rieds vun enger Brasserie „avec petite restauration“, wat jo och heescht, datt do Alkohol verkaf gëtt. Mee ech gesinn do scho vill Problemer op eis zoukommen. A wann do och Kanner vun 0-12 Joer sollten dohinner spille goen, ma hu mär se dann nach all! Ech wäert dëse Projet net stëmmen, well ech et als eng vu mengen Aufgaben als gewielte Vertrieder gesinn, eis Jugend esou gutt wéi méiglech ze schützen. An esou eppes nieft dem LTMA opzeriichten ass a mengen Ae scho bal kriminell.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Här Becker, dat do war e schéinen Aufsatz, mee där leit do vollkomme laanscht der Plack géif ech soen. Wahrscheinlech kennt der den Dossier net, mee wann der e géift kennen, dann hätt der dat do net gesot. Dat hei ass eng Spillhal, esou wéi se a ganz Däitschland opgeriicht sinn. Et ass en Novum, an alles, wat nei ass, dat ass sécherlech friem a mat deem een och duerno vläicht seng Problemer huet. Mee dat soll eigentlech eng Spillplaz sinn ënner engem gedeckten Daach. Wa mer Spillplazen ënner fräiem Himmel hunn, dann hu mer Problemer ëm dës Zäit. Haut ass e gudden Dag, mee gëschter war et schlecht an et weess een net, wou ee mat de Kanner soll higoen. An do ginn et an Däitschland Projeten – zum Beispill ware mer op Bonn esou e Projet kucken, an et waren der e puer vun deenen, déi hei um Dësch sëtzen, matgaangen – fir eng Spillplaz ënnerdaach ze hunn. An et ass dat, wat hei realiséiert gëtt.

Et gëtt, an dat muss ee soen, am Sous-sol e Bowling an eng Keelebunn higemaach fir datt dee Projet sech och rentabiliséiert well se dovunner ausginn, datt, wann d'Kanner sech an däer Spillhal ameséieren, d'Elteren och sollen eng Méiglechkeet hu fir eppes méi ze maachen. Dofir ass och eng Restauratioun virgesinn, fir datt d'Eltere kënnen eppes Klenges iessen iwwerdeems d'Kanner op der Spillplaz sinn. Op däer aner Säit kënnen se zur selwechter Zäit eng Partie Keelen oder Bowling maachen. Dat ass e Konzept, dat et och an der Belsch scho gëtt a wat et dann elo och zu Péiteng gëtt. Dat wat dir sot, do wäerte mär eis och vehement dergéint wieren, an zwar, datt Jugendlecher sollen eraus aus dem Lycée gelackelt ginn. Mee déi Spillhal ass zu 99% net fir esou Saache gemënzt. Datt een do e Billardsdësch oder e Babyfoot an esou eng Hal setzt, dat gehéiert an esou eng Hal mat derbäi. Do sinn och déi kleng Kanner, déi spillen. Mee et ass net geduecht fir datt Jugendlecher do solle während oder no der Schoulzäit eng grouss Attraktioun gebuede kréien.

Romain Becker (Déi Gréng):

Bon, ech verwiere mech géint déi Ausso, datt ech komplett nieft der Plack leien. Ech weess, ëm wat et geet. Et steet hei, an dat hutt dir selwer ënnerschriwwen, „billard, babyfoot, jeux électroniques et autres“. An datt dat direkt nieft der Schoul gebaut gëtt ass jo och net vun ongeféier. Et steet esouguer an der Délibératioun. Do hu mer eis och net gescheit fir ze schreiwen „les activités du hall projeté s'intégreront facilement dans cette zone avec, à proximité, le Lycée technique Mathias Adam“, a vun deene geet kee mat den Elteren dohinner. Also dat mat den Elteren ass Schéischwätzerei. Et kënne wuel Kanner mat den Elteren dohinner goen, mee de groussen Deel vun de Leit si Jonker aus dem Lycée technique Mathias Adam. Well et gëtt net fir näischt bei den LTMA gebaut, an dat steet esouguer an der Délibératioun.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Do hutt der Recht, datt do och Aktivitéite fir déi dobäi sinn, esou wéi de Bowling an d'Keelebunnen. Mee der wäert och duerno gesinn wéivill Prozent fir iwwer 12-Jäereger a wéivill fir ënner 12-Jäereger an deem Gebai wäerte sinn. Dat wäert e Verhältnis vun 80 op 20 sinn. Där sidd jo fräi fir ze entscheeden, wat der maacht, mee ech soen iech, datt dat net esou ass wéi där dat hei sot. Där sollt äre Vote konform zu ärem Gewësse maachen, an déi aner maachen dat och.

Norbert Pierre (LSAP):

Hei gi mer nees e Kontrakt a mat engem „bail emphythéotique“ fir 99 Joer maachen, obwuel mer gesot haten – an dat ass net esou ganz laang hier -, datt mer dat net méi géife maachen. Also, datt den Terrain verkaf géif ginn, mee et géif keng „emphythéose“ méi gemaach ginn. Deemools ware mer och alleguer domatter averstanen. A wann déi scho gären eppes maachen an investéieren, dann hu se och Sue genuch fir den Terrain ze kafen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mär kënnen et net verkafen, soss musse mer et versteeën, an da kritt iergendeen et, deen dorop steet.

Norbert Pierre (LSAP):

Dann hätte mer besser, den Terrain fir eis ze behalen an näischt drop ze maachen an iergendwéi propper unzeleeën. Ech mengen, mer hunn zu Rodange Garage kaf, déi mer och frësch uleeën. Dann hätt een och do eng propper Entrée fir eran.

Deen anere Problem ass, wat dat mat sech bréngt. Och wann dat Kanner am klengen Alter sinn, also vun 0 bis 12, oder och méi grousser, déi sech selwer kënnen déplacéieren, esou brauch een awer Parkraum. Och wann d'Eltere mat hinne kommen. Mer hunn haut schonn dee Problem - wat kriminell ass – fir iwwer d'Collectrice eriwwer ze kommen a bei d'Weieren oder op de Fussballsterrain ze goen. Do muss ee frou sinn, wann ee stoe bleift fir een eriwwer ze loossen. Wat do geplangt ass gehéiert net dohinner. Do ginn ech och mengem Virriedner Recht, wann en dat unzweiwelt. Bon, ech hunn esou eng Spillhal nach net gesinn. Mee dofir muss ee jo och net direkt higoen an esou eppes opriichten.

Bei der „emphythéose“ bleiwen ech zwar derbäi. Mer kënnen et net verkafen, hie kann et duerno erëmkafen. Mee dann hätte mer et kënne versteeën an da wiere mer et lass gewiescht.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also ech soen iech, datt mer den Terrain net laang halen.

Roger Klein (LSAP):

Ech hu ganz interesséiert menge Virriedner nogelauschtert an ech sinn iwwerzeegt, datt den Här Becker sech e puer ganz grondleeënd Gedanken dozou gemaach huet, déi ech deelweis novollzéie kann. Ech kommen allerdéngs fir mech perséinlech zu e bëssen anere Konklusiounen.

Ech erënnere mech un déi Zäit, wou ech nach an der Bautekommissioun war, virun de Wale vun 2005, an do hate mer dee Projet zimlech dacks um Dësch leien. Do ware Vertrieder vun alle Parteien, déi do e puer Mol iwwer dee Projet geschwat hunn a wou och kee sech prinzipiell dogéint ausgeschwat huet. Mee mer hu gesot, datt en op eng gewësse Weis reduzéiert misst ginn. An e läit elo esou vir wéi et deemools gesot ginn ass.

Bon, ech weess, datt et elo modern ass. Ech hunn am Virfeld vun den Diskussioune vum nationale Budget gelies, datt do Leit soten, se wieren an de Kommissiounen dofir gewiescht, mee an der Chamber géifen se dergéint stëmmen. Dat fannen ech fir mech net déi richteg Approche. Ech kann also net géint eppes sinn, wou ech viru véier Joer prinzipiell keng Bedenken hat.

Eng zweet Saach. Mer soen, datt esou eppes bei de Lycée gebaut gëtt. Ech géif soen, datt eppes gebaut gëtt an eng Zon, déi „zone commerciale et artisanale“ ass, a mer hunn de Lycée och an déi Zon gebaut. Dat ass esou e bëssen d'Geschicht vun der Villa an dem Mëschtekoup, wat war fir d'éischt do. Fir d'éischt war jo déi Zon do, an déi war geduecht fir kommerziell Aktivitéiten. Do ass fir mech eng kommerziell Aktivitéit, déi do stattfënnt.

Da sinn natierlech d'Suergen ëm eis Schüler, ob se an der Spillhal oder am LTMA sinn, do. Ech mengen, déi Suerg ze léise kann een de Leit iwwerloossen, déi do schaffen an déi Buch féieren iwwer déi Schüler, déi do sinn an déi ze spéit si well se nach musse spillen. An op déi waarde ganz eescht Sanktiounen an d'Eltere wësse jo och, datt d'Schüler no der Schoul e Bus kréie fir heem ze kommen. A wann se e Bus duerno huelen, da wëssen d'Eltere jo och, datt se net direkt heem komm sinn. An esouguer wat d'Visite vun der Kantin ugeet kënnen d'Elteren owes um Internet kucken, wat hir Kanner mëttes an der Kantin ausginn hunn oder ob se hir Suen an d'Play City gedroen hunn. Esou datt, wat dat ugeet, ech mer net direkt esou Suerge maachen.

Ech ka mech och selwer erënneren u meng Schoulzäit. Ech hu meng Lycéeszäit matten an der Stad ugefaangen a mer sinn dunn an d'Märeler Wise geplënnert, wat fräizäitméisseg eng zimlech öd Geschicht war. All Stonn, wou mer Zäit haten, si mer an d'Stad gelaf, well do eppes lass war. Esou datt ech vun deem Punkt aus keen direkte Problem géif gesinn. An ofgesinn dovunner liewe mer hei och net op enger Insel wa mer d'Kanner beschütze wëllen. Et ginn awer sécherlech ronderëm, wéi zu Déifferdeng, Athus oder Mont St. Martin, esou Saachen, an da gi se dohinner spillen, esou datt ech kee Problem gesinn, wann esou eppes heihinner géif kommen.

Am éischte Moment hunn ech mer och iwwerluecht firwat déi Leit dat net kafen. An do hunn ech iwwerluecht, datt een an däer Zon en „bail emphythéotique“ mécht an doropshi ka kafen, esou datt ech – an hei schwätzen ech perséinlech – mat deem Projet do keng Problemer hunn.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech hat deemools d'Chance matzegoen a mer déi Spillhal unzekucken. Wann een dat gesinn huet, da weess een, datt do absolut keng Gefor besteet. Dat si kleng Baukasten, wou d'Kanner drop kloteren. Do komme keng Leit aus dem Lycée dohinner fir vun deene Spiller ze profitéieren. D'Ausleeë vun der Brasserie ewéi dat och zu Bonn war, dat war fir e Kannergebuertsdag ze feiere wou een och e Gebuertsdagskuch huet. Dat maache mär jo och selwer an der Schwämm. Op alle Fall ware mär enchantéiert deemools, wéi mer do waren. Mer hu gesot, datt, wa mer dat dohinner kéinte kréien, da wier dat eng Beräicherung fir d'Gemeng. Wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, d'Kanner sinn ënnerdaach a kënne spillen, se kënne mat hiren Elteren dohinner kommen. Se kënnen och ouni d'Elteren dohinner kommen, well et wäerte jo och Leit do sinn, déi d'Kanner betreien. Zu Bonn hu mär keen elektronescht Spill dobanne gesinn. Dat war op alle Fall wéi op eise Spillplazen, mee wou ee sech net wéi doe kann. Et ware Schlässer a Rutschbahnen am Plastik, se haten esou guer kleng Gokarten do, déi gefuer sinn. Ech fannen, datt dat eng gutt Saach ass an ech géif de Projet och ënnerstëtzen. Well Kanner, déi op déi schief Bunn kommen – och wann déi Hal net do ass, a se ass jo nach net do - déi sichen ëmmer e Moyen fir net an d'Schoul ze goen oder der ze stëbsen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Also, den Här Klein hat iwwer d'„zone commerciale et artisanale“ geschwat, an ech ginn him ganz Recht, datt déi Zon virum Lycée do war. Mee awer déi Leit hätten ni dorunner geduecht, wann net d'Schoul komm wier. Well da wieren se haut matten an der Pampa gewiescht an se hätte kee Public gehat.

Eng aner Saach ass déi, datt esou guer – ech muss dem Här Rosenfeld dat och nach eng Kéier widderhuelen - am Compromis bei „charges et conditions“ steet „jeux électroniques et autres“. Wann do „jeux électroniques“ steet, dann denken ech, datt se och schonn dru geduecht hu fir Videospiller dohinner ze stellen. Wat dann natierlech déi Leit ugeet, déi an der Schoul sanktionéiert gi respektiv doheem e Fouss an den Hënner kréie wa se net mat Zäiten heem kommen, dat ass wuel richteg. Mee mer sollen d'Kanner jo awer net dozou verféieren an dohinner lackelen. Well et sinn der ëmmer méi, déi sech duerch esou Saache verféiere loossen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech ginn iech Recht, wann et zu 90% „jeux électroniques“ gewiescht wier, mee et ass eng absolut Minoritéit. Mee mer kënnen awer och nach eng Kéier mat deem, deen do lount, e Gespréich

féieren ob et iwwerhaapt noutwenneg ass. Well doriwwer kéint een nach diskutéieren. Wann et do ass, dann ass et minimal a wierklech nëmmen e klenge Prozentsaz, deen net iwwer 10% ewech geet. Esou wéi den Här Klein virdru gesot huet, ass de Gros eng grouss Hal, wou Spiller sollen hikommen a wou Kanner tëscht 0 an 12 Joer spillen. Dat ass den Haaptakzent, dat anert ass en Accessoire. Mee mer kënnen awer kucken, ob deen Accessoire net kann op null erofbruecht ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech wëll just ënnersträichen, wat scho gesot ginn ass. Ech war deemools mat dem Här Rosenfeld esou e Projet an Däitschland kucken. Dat war absolut opgebaut op kleng Kanner. Datt elo, vum kommerzielle Standpunkt aus gesinn, och de Lycée am sougenannten „Einzugsgebiet" läit, dat kéint derbäi kommen. Dat wëlle mer och net ausschléissen.

Op däer aner Manéier musse mer awer och realistesch sinn. Mär hunn an engem Ëmkrees vun 100 Meter ronderëm de Lycée 5 Bistroen. Dem Gesetz no kritt een ënner 16 Joer keen Alkohol. Et gi wuel Barrièren, mee op däer aner Säit ass och de fräie Wëllen. A wann d'Leit muer op d'Porte Lamadelaine gäre Keele spille ginn, da gi se dohinner an de Café, a wa se heihinner wëlle kommen, da kommen se. Mee wat mär gesinn hunn, dat war fir ganz kleng Kanner opgebaut, esouguer mat engem Educateur derbäi, deen animéiert bei Gebuertsdags-partyen. Et war eng iwwerdeckte Spillplaz, esou e Genre wéi am Märeler Park, dat grousst Schëff, wou ee ka kloteren oder derduerch goen. Dat war dat, wat mer gesinn hunn. Mee et goufe keng elektronesch Spiller. Och e Billard oder e Kicker ass en elektronescht Spill. Wéi wäit een do mat den elektronesche Spiller ka goen, dat kann ee jo nach eng Kéier mat hinnen diskutéieren. Mee hei war eppes, wat ganz flott war. Bei der Entscheedung, déi mer getraff hunn – mär waren am Joer 2003 do -, stoung de Lycée net am Mëttelpunkt, mee eng iwwerdeckte Spillplaz fir d'ganzt Joer.

Dat anert soll een net ausschléissen an et soll ee skeptesch bleiwen. Mee et soll een awer net dee gréissten Deel dovunner, wat fir kleng Kanner geduecht war, ewech huelen, well dee Projet hei ass wierklech eng Beräicherung.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Da géif ech virschloen, dëse Punkt no der Diskussioun zur Ofstëmmung ze bréngen. An dat mat der Ännerung – an do soen ech dem Här Becker Merci, datt en eis dorop opmierksam gemaach huet -, well do muss e Lapsus virkomm sinn an der Délibératioun. Et ass S.A. an net S.C.I., esou wéi et am Compromis steet. An da géif ech déi Délibératioun mat der Ännerung zur Ofstëmmung ginn.

An da sinn ech iwwerzeegt, datt, wann den Här Becker dat emol richteg gesäit fonctionnéieren, da relativéiert hien seng negativ Remarquen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech hunn nach just eppes zu S.A. an S.C.I. ze soen. Dat steet net nëmmen esou an der Délibératioun. Do steet am Compromis bei „charges et conditions" Play City S.A. . An ech weess net, ob mer dat kënnen esou einfach änneren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass jo dat, wat ech gesot hunn. D'S.C.I. lount et an d'S.A. wäert et exploitéieren. Loosst dat roueg esou do stoen, wéi et do steet.

Accord avec 9 voix (CSV, DP, M. Klein) contre 1 voix (Déi Gréng) et 4 abstentions (LSAP, sauf M. Klein).

Guy Brecht (LSAP):

Mer wëllen awer och nach soen, firwat mer eis bei deem Projet hei enthalen hunn. Eischtens ass et emol eng „décision de principe", also et ass nach näischt Definitives.

Zweetens sinn et déi Saache mam Verkéier an et soll een och nach eng Kéier Récksprooch mat dem Propriétaire huelen iwwer wat fir elektronesch Spiller e wëll opstellen. Dat war de Sujet vun eisen Enthalung.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also mär engagéieren eis, wann iwwer den Acte hei ofgestëmmt gëtt, Präzisiounen hei am Gemengerot ze ginn. A mer géifen eis och nach eng Kéier iwwer déi Punkten ënnerhalen.

Jeannot Linden (LSAP):

Nach ganz kuerz. Et feelt e Plang hei an eisem Dossier. Wéi ech dat kucke war, do geet et nees ëm d'Emprisen. An do läit nees hei e Meter an do e Meter. Mer haten deemools, wéi mer déi Geschicht mam Roger & Diego haten, gesot, mer géifen dat regelen ier den Acte géif gemaach ginn. Do si kleng Stécker, wou mär musse kafen oder en Tosch maachen. Ech wollt just drop opmierksam maachen, net datt mer duerno Schwieregkeete kréien.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Da kläre mer dat och.

6.1.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.

Ratification à l'unanimité.

6.2.

Enseignement.

Organisation des classes de neige en 2009 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir hutt de Budget provisoire virleie fir d'Schnéiklassen 2009, déi vum 22. bis den 31. Januar 2009 zu Sigmundsberg iwwer d'Bühn ginn. Et sollen 163 Schüler, mat 27 Erwuessenen, matfueren. Ech soe 'sollen 163', well déi lescht Chiffere leien nach net fest. Well d'Eltere musse sech an deenen nächsten Deeg a Wochen décidéieren, ob se hir Kanner matgoe loossen. Mä de Maximum wieren 163 Schüler. A wann déi 163 Schüler géife matgoen, da miisste mer 5 Bussen hunn. Dofir hu mer och den Devis op 5 Busse gemaach. Et ass awer méiglech, an esou wéi ech déi Responsabel vum Comité héieren hunn, ass et esouguer denkbar, datt nëmme 4 Busse gebraucht ginn, well ëmmer eng gewëssen Zuel vu Kanner net mat geet.

Mir hunn awer de ganzen Devis op 5 Busse chiffréiert, an dat wier en Devis vun 110.469 Euro, wouvun 30.970 Euro, dat sinn 28%, vun den Eltere géife garantéiert ginn, an 79.499 Euro, dat sinn 72%, vun der Gemeng iwwerholl ginn.

Mir hu kënne feststellen, datt dee Betrag, deen d'Eltere bezuelen, e bësse méi héich ass wéi déi Joere virdrun. Soss war de Betrag bei 175 Euro. Mir hunn en elo eropgesat op 190 Euro, well mer eis ëmmer eng Linn wollte ginn, datt mer op 30% vun de Fraise kommen. Déi 30%, déi d'Eltere mussen iwwerhuelen, erreeche mer elo net, wa mer sollte mat 5 Busse fueren. Wa mer awer nëmme mat 4 Busse brauchen ze fueren, da géifen d'Elteren déi 30% assuréieren déi mer eis hei als Richtlinn ginn haten.

Ech géif nach eng Kéier vun dëser Plaz aus all deenen, déi un der Preparatiounsaarbecht deelgeholl hunn, an deenen déi och spéider matfueren, Merci soen. De Gemengerot huet e ganz flotten Dossier, mat allen Detailer, virleien. Dir kënnt och gesinn, datt regelméisseg

ëmmer dat selwecht Begleetpersonal matfiert. Bei all Klass ass och e Moniteur dobäi, dee bénévol matfiert. Mir soen och e spezielle Merci un d'Dr Hatz, déi sech ëmmer bereet erkläert fir eis Klassen ze begleeden. Dat ass sécherlech e positive Punkt an et berouegt d'Elteren. Well et berouegt een als Eltere wann ee weess, datt en Dokter mat ënnerwee ass. Et ass sécherlech eng flott Experienz fir d'Kanner, an déi meeschte Kanner fuere fir d'éischt mat an de Wantersport. An dofir sinn ech frou, datt déi Organisatioun d'nächst Joer nees stattfënnt.

Romain Becker (Déi Gréng):

Nach ëmmer si mir als 'Déi Gréng' géint de Wantersport, wou Schneisen an d'Bëscher gehae gi fir Schipisten unzeleeën. Am Summer, bei vill Reen, si keng Beem méi do, déi de Bulli unhalen, d'Waasser bremsen, wat da mat ganz héijem Tempo an d'Dierfer leeft. D'Konsequenze kënne mer alleguerten op der Tëlee an an den Zeitungen nokucken.

Dat Ganzt ass ekologesch bedenklech, a mir sollen de Kanner dat net zoumudden. D'Schnéiklasse sinn iwwerlieft, a miissten onbedéngt duerch eppes neies, eppes aneschters, ersat ginn.

Dësweidere kommen ech op eng Rei Problemer ze schwätzen, déi d'lescht Joer an der Organisatioun, respektiv am Duerchféiere vun de Schnéiklassen opkomm sinn, an iwwer déi ech informéiert gi sinn.

D'Leit vun der Organisatioun wollten net d'Responsabilitéit huelen, fir op engem Kand wat d'Zöliakie huet - dat ass eng chronesch Erkrankung vum Dünndarm - seng Iesssaachen opzepassen. Dat Kand huet extrat Brout, extra Nuddelen, asw., miisste mathuelen, well hat keng Gluten dierf iessen. Am Virfeld waren e sëllechen Entrevuë mat den Elteren, well d'Meedchen awer onbedéngt wollt matgoen. An et wier awer net zevill problematesch gewiescht, fir doropper opzepasse wat hat kéint iessen. Virun allem, well d'Elteren och schonns mam Kach vun do hannen telefonéiert haten. Mä déi Verantwortung wollt keen droen. Net d'Enseignanten, net den 'médecin accompagnant' an och net d'Accompagnateuren. Dem Meedchen seng Elteren hunn hinnen alles am Detail erkläert, mä déi Responsabel sote just, datt d'Eltere géifen iwwer-dreiwen.

D'Meedche war kee Mënsch méi, hat wollt net méi an d'Schoul goen, an et huet just nach doheem gekrasch. An et ass em ëmmer méi schlecht gaangen, well et wosst, datt seng Kollege géifen dohinner fueren an hat och onbedéngt wollt mat dobäi sinn. A wéi hat selwer mam Kannerdokter décidéiert hat fir matzegoen, war et iwwerzeegt dovunner. An och d'Eltere waren no laangen Diskussiounen och iwwerzeegt.

An ech fannen, datt alleguerten déi Grouss, déi Responsabel, och dohanne sollte responsabel sinn, a si hätte sech och kéinten esou behuelen an organiséieren, fir direkt deem Kand an den Elteren ze soen, si géifen op him seng Iesssaachen uecht ginn.

Si hätten dem Kand an och sengen Eltere vill Misère erspuert a gewise firwat si mat de Kanner matfueren, a gewise wat fir si Responsabilitéit ass.

Ech hoffen, datt all Mënsch dorauser geléiert huet, an d'Pädagoge sinn nees Pädagogen; d'Doktere sinn nees fir d'Wuel vun de Kanner do, an d'Accompagnateuren sinn do fir datt d'Kanner trotzdem e schéinen Opent-halt hunn. Well et soll jo ëm d'Kanner goen, a fir d'Kanner sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt elo net an enger ëffentlecher Sëtzung op dee ganz spezielle Fall do agoen. Dat wier vläicht net gutt, well ee vläicht géif Saache soen, déi net an eng ëffentlech Sëtzung gehéieren.

Fact ass awer, an dat hutt Dir och ënnerstrach, datt d'Kand schluss-endlech matgaangen ass, an dat no laangem Hin an Hier. Ech muss ganz kloer soen, datt eis Accompagnateuren, wéi och eist Léierpersonal, ëmmer bereet si fir d'Kanner - och wa se musse spezial beleet a spezial betreit ginn - matzehuelen. Mir hu viru Joeren en handicapéiert Kand am Rollstull matgeholl. Mir hunn dat heite Kand matgeholl, an dëst Joer wäerte mer erëm ee Kand mathuelen dat speziell iwwerwaacht muss ginn. An et ass schonn décidéiert, datt dat Kand matgeet, an do hu mer och e speziellen Accompagnateur mat dobäi fir op dat Kand opzepassen.

A wann et nëmme machbar ass, a wann d'Konditiounen nëmmen iergendwéi ze erfëlle sinn, da wäerte mer all Kand mathuelen. Wann et natierlech op eng Grenz kënnt, déi net méi ze iwwerkucken ass, a wou déi Leit, déi matginn - déi jo net nëmmen 1 Kand, mä 20 Kanner, ze begleeden hunn - net méi wëssen ob se dat nach kënne packen, da muss ee sech d'Fro stellen, ob een dat nach ka maachen.

Ech muss och nach soen, datt an deem heite Fall - an dat hutt Dir vergiess ze soen - den Eltere proposéiert gouf fir datt en Elterendeel mat hätt kënne fueren. Si hunn dat awer dunn net kënne maachen aus Grënn déi hir sinn, an dat ass sécherlech an der Rei. Mä mir hu schlussendlech, an dat ass de Fazit, dat Kand matgeholl, nodeem gekläert war, ob dat realisabel war wat verlaangt gi war. An dat war 'en fin de compte' laang net dat, wat an der éischter Phas de Responsabelen, déi matgefuer sinn, virgedroe gi war. Et gouf gesot, datt een dat Kand mat wesentlech manner Opwand kéint mathuelen, an doropperhin ass dat Kand dann och matgeholl ginn.

Et muss een och soen, datt déi Leit, déi d'Kanner begleeden, net selwer kachen. Op der Plaz ass eng grouss Kichen, an och do war Bedenke vum Kiche-personal fir bei ronn 200 Kanner op ee spezifesche Fall kënnen opzepassen. Dat wier schwéier méiglech, a wéi do déi Fuerderungen e bëssen zeréck-geschrauft goufen, an e bësse méi normal geschrauft goufen, war och ganz séier kloer, datt dat Kand kéint matgoen.

Accord par 12 voix contre 1 voix (Déi Gréng). M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.1.

Prévisions sociales.

Office social: budget rectifié de l'exercice 2008 et budget de l'exercice 2009 - approbations.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir hutt de Budget rectifié 2008 an de Budget prévisionnel 2009 vum Office social virleien. Dee Budget gouf eestëmmeg den 28.10.2008 duerch den Office social guttgeheescht. Eppes wat wesentlech ass, dat ass, datt mer e Budget vu ronn 820.000 bis 840.000 Euro pro Joer hunn um Niveau vum Office social, a wou d'Gemeng Péiteng dann en Defizit muss ofdecken - fir de Budget rectifié 2008 - vun 155.657 Euro, a fir de Budget 2009 vun 159.553 Euro.

Wat déi Budgeten ubelaangt, esou leien se ongeféier an der Linn vun de Joere virdrun. Mir haten zwar Joeren, wou e wesentlech manner héijen Defizit ofzedecke war. Mä 'en général' kann ee soen, datt dat do en Duerchschnëttsdefizit vum Office social ass.

Guy Brecht (LSAP):

Am Numm vun der LSAP-Fraktioun wëll ech dem Här Libert a senger ganzer Equipe, y compris och dem Sekretär vum Office social, villmools Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi se

geleescht hunn am Déngscht vun deene Leit, déi et méi néideg hunn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Als Schäffen- a Gemengerot schléisse mer eis ganz gären deene Wieder un. Mir wëssen, datt do regelméisseg Versammlunge sinn, wou 5 Leit aus dem Office social, mat den Assistantes sociales a mat dem Sekretariat, zesumme kommen. Op der anerer Säit wëll ech awer och net d'Gitta Schlesser vergiessen, wat am Bureau ganz vill Aarbecht fir den Office social mécht. An hinne gehéiert eise Merci.

Approbations à l'unanimité. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.2.

Prévisions sociales.

Office social: renouvellement d'un cinquième du bureau - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dem Här Libert, President vum Office social, säi Mandat leeft no 5 Joer aus, an dëst Joer steet dëst Mandat dann zur Verfügung. Den Här Libert huet fir dat Mandat nees seng Kandidatur gestallt. Op der anerer Säit huet den Office social a senger Délibératioun vum 29.10.2008 déi Kandidatur ënnerstëtzt. De Schäfferot huet a senger Sëtzung vum 31.10.2008 déi Kandidatur och ënnerstëtzt, a proposéiert se elo dem Gemengerot.

A wann de Gemengerot och 'Jo' zu dëser Kandidatur seet, dann ass den Här Libert nees fir 5 Joer Member vum Office social.

Vote secret: les 14 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.

7.3.

Prévisions sociales.

Organisation d'activités de loisirs: convention avec la société 'BDK.LU' de Pétange - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm eng Konventioun, déi mer net fir d'éischt maachen, an dat mer der Sociétéit 'BDK.LU', déi hei zu Péiteng hire Sëtz huet. An zwar geet et drëm, fir während de Schoulvakanze verschidde sportlech Aktivitéite fir Kanner vun 3 bis 15 Joer unzebidden.

Déi Associatioun schafft haaptsächlech bei eis an der Gemeng. Mir, als Gemeng, stellen hinnen d'Sportsinfrastrukturen zur Verfügung. D'Kanner, déi hei bei eis an der Gemeng wunnen, bezuelen 60 Euro d'Woch, an déi Kanner vun auswäerts bezuelen 75 Euro d'Woch. D'Stonne lafen normalerweis vu mueres 9 bis mëttes halwer 5. Et ass och eng Garderie fir Kanner op der Plaz, déi scho mueres vun 8 bis 9 Auer fonctionnéiert, an owes vun halwer 5 a 6 Auer.

Dat hei ass eng ganz flott Saach, a mer si bis elo ganz gutt mat dëser Sociétéit gefuer, an dofir géif ech iech biede fir dëser Konventioun op en neits zouzestëmmen.

Guy Brecht (LSAP):

Mir ginn elo an dat drëtte Joer, wou mer mat däer Firma déi Konventioun maachen. Et si jo och keng nennenswäert Reklamatiounen a Beanstandungen erakomm, esou datt mer op deem Wee kënne weiderfueren.

Ech hu just eng kleng Detailfro: Ginn et Zuelen, wéivill a watfir Kanner sech un deenen Aktivitéite bedeelegen?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et waren an der Läscht tëscht 35 a 50 Kanner pro Aktivitéit. Ech froen awer déi genee Chifferen nach eng Kéier an eisem Bureau no, an da reechen ech déi no.

Carlo Gira (CSV):

Meng Fro huet sech eriwweregt, well et déi selwecht war wéi dem Här Brecht seng.

Approbation à l'unanimité.

7.4.

Prévisions sociales.

Aides au Tiers Monde: formation de dirigeants communautaires dans les provinces de Sucumbios et Orellana (Ecuador) - décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

Den 1. Abrëll 1996 huet de Péitenger Gemengerot sech engagéiert fir Drëtt Welt Länner ze ënnerstëtzen, an dat duerch Zoustëmme vun der Klimabündnis-Konventioun. D'Asbl Action Solidarité Tiers Monde huet eis gefrot, fir hire 'projet de financement' am Ecuador och dëst Joer ze ënnerstëtzen. Et geet drëm, fir 'dirigeants communautaires' ze formëieren an de Provënze Sucumbios an Orellana, déi sech géint d'Verknaschten an d'Verseuche vun hirer Géigend asetze sollen.

Dir kennt alleguerten d'Geschicht, wou eng grouss amerikanesch Petrolsfirma tëscht 1967 an 1990 toxesch Offäll duerch Buerungen am Nord-Ecuador hannerlooss huet, déi einfach an de Buedem gebuddelt gi sinn. Duerch de Reen hunn déi Gëfter am Laf vun de Joeren d'Flëss contaminéiert.

Zanter 1993 lafe Prozesser op de Geriichter, iwwer d'Verseuchung vun der Ëmwelt, awer och iwwer ganz schlëmm Gesondheetsschied bei den Awunner vun dëser Ëmgéigend.

Säit 1994 hu sech hir Baueren, Duerfgemeinschaften, Mënscherechtsorganisatiounen, Ëmweltassociatiounen, iwwer d'ganz Welt zesummegedoen, am Kampf géint den Ëmweltschued am Amazonien. Eng Associatioun vun hinnen ass dann och d'Action Solidarité Tiers Monde.

De Cooperatiounsministère huet e Kaderaccord mat der ASTM getraff, a subventionéiert hire Projet iwwer d'Joeren 2005 bis 2009 zu 80%. Eng Rei Klimabündnisgemengen hëllefen och dëse Projet ze finanzéieren, wéi d'Gemengen Diddeleng, Esch, Ettelbréck, fir nëmmen déi ze nennen.

De Projet besteet doranner, fir Formateuren auszebilden, fir deenen eenzelnen Duerfbewunner hir ekonomesch, sozial a kulturell Rechter matdeelen ze kënnen. Et ass och e Grupp mat Techniker op d'Bee gesat ginn, déi mat Kameraen, Mikroen, Computer, asw., dat Ganzt ënnerstëtzen.

Bénéficiaires directs vum Projet sinn déi 30 forméiert 'dirigeants communautaires', an indirekt déi 5.000 Leit, déi an 23 Communautéite vun de Provënze liewen.

De Budget vum Finanzplang beleeft sech op 70.000 Euro. Mir hunn am Budgetsartikel fir den Tiers Monde 30.000 Euro agedroen, an ech proposéieren - esou wéi och schonn d'lescht Joer - der Asbl Solidarité Tiers Monde Lëtzebuerg eng Subventioun vun 5.000 Euro fir hir Aktiounen am Ecuador zoukommen ze loossen.

Camille Bosseler (CSV):

Ech fannen et wichteg, datt mer wierklech déi Leit net alleng mat hirem ganze Misère, deen op se zoukomm ass, loossen, an datt ëmmer Hëllef gemaach gëtt.

Och aner Saache fir Leit ze ënnerstëtzen, wéi zum Beispill déi alimentaire Hëllef, ass scho wichteg, an et ass och gutt, datt mer do ëmmer dobäi sinn a mathëllefen.

Accord à l'unanimité.

7.5.

Prévisions sociales.

Aides au Tiers Monde: aide alimentaire pour Haïti 2008 - décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

E weideren Hëllefsprojet hu mer fir Haïti virgesinn, an en dréint sech ëm den Honger. Honger deet wéi, Honger ass eng schwéier Krankheet, dat sinn Aussoen, wéi Honger dreift Kanner klauen, Honger léisst d'Messer net an der Scheek.

Knapp d'Halschent vun 9.500.000 Awunner huet net emol 1,5 Euro pro Dag zur Verfügung. Kaum een huet eng fest Aarbecht. D'Kanner kréien héchstens eng Molzecht am Dag, an dat ass Räis a Bounen, heiansdo e Maufel Fleesch oder Fësch.

Am Moment erliewen se op Haïti eng Hongersrevolte. D'Gewalt vun der Bevëlkerung fuerdert d'Regierung ze stierzen, an dëst wéinst deenen ëmmer méi héije Liewensmëttelpräisser. Et kënnt dobäi, datt duerch regelméisseg Hurricaner d'Plantatiounen zerstéiert ginn.

D'ONG Objectiv Tiers Monde ass säit 1985 an Haïti an der Entwécklungshëllef bedeelegt a cooperéiert mat Partner op der Plaz. D'Interventioun an de Projet vun Objectiv Tiers Monde ass eng technesch a finanziell Begleedung. Si schaffen zesumme mat deenen Associatiounen op der Plaz, déi fir d'Entwécklungsaarbecht zoustänneg sinn. De gréissten Deel vun dësem Hëllefsprojet gëtt an d'Landwiertschaftsproduktioun investéiert, nom Motto 'Liewensmëttelkris, Liewensmëttelhëllef, Liewensmëttelsécherheet'. An anere Wieder: déi aal Leit ënnerhalen d'Ackerland, d'Produktioun gëtt verkaf, a fir déi Suen, déi erakommen, ginn d'Kanner an d'Schoul a kréien an der Schoulkantin ze iessen.

Am Projet ass och mat abegraff eng Basisformatioun iwwer Technike fir Landwiertschaftsproduktiounen, an natierlech d'Material dat néideg ass fir e Resultat ze kréien.

Laut den Aussoe vun der ONG hunn duerch dëse Projet déi Aarm eng Perspektiv, esou datt den Drock, fir vun der Haaptstad Port-au-Prince a Bidons-villes ze landen, zeréckgeet.

D'Bénéficiaire vun dësem Projet sinn iwwer 1.500 Familljen, a 1.400 Schüler, déi esou wéinstens eng waarm Molzecht pro Dag garantéiert kréien.

De Finanzplang vun Objectiv Tiers Monde beleeft sech op 156.500 Euro. Den Ausseministère gouf den 2. Mee 2008 säin Accord fir dëse Projet mat enger Contributioun vun 2/3 ze ënnerstëtzen, dat sinn 133.000 Euro. Domatter muss d'ONG dann 23.500 Euro opbréngen.

Mir hu gemengt, datt 15.000 Euro fir dëse Projet proportionéiert wieren, a mer kéinten der ONG Objectiv Tiers Monde dëse Betrag zoukomme loossen. Dës Zomm hu mer am Budgetsaktikel vum Exercice 2008 disponibel.

E weidert Argument ass, datt mer nach ni e Projet op de Groussen Antillen ënnerstëtzt hunn, an datt ee vun den Haaptleit aus der ONG Objectif Tiers Monde e Péitenger ass, an zwar den Här Paul Ginter vun der Athuser-Strooss.

Accord à l'unanimité.

8.1.

Aménagement du territoire.

Servitude d'interdiction de lotissement et de construction frappant des terrains sis entre la route de Niederkorn à Pétange et la rue du Vieux Moulin à Lamadelaine pendant la phase d'élaboration du nouveau Plan d'Aménagement Général (PAG) - prolongation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir wësst, datt mer am gaange sinn um PAG ze schaffen. Mir sinn och nach haut de mueren zesummekomm fir dat nach weider ze entwéckelen, esou datt mer am Laf vum nächste Joer - ech géif soen an der éischter Halschent vum nächste Joer - och de Gemengerot wäerte mat der éischter Ebauche confrontéieren an eng Diskussioun am Gemengerot féieren. Mir hunn awer hei zwee Terrainen, wou mer mengen datt se eng Diskussioun Wäert wieren am Kader vum PAG. A fir datt do elo näischt op deenen zwee Terrainë geschitt, déi eventuell däer Décisioun, déi de Gemengerot an Zukunft wäert huelen, géif entgéintwierken, wollte mer déi Terrainë mat enger 'servitude d'interdiction de lotissement et de construction' beleeën.

Zu deem heite Punkt hu mer schonn eng Kéier eng Décisioun den 19. Juni 2007 geholl. Den 3. Juli 2007 gouf dës Décisioun vum Inneminister approuvéiert an et gouf am Memorial A-32 vum 27. Mäerz 2008 publizéiert.

Et géif elo drëm goe fir dat nach eng Kéier ëm ee Joer ze verlängeren, well spéitstens no deem Joer gesi mer méi wäit, an dann hu mer eis Décisiounen am Kader vum PAG geholl.

Mir proposéieren iech just, fir een Terrain auszeklameren. Dat ass den Terrain vun der S.A. Vossloh. Déi si virun enger gewëssen Zäit un eis erugetrueden, a si wëlle gären hir Bürosraim e bësse vergréisseren, an dat mat virgefäerdegte Gebailechkeeten. A si kënnen dat elo net maachen, well mer déi Servitude och op deen Terrain geluegt hunn. Mir wëssen awer och, datt mat der Entwécklung vun deem Projet, deen elo am gaangen ass, déi Terrainen net an enger éischter Phas concernéiert sinn, an dann och am Kader vum PAG näischt virgesinn ass. Dofir proposéiere mer dem Gemengerot, fir déi 'servitude d'interdiction de lotissement et de construction' op dee ganzen Terrain - esou wéi mer dat den 19. Juni 2007 décidéiert haten - festzeleeën, mat Ausnam vun dem Terrain Vossloh, wou déi Firma drop installéiert ass.

Romain Becker (Déi Gréng):

Kann de Schäfferot eis haut scho soen, wéi wäit et mat den Dikussioune mam Noper vun der Firma Vossloh ass?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir sinn am gaangen ze kucken, wat op deem Site kann entstoen. Do sinn e puer Méiglechkeeten, déi sech ausweisen. Déi eng ass effektiv déi, datt mer do - dat ass och dem Schäfferot seng Iwwerleeung fir an déi Richtung ze goen - e 'plan de lotissement' maachen, wou mer e Mix hu vun Haiser, vun Appartementer a vu Plaze wou en Service kann ugebuede ginn a wou mer Betriber kënne festleeën. Do sinn awer nach Diskussioune mat der Eisebunn, fir ze kucken, wéi dee Site sech dann an Zukunft kann erschléisse loossen. An déi Diskussioune sinn nach net zum Schluss komm. Gëschter hunn ech nach mat engem Responsabele vun der Eisebunn geschwat, fir ze kucke wou deen Dossier drun ass. Mir waarden haaptsächlech nach do op een Avis. An da wäerte mer nach weider Gespréicher mat däer Firma do hunn, an da wäerte mer och um Punkt si fir kënnen dem Gemengerot e bësse méi genee ze soen, wat do geschitt.

Mä et kann een awer dovunner ausgoen, datt et e Mix gëtt vu Wunnen, Schaffen a Betriber. Dat ass déi Richtung, an déi mir wëlle goen, a mer hoffen, datt mer och an déi Richtung mat deenen eenzelne concernéierte Parteie kënne goen.

Accord à l'unanimité.

8.2.

Aménagement du territoire.

Servitude d'interdiction de lotissement et de construction frappant des terrains situés entre la rue Jean Waxweiler et la rue Belair, lieux-dits 'An den Jénken' et 'Um Hondsréck', à Pétange, pendant la phase d'élaboration du nouveau Plan d'Aménagement Général (PAG) - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei dësem Punkt ass de Fall ähnlech gelagert. Do sinn och eng ganz Rei Démarchen, déi un de Schäfferot erugedroe gi si fir ze soe wat een op deem Terrain kéint maachen. Well mer awer eigentlech dat eréischt am Gemengerot diskutéieren a décidéieren am Kader vum PAG, an net elo scho wollten obligéiert gi fir kuerzfristeg - an ouni e Gesamtbild iwwer dee ganze PAG ze hunn - dem Gemengerot d'Décisioune virzeleeën.

Dofir wollte mer elo haut dem Gemengerot proposéieren, fir och op deem Terrain esou eng 'servitude d'interdiction de lotissement et de construction' ze leeën, fir iwwer dee Wee Saachen ze verhënneren déi duerno eigentlech dat kéinten hypothekéiere wat am Kader vum PAG eventuell op deenen Terrainë kéint realiséiert ginn oder och net realiséiert kéint ginn. Dat hänkt an Zukunft vum Gemengerot of.

An dëser Phas geet et eis drëm fir all Situatioun, oder all Ännerung, déi eventuell alles kéint hypothekéiere wat duerno kéint geschéien, ze vermeiden, an dofir wollte mer dem Gemengerot proposéiere fir esou eng Servitude fir ee Joer op déi Terrainen ze leeën. Domatter kréie mer Loft an déi néideg Zäit fir d'nächst Joer, am Kader vum PAG, eis Décisiounen ze huelen, an dann ass dat natierlech och erëm alles op an da kënnen och déi Realisatioune gemaach ginn, déi mir eis och op deenen Terrainë virstellen.

Guy Brecht (LSAP):

Ech wollt just am Allgemenge soen, datt ech Iech, Här Buergermeeschter, un dat wëll erënneren, wat Dir virun net all ze laanger Zäit gesot hat. An dat ass, datt mer effektiv eng Kéier eng Diskussioun miisste féiere fir ze kucken, zu wat mer hei an der Gemeng nach bereet sinn, wéivill Leit mer nach kënnen ophuelen, wéivill Logementer mer nach kënne bauen. Mä ech mengen, dat kënne mer jo da bei der Diskussioun vum PAG nohuelen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Viraarbechte si vum Bureau Zeyen & Baumann am gaange gemaach ze ginn. Mir haten haut nach e Gespréich. Mir hunn eis en Timing gesat, datt mer am Fréijoer nach Gespréicher mam Ministère de l'environnement féieren, an och mat der Commission de l'aménagement, fir och e bëssen deenen hire Bols ze fillen, an esou ze gesi bis wouhinner eppes méiglech ass a fir ze kucken, wéi wäit si wat kéinten akzeptéieren. An direkt do duerno - nodeem mer déi Entrevuen haten - wäerte mer eng informell Diskussioun hei am Gemengerot féieren. Dann hu mer och Zuele virleien, a mer wëssen och wat et konkret heescht, wéivill Awunner et wieren, wat et vun Infrastrukture bedeit, asw., a wa mer eis solle festleeë wat mer bereet sinn ze maachen oder net.

Ech kann awer elo scho soen, datt de Schäfferot net bereet ass - an dat ass och eng kloer Richtlinn déi mer dem Bureau ginn hunn - grouss Ouverturen ze maache vu Bauland. Wa mer emol dat applizéieren an dat maache wat nach am Bauperimeter läit a wat mer hunn a méiglech ass, dann hu mer scho ganz vill gemaach. Et gëtt vläicht déi eng oder aner Ouverture, déi de Gemengerot ka maachen. Mä dat ass eng Diskussioun, déi mer musse féieren. Awer ganz grouss Konzessiounen an deem Beräich kënne mer net maachen, well mer wuesse scho vum selwen anstänneg genuch. Esou datt mer net nach musse groussaarteg de Perimeter opmaache fir neit Bauland ze schafen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Zum Deel si meng Froe scho beäntwert ginn. Ech wollt och froen, wéi wäit mer kéinte goen, oder wat mer geplangt hunn, an op wéivill mer kéinten ausgoen.

Wa mir esou eng 'servitude d'interdiction de lotissement et de construction' hei am Gemengerot stëmmen, dann heescht dat jo och, datt et schonn iergendwéi geplangt ass, oder datt do schonn iergendwéi spekuléiert gëtt. All déi Spekulatiounen, déi momentan dobaussen zirkuléieren, si jo dann hifälleg, wa mer dat dote jo esou einfach blockéieren, oder?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Während engem Joer geschitt elo näischt méi op däer Plaz. Ausser de Gemengerot géif déi Décisioun elo selwer erëm ophiewen.

Accord à l'unanimité.

9.

Sports et loisirs.

Piscine de Rodange: contrat de gardienage et de surveillance avec "Gia ABANICO" s.àr.l. de Foetz - approbation.

Gilbert Welter, Schäffen:

De Schäfferot huet e 'contrat de gardiennage et de surveillance' mat der Sociétéit 'Gia ABANICO' vu Féitz ënnerschriwwen. An zwar geet et ëm de PiKo, an et ass geduecht fir owes, wann d'Personal erausgeet, respektiv wann d'Schwämm zou ass. Den Detail vum Kontrakt fannt der an ären Ënnerlagen.

De Kontrakt leeft op ee Joer a kann da vu Joer zu Joer automatesch weiderlafe gelooss ginn, falls net eng vun deenen zwou Parteien 3 Méint virdrun de Kontrakt géif kënnegen. De Präis vun däer Affaire sinn 403,82 Euro hors TVA pro Mount.

Approbation à l'unanimité.

10.1.

Transports et communications.

Règlement temporaire de la circulation (travaux d'assainissement de la canalisation dans diverses rues de Pétange) - décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat hei Reglement ass am Zesummenhang mam nationale Keelenzenter, deen am Zoning soll entstoen. Do läit de Moment nach e Kanal, deen d'Aarbechte behënnert an dofir muss verréckelt an ugepasst ginn. Bei däer Geleeënheet gëtt och gekuckt fir d'Waasser, dat fir de Moment nach vun uewe komesch erofleeft - dat leeft fir de Moment nach duerch den Terrain 'Lazar' erof - fir dat richteg opzefänken an ze kanaliséieren. Et kommen also gréisser Aarbechten a Fro, déi de 5. Januar 2009 sollen ufänken a bis de Congé collectif wäerten daueren.

Et gëtt op e puer Plaze geschafft, an dat wier an de Stroossen 'Pierre Hamer', 'Pierre Grégoire', 'Robert Krieps', 'Op Raechels', 'Edward Steichen' an an engem Deel vun der Gaarde-Strooss.

Et gëtt opgerappt, déi aal Leitung gëtt erausgeholl an duerch eng besser ersat. De Kanalisatiounssystem gëtt verluegt a gëtt laanscht den zukënftege Keelenzenter geluegt. Esou datt mer 'suivant l'avancement des travaux' heiansdo de Verkéier duerch déi Stroosse musse mat Luuchten oder Schëlder regléieren. An der Enceinte vum Chantier ass dann och Stationéie-

rungsverbuet an eventuell kann zäitweis och e 'sens unique bestoen'.

Et ass wichteg, datt mer déi Décisioun hei séier huelen. Et ass och positiv, datt dee Staukanal direkt elo scho ka gemaach ginn. De Siach ass do de 'maître d'ouvrage', a well mer elo schonn dës Aarbechte maachen, si mer och net handikapéiert, wann net mam Bau vum Keelenzenter lass geet.

Accord à l'unanimité.

10.2.

Transports et communications.

Règlement temporaire de la circulation (travaux d'assainissement de la canalisation dans diverses rues de Lamadelaine) - décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat hei ass och e gréissere Projet. Et ass dat den Assainissement vun der Eechelsbaach. Dat ass och e Projet, dee scho laang an der Diskussioun ass, an dee mer onbedéngt musse realiséieren, well mer soss vum Waasserwiertschaftsamt keng Subside méi kréien op anere Plazen.

Mir si praktesch forcéiert ginn, fir ganz séier do virun ze fueren. Och do soll et dann elo Uganks Januar lass goen, an déi Aarbechte wäerte bis an de September daueren. Well et ass dat e méi delikate Chantier. Do gëtt am Fong geholl vun der rue du Moulin bis an d'rue du Vieux Moulin déi ganz Eechelsbaach vum Kanalsystem getrennt. Mir mussen deelweis duerch d'rue des Prés fueren, dann eriwwer duerch d'rue Jean Thill. Da geet et hanne laanscht d'Limite vun de Leit hire Gäert bis ënnenhinner an d'Lëtzebuerger Strooss, wou mer nieft den Ponts et Chaussées nees erauskommen.

Mir rechnen, datt mer d'Aarbechte kënnen an 250 Deeg ofschléissen. Iwwerall an deene Stroossen, wou da geschafft gëtt, muss dann och den Trafic aneschters regléiert an e Stationéierungsverbuet ageriicht ginn. Et bleift awer ëmmer esou, datt d'Leit bei hir Haiser kommen, mä et besteet dann eventuell e 'sens unique' oder de Verkéier gëtt duerch Luuchte regléiert.

Och do soll et mat den Aarbechten de 5. Januar lass goen.

Jeannot Linden (LSAP):

An der rue du Moulin kënnt jo héchstens d'Affaire vun engem 'sens unique'. Do gëtt jo awer näischt geschafft?

Roland Breyer, Schäffen:

Do gëtt direkt näischt geschafft. Mir kommen aus der rue des Prés, do wou déi Bauplaz nach ass, an d'rue Jean Thill eran, an da geet et hanne laanscht d'Gäert weider.

Accord à l'unanimité.

11.

Questions des conseillers communaux.

Carlo Gira (CSV):

Ech begréissen et, datt op der Kräizung vun der Athuserstrooss mat de Jénken eng Ampelanlag opgeriicht ginn ass. Dës ass besonnesch sënnvoll an de Spëtzestonnen, déi aner Zäit, wou de Verkéier méi roueg ass, wéineger. Dofir meng Fro:

Ass net geplangt fir dës Luuchten, wéi op der Haaptstrooss, owes an eventuell de Weekend op Blénkliicht ze schalten? An deem selwechte Kontext wollt ech wëssen, ob déi Luucht fir de Foussgängeriwwergang a Richtung Sportshal vun der Athuserstrooss aus weider bestoe bleift?

Roland Breyer, Schäffen:

Déi Luuchten, déi elo do opgestallt gi sinn, an déi d'Jénken bedéngen, hunn zwou Fonctiounen. Et ass sécherlech, fir datt déi aus de Jénken méi séier erauskommen op d'Haaptstrooss, mä méi eng grouss Fonctioun hunn déi Luuchten awer fir de Verkéier op der Athuserstrooss e bëssen ze dämmen. Mir haten eng Luucht do stoen - an déi de Moment och nach fonctionnéiert - déi mat der Vitesse gekoppelt war. Déi Luucht war awer am Fong geholl ni autoriséiert ginn, well esou eppes op enger Statsstrooss net dierf gemaach ginn. Et däerf een eng Vitesse uweisen, mä et dierf een awer net dat mat enger Luucht kombinéieren, déi automatesch op Rout oder Gréng spréngt. Dofir hu mer eng aner Léisung miisste sichen. An déi Solutioun ass elo déi, datt - wann een aus de Jénken erausfiert, an een an enger 'file d'attente' steet - ee Gréng kritt, an d'Athuserstrooss kritt Rout.

D'Haaptfonktioun ass also haaptsächlech fir de Verkéier an der Athuserstrooss ze bremsen. Et war net alleng fir de sécheren Iwwergang ze schafen, well mer hunn nach aner Plazen an der Gemeng, wou och Citéë sinn, a wou mer dann och miisste Luuchte setzen.

Huet et Sënn fir op Blénkliicht ëmzeschalten? Mir hu Statistike gemaach. Dir wësst, datt mer en Apparat hu fir de Verkéier ze moossen. Mir hunn eng ganz Woch laang am August, vum 14. bis den 21. August, op däer Strooss de Verkéier gemooss. Dat war eng roueg Period, a mer haten op der ganzer Strooss 4.504 Autoen, déi mer gezielt hunn. Mir hunn awer festgestallt, datt nëmmen owes no 7 Auer, a mueres tëscht 6 a 7 Auer, Vitessë gemooss gi sinn tëscht 88 a 90 Stonnekilometer. Et ass just während däer Zäit wou awer nach gerannt gëtt. D'Gefor ass einfach déi, wann een d'Luucht op Blénker mécht, datt da keen do ass fir dat ze kontrolléieren, a wann een aus de Jénken erauskënnt, dann huet ee keng Ofsécherung.

Mir wäerten nach eng Kéier Moossunge maachen, a wann et sech an deem Mooss nach ëmmer développéiert, da géif ech awer proposéiere fir d'Luucht weider sinn ze loossen, quid datt et am Moment e bëssen nervt wann een op enger Strooss, wou net vill Verkéier ass, bei Rout muss stoe bleiwen.

En zweete Problem ass, datt d'Benotzer vun der Athuserstrooss sech am Moment kënnen opreegen, datt déi Luuchten net richteg fonctionnéieren. Si fonctionnéiere richteg wat d'Technik ubelaangt, mä et ass esou, datt, wann een an d'Jénken erafiert an d'Kéier ganz grouss hëlt, - an et si Leit déi sech e Spaass dorauser maachen - se iwwert d'Boucle fuere fir erauszefueren, an domatter an der Athuserstrooss d'Luucht op Rout schalten. A wann da keen Trafic lénks a riets ass, da kann ech verstoen, datt deen, deen op der Athuserstrooss muss hale bleiwen, sech opreegt. Mir kucken, fir dat emol fir d'éischt ze léisen, an datt dat Gespills do ophéiert.

Carlo Gira (CSV):

Et ass emol kee Gespills. Well déi, déi erafueren, musse sech relativ riets halen. An een, deen d'Kéier e bësse grouss hëlt, dee fiert driwwer.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir kucke fir dee Problem emol fir d'éischt ze léisen, esou datt et op der Haaptstrooss nëmmen da Rout gëtt, wann och een aus de Jénken wëll erausfueren. An dann - huelen ech un - gëtt déi Luucht och akzeptéiert.

An da kucke mer, ob mer eventuell op d'Blénken iwwerginn. Dat wëll ech net ausschléissen. Déi Foussgängerluucht, déi elo nach zousätzlech do ass, gëtt awer ewechgeholl. Déi setze mer de Moment op Blénken, fir einfach op den Zebrastreifen hinzeweisen. An am neie Verkéiersreglement kënnt déi Luucht dann ewech. De Foussgängerstreife bleift awer bestoen.